



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 05.02.2021

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Emilia Oliveira,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Jos Thill,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	4
1. APPROBATION DU TABLEAU DE PRÉSEANCE DES MEMBRES DU CONSEIL COMMUNAL	8
2. CORRESPONDANCE	8
3. AMÉNAGEMENT COMMUNAL – RECOURS AU DROIT DE PRÉEMPTION POUR L'ACQUISITION DE TERRAINS SIS « RUE ANGELDALL »	9
4. AVIS À DONNER AU SUJET DU PLAN D'ACTION CONTRE LE BRUIT	14
5. CIRCULATION	20
5.1. Règlement temporaire de la circulation à l'occasion du chantier du Shared Space – phase 3	
5.2. Avenant au règlement général de la circulation au sujet de la piste cyclable mixte au site « NeiSchmelz »	
5.3. Modification du règlement général de la circulation au sujet des pistes cyclables	
6. FINANCES COMMUNALES	26
6.1. Modification du chapitre VII – City Bus et Flexibus – du règlement-taxes général	
6.2. Approbation des tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et modification du chapitre XIV – Gaz – du règlement-taxes général	
6.3. Modification du chapitre XXVIII – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général	
6.4. Approbation du devis estimatif et du crédit supplémentaire pour l'acquisition d'un terrain près de l'école Ribeschpont	
6.5. Approbation du devis estimatif et du crédit supplémentaire pour l'acquisition de terrains pour l'aménagement de logements sociaux ainsi que du devis pour la construction de logements sociaux dans la rue Nic Bodry	
6.6. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation de mobilier au 1er étage de l'école Baltzing	
6.7. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation de mobilier encastré dans les salles de classe de l'école Brill	
6.8. Approbation du devis estimatif relatif au déménagement de la deuxième chaudière du bâtiment C et à l'adaptation du bâtiment B de l'école Strutzbierg	
6.9. Approbation du devis estimatif relatif à la régulation et l'adaptation des chaudières des bâtiments B et D de l'école Strutzbierg	
6.10. Approbation d'un devis remanié et d'un devis estimatif relatifs à la participation aux divers chantiers de la société Post	
6.11. Approbation d'un acte de cession gratuite avec la société anonyme « Réalisations Immobilières Dudelange S.A. »	
6.12. Approbation d'un acte de vente avec la société à responsabilité limitée B4U S.à r.l.	
6.13. Approbation d'un acte d'échange avec la société à responsabilité limitée « Trident S.à r.l. »	
6.14. Approbation de la convention relative aux aides à la construction d'ensembles – rue du Commerce 37-39	
6.15. Approbation de la convention relative aux aides à la construction d'ensembles – rue Milly Steinmetz-Ludwig	
6.16. Approbation de décomptes	
6.17. Subsidés extraordinaires à allouer	
7. APPROBATION DE L'AUGMENTATION DE CAPITAL DE LA SOCIÉTÉ NATIONALE DES HABITATIONS À BON MARCHÉ (SNHBM)	37
8. OFFICE SOCIAL – APPROBATION DES BILAN ET COMPTE DES PROFITS ET PERTES DE L'EXERCICE 2018	37
9. PERSONNEL	38
9.1. Conversion d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement B1, sous-groupe technique en poste d'employé communal de la même carrière	
9.2. Conversion de deux postes d'employés communaux de la carrière C1 en postes d'employés communaux de la carrière B1 (éducatif et psychosocial)	
9.3. Création d'un poste dans la carrière de l'agent polyvalent (carrière A3) sous le statut du salarié (chômeur longue durée)	
10. APPROBATION DE CHANGEMENTS DANS LA COMPOSITION DE DIFFÉRENTES COMMISSIONS COMMUNALES	39
11. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	39

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina (à l'exception du point numéro 6.16 de l'ordre du jour), René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova (à l'exception des points numéros 6.2, 6.3 et 9.2 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen (à l'exception du point numéro 6.1 de l'ordre du jour), Michèle Kayser-Wengler (à l'exception des points numéros 6.2 et 6.3 de l'ordre du jour) ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira ; Messieurs Jos Thill (à l'exception des points numéros 6.6 à 6.10, 8 et 9.1 de l'ordre du jour) et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Visioconférence : Madame Sylvia Andrich-Duval, conseillère communale, assiste à la réunion par visioconférence.

Début de la séance publique à 08.00 heures. Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. En début de séance, Monsieur le bourgmestre procède à l'assermentation de Madame Semiray Ahmedova comme nouvelle conseillère communale de la fraction politique « Déi Gréng ». Madame Ahmedova prend la relève de Madame Romaine Goergen qui a démissionné du conseil communal en décembre 2020. Après l'assermentation, Madame Ahmedova tient son discours inaugural. Suit la liquidation de l'ordre du jour.

1 – TABLEAU DE PRÉSENCE

Le conseil communal arrête à l'unanimité le tableau de présence du conseil communal, comme suite à l'entrée en fonctions de Madame Semiray Ahmedova comme conseillère communale. Le tableau de présence détermine l'ordre dans lequel les conseillers remplacent, le cas échéant, les bourgmestre et échevins. Il est dressé conformément aux dispositions de l'article 11 de la loi communale et se présente comme suit pour la Ville de Dudelange : Madame Michèle Kayser-Wengler, Monsieur Bob Claude, Monsieur Jean-Paul Gangler, Monsieur Jean-Paul Friedrich, Monsieur Vic Haas, Madame Emilia Oliveira, Madame Martine Bodry-Kohn, Monsieur Romain Zuang, Madame Sylvie Andrich-Duval, Monsieur Claude Martini, Madame Monique Heinen, Monsieur Jos Thill, Monsieur Alain Clement et Madame Semiray Ahmedova.

2 – CORRESPONDANCE

Les informations suivantes sont portées à la connaissance des conseillers communaux et du public par Monsieur le bourgmestre :

- par sa décision du 18 décembre 2020, le conseil communal de la commune de Bettembourg a résilié la convention pour l'accès au cimetière en forêt « Bëschkiirfecht Gehaansbiert » avec effet au 1er janvier 2022 en raison du fait que la commune de Bettembourg est en train d'aménager son propre cimetière en forêt ;
- le comité du Pro-Sud a transmis à ses communes membres sa résolution du 26 janvier 2021 par laquelle le comité invite Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à garan-

tir au plus vite la remise en route de la fourrière nationale pour véhicules automoteurs ;

- le collège des bourgmestre et échevins a décidé de supporter le secteur HORESCA de Dudelange, lourdement touché par les mesures sanitaires imposées par le Gouvernement et le législateur pour combattre la propagation du virus Covid-19. Ainsi, il a été décidé d'exonérer les établissements HORESCA, locataires de locaux appartenant à la Ville, du paiement des loyers pour les mois de décembre 2020, de janvier et février 2021, ceci à l'instar de la mesure prise lors du 1er confinement en 2020 ; de ne pas percevoir, pour l'année 2021, de taxes pour l'exploitation de terrasses pour tous les cafés et restaurants concernés ; de dispenser les établissements HORESCA du paiement des parties fixes des taxes communales de l'approvisionnement en eau, de l'assainissement et de l'enlèvement des ordures pour les mois de décembre 2020, de janvier et février 2021. Ces mesures représentent l'équivalent d'un apport approximatif de 45'000€ au secteur.

- par une assemblée générale extraordinaire, provoquée par initiative du collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange, les membres de l'association « Minnettsdapp : Kultur am Süden » ont décidé de dissoudre l'association. Elle avait été fondée en 1988 et regroupait les commissions culturelles des communes de Bascharage, Bettembourg, Differdange, Dippach, Dudelange, Esch-sur-Alzette, Kayl, Mondercange, Pétange, Reckange-sur-Mess, Roeser, Rumlange, Sanem, Schiffange et Steinfort. Le but de l'association, dont le siège social est à Dudelange, était de dynamiser la vie culturelle dans le sud du pays et de coordonner les activités culturelles entre les différentes communes membres du bassin minier. Les activités de promotion et de dynamisation de la vie culturelle ainsi que les travaux de coordination à travers les activités de l'a.s.b.l. ont perduré quelque 20 années, mais depuis un certain temps l'association n'est plus active, alors que d'autres acteurs communaux et régionaux, regroupés dans de nouvelles structures, ont largement repris la relève. L'association est, de fait, devenue

obsolète. L'assemblée générale a procédé à la dissolution de l'association et décidé d'affecter son actif restant, soit une somme de quelque 73'000€ à l'a.s.b.l. « Centre de Documentation sur les Migrations Humaines » de Dudelange.

Monsieur Loris Spina, 1er échevin poursuit en annonçant que la Ville a rétrocédé les taxes initialement perçues pour l'organisation de tombolas aux clubs et associations alors que ces tombolas n'ont pas pu être organisées. Les taxes rétrocédées représentent 2'300€.

Finalement, Monsieur René Manderscheid, 2e échevin, informe le conseil communal que le « Klima-Bündnis » a récemment pris une résolution pour la protection de la forêt amazonienne et de ses peuples autochtones « EU-MERCOSUR : contre un accord de libre-échange obsolète ». Ladite résolution sera portée à l'ordre du jour de la prochaine réunion du conseil communal.

3 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Le conseil communal décide à l'unanimité d'exercer son droit de préemption, prévu par la loi « pacte logement » pour l'acquisition des terrains ci-dessous pour un prix d'acquisition global de 80'000€ : une parcelle de terrain à Boudersberg, lieu-dit « rue Angeldall », place, d'une contenance de 9 ares 72 centiares, en vue de la réalisation de logements visés par les dispositions relatives aux aides à la construction d'ensemble, et une parcelle de terrain à Boudersberg, lieu-dit « Angelthal », sentier, d'une contenance de 2 ares 40 centiares, en vue de la réalisation de travaux de voirie et d'équipements publics.

4 – PLAN D'ACTION CONTRE LE BRUIT

L'avant-projet de plan d'action de lutte contre le bruit dans l'environnement a été approuvé par le Conseil de Gouvernement en date du 25 septembre 2020 et les communes du Grand-Duché ont été invitées par Madame la Ministre de l'Intérieur d'instruire ce plan d'action, notamment en procédant à une enquête publique et à soumettre le dossier pour avis au conseils communaux. A l'issue de la procédure, trois prises de position ont

été adressées au collège des bourgmestre et échevins. Le collège échevinal, dans sa proposition d'avis, tient compte des remarques présentées, dans la mesure ou celles-ci sont en relation avec le plan. Après délibération, le conseil communal décide avec 18 voix contre une d'émettre de façon générale, un avis favorable au sujet du projet de plan d'action contre le bruit de grands axes routiers de plus de trois millions de passages de véhicules par an. Le conseil communal profite de la décision pour formuler certaines demandes à l'attention du Gouvernement (extraits) :

- au vu de l'évolution depuis 2017, actualiser les cartes de bruits et les personnes exposées par site ;
- analyser les effets cumulatifs des différentes sources d'émission de bruits sur la charge sonore ;
- analyser les points parallèles, voire interdépendants du plan national de la qualité de l'air et du plan de lutte contre le bruit ;
- anticiper la mise en œuvre des mesures déterminées à long terme pour arriver au résultat escompté dans un délai plus rapproché ;
- entamer des études au sujet du prolongement du mur anti-bruit longeant l'autoroute A13 à partir de la passerelle « route de Noertzange » jusqu'à hauteur de la sortie Kayl/Noertzange, analyser la possibilité de prolonger et d'augmenter la hauteur des écrans et étudier la possibilité d'équiper ces écrans par des installations photovoltaïques ;
- étudier la possibilité de réduire la vitesse maximale autorisée sur l'A13 à hauteur des agglomérations et à limiter la vitesse à 30 km/h sur la N31 ;
- anticiper les mesures envisagées au CR 184 afin d'agir dès à présent sur la prolifération du bruit ;
- intervenir auprès de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois pour généraliser sa stratégie d'adaptation technique des roues du matériel roulant et des rails CFL aussi au matériel roulant fret ou cargo pour contribuer à réduire les bruits à l'émission sur les sites de la gare de triage des CFL à Dudelange respectivement à Bettembourg, des installations de CFL Multimodal et d'Eurohub ;
- inclure les sites de la gare de triage des CFL à Dudelange respectivement à Bettembourg et des installations de CFL Multimodal à l'occasion de la prochaine révision du plan d'action contre le bruit.

5 – CIRCULATION

1. Avec 11 voix et 8 abstentions, le conseil communal arrête le règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'exécution des travaux en relation avec le chantier du

« Shared Space » – phase 3 – rue du Commerce – route de Zoufftgen – place Kinnen. Le début des travaux est prévu pour le 1er mars 2021 ;

2. l'avenant au règlement général de la circulation au sujet de la piste cyclable mixte au site « NeiSchmelz » est approuvé à l'unanimité ;

3. la modification du règlement général de la circulation au sujet des pistes cyclables, autorisant les cyclistes désormais à emprunter les pistes cyclables en contre-sens dans les sens uniques des zones 30, est ratifiée avec les voix de tous les conseillers communaux.

6 – FINANCES COMMUNALES

La réunion se poursuit par un large point ayant trait aux finances communales. Toutes les décisions sont prises à l'unanimité. Aucun vote n'est requis pour la présentation du plan pluriannuel de financement.

1. gratuité du Flexibus sur le territoire de la Ville de Dudelange. Il s'agit d'un service de transport en minibus sur demande de tout citoyen âgé de 60 ans accomplis. Le rayon en est limité au territoire de la Ville et au magasin de bricolage Globus à Bettembourg. Le Flexibus fonctionne de lundi à vendredi de 07.00 à 20.00 heures et samedi de 08.00 à 20.00 heures. Pas de service les dimanches. Le service est depuis le 1er janvier 2021 offert à titre gratuit aux habitants ;

2. fixation des tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz pour l'année 2021 ainsi que fixation de la redevance mensuelle fixe pour la location de compteur ;

3. fixation du prix de vente du livre « La Bibliothèque publique régionale de Dudelange : e Centenaire 1921-2021 » e.a. à 20€ pour les particuliers ;

4. devis estimatif d'un montant de 1'158'000€ relatif à l'acquisition d'un terrain pour les besoins de la maison relais « Ribeschpont » et le crédit supplémentaire afférent de 300'000€ permettant cette acquisition ;

5. construction de logements sociaux dans la rue Nic Bodry : le devis estimatif pour un montant de 2'510'000€ relatif à l'acquisition de terrains, le crédit supplémentaire afférent nécessaire pour l'acquisition des terrains et le devis estimatif d'un montant de 5'730'000€ pour la construction de logements sociaux dans la rue Nic. Bodry ;

6. devis de 20'000€ relatif à l'installation de mobilier au 1er étage de l'école Baltzing ;

7. devis de 180'000€ relatif à l'installation de mobilier encastré dans les salles de classe de l'école Brill ;

8. devis de 35'000€ relatif au déménagement de la deuxième chaudière du bâtiment C et à l'adaptation du bâtiment B de l'école Strutz-

biert ;

9. devis de 25'000€ relatif à la régulation et l'adaptation des bâtiments B et D de l'école Strutzbiert ;

10. devis remanié de 645'000€ relatif à la participation au divers chantiers Post dans le cadre de la mise sous terre du réseau de l'antenne collective et de la télécommunication et devis de 250'000€ relatif à la participation aux chantiers Post – éclairage public ;

11. acte de cession avec la société anonyme « Réalisations Immobilières Dudelange S.A. » par lequel la société cède gratuitement à la Ville, divers d'immeubles dans le cadre du projet « Am Duerf » ;

12. acte de vente, aux termes duquel la Ville de Dudelange vend à la société à responsabilité limitée B4U S. à r.l., une parcelle de terrain d'une surface de 11 centiares (place), sise rue Lucien Wercollier ;

13. acte d'échange aux termes duquel la Ville de Dudelange cède à la société Trident S. à r.l. une place au lieu-dit « rue de l'Abattoir » et la société Trident S. à r.l. cède à la Ville une place au lieu-dit « route de Luxembourg » ;

14. convention passée avec l'Etat relative aux aides à la construction d'ensembles à la rue Milly Steinmetz-Ludwig. La Ville a décidé d'acquérir 5 logements locatifs et a sollicité l'Etat de supporter financièrement le projet. Ainsi, aux termes de la convention, l'Etat participe jusqu'à concurrence de 75 % du coût d'acquisition en vue de la réalisation des logements locatifs et jusqu'à concurrence de 75 % aux frais de réalisation des logements locatifs ;

15. décomptes

- mise en conformité des réseaux et du chauffage des maisons 102 et 106, rue de l'Hôpital 56'007,34€

- aménagement d'un terrain de football et des alentours de l'école Gaffelt 108'465,26€

- installation d'un écran d'affichage digital à Hôtel de Ville 59'879,31€

- remplacement du praticable au gymnase Ribeschpont 30'252,10€

- remplacement de la télésurveillance aux réservoirs d'eau potable 108'927,00€

- aménagement transitoire d'un terrain de paddle tennis 79'965,15€

- installation d'une centrale de détection incendie aux logements sociaux Tattebiert – chambres meublées 13'432,02€

- acquisition de tables de billard 16'000,00€

- acquisition de containers pour l'Innovation Hub 12'147,91€

- remise en état de la passerelle au site NeiSchmelz 49'842,00€

- acquisition du logiciel City App 19'714,50€

- acquisition d'une souffleuse à neige pour le service des sports 22'500,00€

16. subsides extraordinaires :

- 5'000€ à la Société Avicole afin de soutenir son projet pédagogique d'acquérir une certaine partie de machines à couvrir pour instruire les enfants et écoliers des écoles préscolaires et fondamentales ainsi que des maisons relais de la Ville ;
 - 100€ en tant que subside pour soutenir les activités en 2021 de l'a.s.b.l. « SCAP – Service de Consultation et d'Aide pour troubles de l'Attention, de la Perception et du développement Psychomoteur » ;
 - 60€ à l'a.s.b.l. Mouvement Européen Luxembourg, en tant que cotisation pour l'année 2020 ;
17. le plan pluriannuel de financement des exercices 2022 à 2024 est présenté aux membres du conseil communal et discuté séance tenante.

7 – SNHBM

Unaniment, le conseil communal donne son accord à la Société Nationale des Habitations à Bon Marché pour procéder à une augmentation de son capital par l'incorporation de réserves pour porter son montant actuel de 66'000'000€ à 93'000'000€ ainsi qu'à une modification des statuts de la SNHBM, permettant d'élargir le type d'activités pouvant être exercées par celle-ci. Sont actionnaires de la SNHBM : l'Etat Luxembourgeois, le Fonds de Compensation, la Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, les Villes de Luxembourg, d'Esch-sur-Alzette, de Differdange et de Dudelange.

8 – OFFICE SOCIAL

Le conseil communal ratifie unanimement les bilan et compte de profits et pertes de l'office social de l'exercice 2018 de l'Office sociale de Dudelange.

9 – PERSONNEL

Les décisions suivantes, relatives au personnel communal, sont prises à l'unanimité :

1. la conversion d'un poste de fonctionnaire communal relevant du groupe de traitement B1 (chargé technique) en poste d'employé communal de la même carrière (nouveau service logement) ;
2. la conversion de deux postes d'employés communaux de la carrière C1 (aides-éducateurs) en postes d'employés communaux de la carrière B1 (éducateurs diplômés)(service d'éducation et d'accueil) ;
3. la création d'un poste dans la carrière de l'agent polyvalent (carrière A3) sous le statut du salarié (chômeur longue durée).

10 – COMMISSIONS COMMUNALES

Les changements suivants dans la composition des commissions communales sont acceptés : Madame Monique Heinen remplace Madame Romaine Goergen dans la commission scolaire et Messieurs David Marques Marinho et Sandro Farneti sont ajoutés au pool des remplaçants.

11 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Une question a été soumise au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « Déi Gréng » au sujet de la zone nationale des technologies de la santé et des technologies de l'information et des communications. Il est répondu à la question séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 13.20 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 05.02.2021

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Nodeems mer hei d'Veereedung virgeholl hu vun der Madame Ahmedova, géife mer op den Ordre du jour vum Gemengerot iwwergoen. De Gemengerot ass komplett. Ageschalt iwwer Visiokonferenz aus hirem Butschebuerger Exil ass d'Madame Sylvie Andrich-Duval. Par rapport zum Gemengerot hu mer lech gëschter nach matgedeelt, dass mer eng Konventioun mam Ministère du Logement aus der Rue du Commerce hu missen erfroen, well do eng Erreur matérielle dran ass, déi huet misse redresséiert gi mam Logementsministère.

Ech wollt awer och nach hei a punkto Formalitéit soen, dass jo elo e Gesetz gestëmmt gouf, dat eis d'Méiglechkeet gëtt, dass déi Leit, déi an der Visiokonferenz sinn och am Huis clos kënnen derbäi sinn. Da war jo virdrun net de Fall. Si kënnen am Huis clos diskutéieren. Mee wann et ëm de Vote secret geet, dee kënnen se am Huis clos iwwer Visiokonferenz net maachen. Also d'Changement ass, am Huis clos kann een iwwert d'Dossiere mat diskutéieren awer net mat iwwer d'Dossieren ofstëmmen, wann een an der Visiokonferenz ass. Dat ass en neie Moment. Mir erméiglechen der Kolleege, déi lo an der Visiokonferenz ass, mee och wann Kolleege op déi Méiglechkeet zrëckgräifen aus verschiddene Grënn, am Kader vun der Covid-Kris, awer d'Debate kënnen mat ze suivéieren, wat virdrun net de Fall war.

Ech mengen et ass och eng Traditioun, wann eng Gemeindeconseillère, e Gemeindeconseiller nei vereedegt gëtt, dass se dann och d'Wuert kréie, fir hire Maidenspeech ze halen. An dofir géi ech hei der Madame Ahmedova och dann direkt d'Wuert ginn. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG):

Merci Här Buergermeeschter, Léif Kolleegeinnen a Kolleege aus dem Schaffen- a Gemengerot. Ech hunn haut déi grouss Eier a Freed, Member vum Gemengerot ze ginn, a wäert mech mam ganze Häerzen fir eng nohalteg Zukunft engagéieren. Ech wëll awer och op dëser Plaz menge Virgänger a Virgängerin-

nen e ganz grouse Merci soen. Virun allem dem Romaine Goergen, fir den Asaz a fir d'Engagement an deene leschte Joren.

Ech wollt mech lech och kuerz virstellen: Ech sinn net zu Diddeleng op d'Welt komm, och net zu Lëtzebuerg, mee d'Schicksal huet et gemaach, dass meng Elteren op Lëtzebuerg komm sinn. A mir hunn och relativ séier e klenge Appartement zu Diddeleng kaaft. An zanterdeem sinn ech och zu Diddeleng, och wann ech schonn dräimol geplënnert sinn. Schonn als Schüler hunn ech mech immens vill fir sämtlech Projete engagéiert, virun allem am Beräich Konscht. Mee och bevir ech an d'Politik komm sinn, war ech zimmlech tätég op der Gemeng duerch meng Aarbecht als Energieberoderin. Ech hunn Energieberoderung gemaach fir déi privat Leit, mee ënnert anerem awer och fir d'Gemeng. Deen Ament war déi Saach mam Energiepass wat e wichteg Thema war an an dem Kontext hate mer puer Mol mam Service Technique driwwer geschwat. Wéi gesot, jidderengem zu Diddeleng, dee wollt nohalteg bauen oder sanéieren oder eeben erneierbar Energien am Gebai integréieren, konnt ech do mäi Wësse mat op de Wee ginn. Wou ech beim Ministère geschafft hu war ech ënnert anerem zoustänneg fir de PRO-SUD an do hunn ech och déi Aarbecht kennegeleiert, wou sämtlech Gemengen an eng Dynamik zesumme schaffen a konnt och eis Gemeng eeben e bëssi besser kennegeleiert.

Ech hunn Architektur studéiert a vläicht fir déi kleng Anekdote: wou ech fäerdeg war, wollt ech nach en zweete Master maachen, an ech wousst deen Ament net wierklech, ob ech sollt „Sauvegarde du patrimoine“ oder vläicht éischter Richtung „Urbanismus“ goen. A vu dass ech net vill Leit kannt hunn aus deem Beräich, hunn ech mech mat eiser léiwer Architektin, dem Cathy, a Verbindung gesat an e bëssi mat him gepotert. Hatt huet mer de gudden Rot gi fir éischter Urbanismus a Landesplanung ze maachen. Parallel hunn ech awer trotzdeem eng Optioun fir Patrimoine a Sauvegarde nach gemaach. Dofir muss ech och haut dem Cathy Merci soe fir de gudden Tuyau. Mäin Schwéierpunkt leit beim Logement. Ech mengen et brauch ee keen Architekt an och keen Expert ze sinn, fir ze wëssen, dass mir hei e grouse Problem hunn. Ech sinn och lo net hei, fir iwwert de Problem vum Logement ze schwätzen. Mee fir mech ass et wichteg, als Gemeng, de Logement ze stäerken. Well eng Gemeng ass eng éischt Ulaftell fir d'Biergerinnen a Bierger an och e wichtige Partner vum Staat an anere sozialen Institutionen. Mir hunn eng Loyerskommissioun, an do ass et och wichteg, dass mer déi stäerken, dass mer och méi Reklamm dofir maachen. Fir dass d'Leit wëssen, dass si kënnen op enger objektiver Plaz Beroderung kréien zum Loyer, fir ze wëssen, op dat, wat si fir de Loyer bezuelen och deementspreechend gerecht ass oder net. Et ass mir och wichteg, dass eis Jugend, mee

net nëmmen, zu Diddeleng ka bleiwen. Dass mer wierklech Wunnengen hunn. Well meng eege Schwëster huet misse plënnere, leider. De Grond war dat et sëlwer näischt abordables zu Diddeleng fonnt huet. Mee allgemeng ass et mir wichteg, dass d'Diddelenger kënnen zu Diddeleng bleiwen. Dass mer Wunnengen hunn, dass mer abordabel Wunnengen hunn, sief et fir ze kafen oder fir ze lounen.

Abordabel Wunnengen, mat NeiSchmelz wäerte mer der genuch kréien. Hoffen ech mol, well et ass ni genuch. Mee mäin Denkestouss ass awer och, dass mer net déi alternativ an nei Wunnformen däerfen vergiessen. Engersäits hunn déi nei Wunnformen, z.B. an enger Gemeinschaft wunnen, de sozialen Aspekt-Hei kann ee sech mat Kolleege oder Famill oder mat aner Leit zesummendinn, déi deeselwechten Interessi deelen. Mee anerersäits ass et e weideren Aspekt, fir méi abordabel kënnen ze wunnen. Dat heescht, de sozio-ökologeschen Aspekt an Abordabilitéit spillen hei e wichtige Rôle. Oft profitéieren sou Wunnprojete, vun engem Gemeinschaftsgaart. Wat och ganz flott wier hei zu Diddeleng. Ech weess, mir hunn der och schonn e puer. Mee allgemeng, Gemeinschaftsgäert, Urban gardening, Urban farming, fir et mol net op Englesch ze soen, si weider interessant Aspekter fir mech perséinlech. Et ass wichteg, dass mer lues a lues ufänken, méi onofhängeg vu grouse Konzernern ze ginn. Dass mer ufänken, lokal ze produzéieren an saisonal ze iessen. Nach derbäi kënnt de pedagogeschen Aspekt. Well vill Kanner wëssen nach ëmmer net- ech war eng Kéier schockéiert- dass d'Mëlch net vum Cactus kënnt, mee vun der Kou. An natierlech kann een och iwwert sou Gäert de soziale Kontakt besser opbauen.

Mee Logement ass awer och en Integrationsfacteur. Duerch eng Wunneng integréiert ee sech an et identifizéiert ee sech mat sengem Quartier, mat senger Stad, mat sengem Land. An Integratioun ass wierklech e ganz wichtige Aspekt fir eis Gesellschaft. Logement heescht net nëmmen, en Daach iwwert dem Kapp hunn. Logement ass och Liewensqualitéit. Zum Liewe gehéiert dann awer och an d'Schoul goen, schaffen goen, akafen, Sport, Fräizäit genéissen, Kontakte opbauen. A Liewensqualitéit ass u sech och, sech kënnen fräi ze beweegen. Also fräi beweegen zu Fouss oder mam Vëlo an an deem Sënn onofhängeg si vum Transport a vu sengem Auto. Mir hunn och schonn driwwer geschwat, et ass keen neie Moment, mee ech wëll awer den Akzent nach eng Kéier drop setzen. Et ass immens wichteg, fir vital Funktiounen mateneen ze verbannen: fir kënnen mam Vëlo op d'Schaff an der Hoffnung, dass NeiSchmelz wäert nei Aarbechtsplaze mat sech bréngen fir eis Diddelenger. A vläicht och mol sécher kënnen an d'Schoul ze trëppelen. Am urbanistesche Konzept bis elo, an ech wëll wierklech net soen, dass Did-



deleng dat falsch gemaach huet, mee allgemeng hat de Foussgänger bis elo iergendwéi d'Nieweroll. Fir mech ass et wichteg, datt mir eis endlech an de Mëttelpunkt stellen. An dat ganz Konzept ronderëm de Mënsch sollen opbauen.

Mir hu gesinn a Corona-Zäiten, datt et noutwendeg ass fir eis Moral, fir d'Gesondheet, datt mir eis kënnen dobaussen ophalen. An dat solle mer net méi vergiessen. Eis öffentlech Plaze solle sou gestalt ginn, dass d'Leit sech kënnen dobaussen treffen. Mir brauche Plaze fir den Dialog a fir de soziale Kontakt. Mir müssen ophalen, Bëtongswüsten ze bauen. Mir brauchen och lieweg Quartieren, mat Bänken, Grillplazen, Pingpongdschier, Petanques-Plazen – a Südfrankräich ass dat immens flott an dat ass wierklech sou eng ureegend Plaz fir Kontakter, och fir méi eeler Leit – Parken, gréng Plazen... An do kommen ech op en nächste wichtige Punkt: gréng Plazen, Gréngs einfach an d'Stied erabréngen huet fir mech zwee wichteg Aspekter: Deen een ass natierlech de Mikroklima, flichtegkeetsreguléierend, CO₂-bannend och Sauerstoffproduktioun, Schied am Summer... Mee niewebäi kënnt awer och d'Biodiversitéit. Doduerch kréie mir erëm méi Biodiversitéit an d'Stied.

An ech mengen hei brauch ech och net ze soen, wéi vill Biodiversitéit mer am Joer verléieren. Mee Biodiversitéit, dat kënnt net nëmmen duerch Parken, dat kënnt och duerch gréng Fassaden, gréng Diecher, gréng Balconen, gréng Terrassen. Dat alles dréit dozou bäi, fir an enger Stad e bessere Klima ze kréien. Fir eng Visioun vum Vivre ensemble ass et wichteg, eng partizipativ an eng integrativ Politik ze féieren, wou all Bierger ka matschwätzen. Well eng Gesellschaft besteet aus vill Mosaiksteng an all Steen ass e Baustee fir eng besser Zukunft. Dofir war fir eis eng Biergerinitiativ ëmmer immens wichtig, en essentielle Punkt fir d'Entwécklung vum Diddeleng. Mee mir sollen net nëmme Biergerinitiative maache fir d'Entwécklung, mee och fir d'Ernährung, also eng besser Ernährung, lokal Consommation, lokal Produktioun, Verkéierspolitik, Zuchverbindung, Logementpolitik an ech kéint weiterfueren... Wann ee sech bedeelegt ass een och en Deel vun der Léisung. Dofir ass et wichteg, datt eis Bierger sech mat bedeelegen.

Ech mengen, ech hunn elo e klengen Tour gemaach, wat meng Berufserfahrung ugeet a wat ech studéiert hunn. Dir hutt gemierkt, datt ech mech wëll an deene Beräicher engagéieren. Mee weider ass et mir wichteg, mech méi fir Integratioun a Chancëgläicheit anzesetzen. Gläich Rechter, net nëmmen tëschent Fraen a Männer, wéi ganz oft de Klischee sou ass, mee och tëschent Generatiounen, soziale Schichten, Qualifikatiounen, Persounen mat verschidde Besoinen, Net-Lëtzebuerger, Mënsche mat verschidde Reliounen a Kulturen, an ech kéint hei och weiterfueren... Ech wëll och als Beispill stoen.

Meng perséinlech Erfahrung ass déi, datt eis Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg engem Mënsch wéi mir, wuel wëssend enger Fra an enger Migrantin, déi Chance gëtt, sech kënnen an lokaler Politik, awer och op nationalem Niveau an der Politik kënnen anzesetzen. Ech wëll d'Leit encouragéieren matzemaachen, sech ze engagéieren, awer och ëmmer u sech ze gleewen. Kultur ass och e wichtigen Aspekt fir mech. An do ass eis Gemeng wierklech Virreider. Mir investéieren immens vill an d'Kultur, an dat kann ech nëmme begrëssen. Ech hoffe mir maachen och weider esou. Och um nationalen Niveau setzen ech mech fir d'Kultur an d'Kulturen an a wëll och déi Erfahrung mat an de Gemengerot bréngen. Kultur ass eng Weltsprooch, déi jidderen op der Welt schwätzt an eis Gemeng sollt déi Sprooch och gutt beherrschen.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, domadder hunn ech mech kuerz presentéiert. Ech menge mir wäerten nach genuch Zäit hunn, fir eis besser kennenzuléieren. Ech freeë mech op deen neien Challenge. Ech freeë mech op déi Aarbecht mat lech. An ech hoffen op eng gutt an eng fair Zesummenaarbecht all zesummen. Merci fir d'Nolauschten.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Ahmedova, dass Dir dem Gemengerot gesot hutt, wou Är Prioritéiten leien an dëser Legislaturperiod. An och mir alleguerten heibannen hoffen op eng fair a konstruktiv Zesummenaarbecht. Ech hat jo d'Gemengerotsmembere begrësst, ech hat d'Press begrësst. Et ass och éischter ongewinn, dass mer Visiteuren haut am Gemengerot hei hunn. Mee ech mengen, dat ass ganz spezifesch. Dofir wëilt ech déi och gäre wëllkomm heeschen haut hei am Diddelenger Gemengerot. Voilà, da géif ech virschloen, dass mer iwwerginn op d'Korrespondenz.

1. TABLEAU DE PRÉSENCE

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Et ass jo eng Traditioun, dass, wann eng nei Persoun hei am Gemengerot vereedelegt gëtt, dass och den Tableau de Préséance rëm eng Kéier dréit. An dat ass dann och dës Kéier de Fall. Dir hutt e virleien. Ass de Gemengerot mam Tableau de Préséance averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Ech hat den éischte Punkt vergiess, dat war Korrespondenz. Ech géif dat dann nohuelen. Ënnert Korrespondenz hu mer lech e Courrier geluecht vun der Gemeng Beetebuerg, déi eis matdeelt, dass se hir Participatioun um regionale Bëschkierfecht resiliéiert, well se d'Iddi huet, en eegene Bëschkierfecht ze maachen. Dat hu mer och guttgeheescht an normalerweis trëtt dat a Kraaft ab den 1. Januar 2022. Dann hu mer lech och eng Deliberatioun vum PRO-SUD an d'Korrespondenz gesat, déi mer am Comité unanime ugeholl hunn. Dat ass am Kader vun der nationaler Fourrière fir d'Autoen, déi zu Esch war, déi zougemaach gouf. Dass mer do als Südgemengen, als PRO-SUD, en Appell maachen un den zoustännegen Minister fir ze kucken, dass mer hei am Süden eng national Fourrière kréien, well dat awer deelweis och zu Diskussiounen féiert op deene verschidde Gemengenterritoiren.

Da wollt ech awer och nach ënnert Kommunikatioun e puer Saache matdeelen. Ech wollt hei dem Gemengerot matdeelen, awer och net nëmmen dem Gemengerot, mee och de Vertrieeder vun de Press an de Leit, déi haut hei sinn, dass mer wëlles hunn als Stad Diddeleng eis Solidaritéit ze weise vis-à-vis vum Horesca-Secteur. Dass mir also deene Gebaier, wou mer entweder Proprietär oder Locataire sinn - dat ass jo de Restaurant Amarcord, de Loxalis an d'Le'h- fir déi dräi Méint Dezember, Januar a Februar de Loyer noloossen. Dat ass plus ou moins deeslewechte Prinzip, wéi mer et scho beim éischte Lockdown scho gemaach haten. Dass mer och wëlles hunn, dem Diddelenger Horesca-Secteur, dat heescht souwuel de Restaurant wéi och de Cafée hei zu Diddeleng, déi eng Terrass hunn, déi Tax ze erloossen. An dass mer och an déi Richtung ginn, well awer den Horesca-Secteur haart gebeidelt ass, och fir déi Méint wou zou war, Dezember, Januar, Februar, déi Taxes fixen, déi se musse bezuele, sief dat fir Waasser, Ofwaasser an och Poubellen, dat och ze erloossen. An dat mécht eng Zomm aus vu ronn 45 000 Euro, wou mer iwwert deen heite Wee dem Horesca-Secteur hei zu Diddeleng wëllen ënnert d'Äerm gräifen. Ech mengen dass se den Ament keng einfach Situatioun hunn. Et gesäit ee jo och hei zu

Diddeleng, dass deen een oder anere probéiert aktiv ze sinn, mat allen Avantagen, mee awer och mat alle Schwierigkeeten. Mee ech mengen dat heiten ass dee klengen Obulus, dee mir als Stad Diddeleng als Ënnerstëtzung vis-à-vis vum Horesca-Secteur kënne bréngen.

Da wollt ech dem Gemengerot och eppes net Deegleches matdeelen. 1989 ass eng a.s.b.l. gegrënnt gi wou Vertrieeder vu verschidde Gemengen dra waren. Dat war „Minettsdapp Kultur am Süden“. Déi asbl gouf et just nach op Pabeier, déi hat déi lescht 15 Joer keng Aktivitéit méi. Member vun där a.s.b.l. waren déi haiteg PRO-SUD-Gemengen an och nach d’Gemeng Réiser dobäi. An déi a.s.b.l. gouf 1989 gegrënnt fir d’Kultur an der Südregioun ze promovéieren, awer och fir eng Rei Initiativen ze huelen. Entretemps hunn allegueren d’Gemengen hir Kulturservicer an d’Kulturjoer dat virun der Dier steet. Wéi gesot, déi a.s.b.l. hat lo 15 Joer keng Aktivitéit méi. A wat do d’Diskussiounen och e bëssen no vir gedriwwen huet, dat ass de Registre des bénéficiaires effectifs. Dat ass jo eng nei Gesetzgebung. A jiddereen deen an enger a.s.b.l. tätég ass hei am Raum weess, wat dat mat sech bréngt, wann een aktiv ass. Me wann een net aktiv ass, da kënnt nach en zousätzlechen Drock. Sou dass mer hei d’Initiativ geholl hunn als Stad Diddeleng, vu dass hire Sëtze hei zu Diddeleng war, déi a.s.b.l. opzeléisen. Mir hunn do och den Accord vun allegueren de Gemenge kritt. Mir hunn och eng Assemblée générale extraordinaire gemaach, wou wéi d’Statuten dat virgesinn. A wat och wichteg ass, dat ass, dass d’Memberegemengen a verschidde Leit, déi der a.s.b.l. noustoungen, d’accord waren, der Propos vun der Stad Diddeleng nozekommen, a bei der Dissolutioun den Actif vun 73 000 Euro, deen d’a.s.b.l. nach hat, dem Centre Doc, dem Centre de documentation sur les migrations humaines zoukommen ze loossen. De Centre Doc analyséiert jo de Phénomène migratoire international an national an och hei an der Südregioun. Iwwert deen dote Wee gëtt zwar lo eng a.s.b.l. opgeléist, déi hire Sëtz hei zu Diddeleng hat, mat enger Rei Ramifikatiounen. Mee eng aner a.s.b.l., och hei zu Diddeleng, déi och eng national Vociation huet, gëtt finanziell gestärkt, fir kënne hirer Vociation weider nozegoen. Grad an dësen Zäiten. Da géif ech d’Wuert weiderginn un de Loris Spina fir eng Kommunikatioun an un de René Manderscheid.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):

Merci Här Buergermeeschter, léif Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot. Ech wollt enchainéieren, wat d’Noloosse vun den Taxen ubelaangt hei zu Diddeleng. Eng Rei vu Veräiner, déi hir traditionell Fester scho laang am viraus preparéieren hu ganz äifreg eng Tax iwwerweisen am Kader vun der Tombola, déi se da wollten ausspille bei hire Manifestatiounen. Notamment waren dat den Diddelenger Dëschtentnis, den Comité Interesse-

veräin Brill awer och d’Union des bons amis de Burange, wéi awer och eise Fussballclub, den F91. An dëse Veräiner wollte mer dann awer och, well déi Fester net stattfonnt hunn, d’Taxen zeréckerstatten. Hei handelt et sech insgesamt ëm e Montant vun 2 300 Euro. Déi Info wollt ech dem Gemengerot awer och net virenthalen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina. Dann de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt lech just informéieren dass d’international Joreskonferenz vum Klimabündnis am Oktober 2020 eng Resolutioun guttgeheescht vun der EU mat de MERCOSUR-Staaten aus Südamerika, déi se do ofgeleent hunn. Déi Resolutioun hu mer dunn och am Klimabündnis als Gemengen de 16. November 2020 hei zu Lëtzebuerg eestëmmeg ugehol. An d’Klimabündnis huet eis viru 14 Deeg per Mail kontaktéiert, mam Wunsch, dass mer déi Resolutioun och an allen eenzele Gemengeréit vun de Klimabündnis-Gemenge sollten zum Vott stellen. Ech hunn lech se nach net zoukomme gelooss, well den Ordre du jour schonn iwwerlaascht war. Dir kritt awer déi Resolutioun d’nächst Woch vun eis gemailt mat den Dokumenter vum Klimabündnis, wou och Erklärungen dobäi sinn. Den Dietmar Mirkes huet beim Klimabündnis déi Resolutioun virgestallt an hat och e ganze Koup Pabeieren dobäigeluucht, fir dat besser ze erklären. Dir kritt dat alles d’nächst Woch per E-mail. Et geet net drëms, dass mir nach dorunner – ënner Gänseféisercher – „kniwwelen“ ginn, mee mir sollten déi Resolutioun, déi d’Klimabündnis gestëmmt huet, nach als all eenzel Gemengerot confirméieren. Dir kritt déi gemailt. An da géife mer se am nächste Gemengerot hei zum Vott presentéieren. Wann Dir domat d’accord sidd, géif ech lech dat dann d’nächst Woch zoukomme loossen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci och dem Ren fir seng Kommunikatioun. Da wär dee Punkt ofgeschloss.

3. AMÉNAGEMENT COMMUNAL – ZRÉCKGRÄFEN OP D’VIRKAFSRECHT FIR TERRAINEN AN DER „RUE ANGELDALL“

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): An da géif ech eriwergoen op deen nächste Punkt, den Amenagement communal. Do geet et ëm e Virkafsrecht, dat mir als Stad Diddeleng zéie wëllen am Angeldall, 2 Parzellen. Dir hutt an Ärem Dossier, nieft dem Fait, dass mir d’Virkafsrecht zéien, och déi néideg Dokumentatioun, wat déi re-



zent Jugementer ugeet, wat d’Virkafsrecht ugeet. Dir wësst jo, do ass d’Gemeng Suessem an Appell gaangen ass. An och iwwert deen Appel an iwwert dat Jugement vun der Cour administrative hu mer jo lo schlussendlech eng gewësse Jurisprudenz, wat d’Ausübung vum Virkafsrecht ugeet. Et ass lo net hei um Gemengerot, an d’Detailer vum Jugement ze goen. Mir hunn lech dat zoukomme gelooss pour information, fir kënne déi ganz Envergure ronderëm d’Virkafsrecht kënne ze gesinn. Mir sinn elo an där Situatioun, dass mer par rapport zum éischte Jugement net méi e konkrete Projet virweise mussen, mee awer kloer eng Indikatioun musse ginn, wat mer ëmsetze wëllen, wa mer d’Virkafsrecht zéien. An dass dat och, souwäit et méiglech ass - do ass eng gewësse Latitude, well een déi Parametere jo als Gemeng net ëmmer ganz kontrolléieren a maitriséieren kann - dann awer an engem raisonnablen Delai soll ëmgesat ginn.

Also d’Idi ass net, dass een d’Virkafsrecht zitt, an da réischt no – soe mer mol 20 Joer – dann eppes mécht. Mee probéiert, zäitno eppes ze maachen, en fonctioun eebe vun der Evolutioun vum Projet. Et ka sinn, dass d’Gemeng eege Bauhär ass op där Parzell oder dat Ganzt sech an e PAP areit an nach aner Acteuren do sinn. An et ass an deem Kader, an deem mer eis haut hei befannen. An nieft deenen zwee Jugementer vum Tribunal administratif a vun der Cour administrative hutt Der och d’Circulaire virleie vum Inneministère. Wou een nach eng Kéier „de manière très sommaire“ an awer och ganz gutt resuméiert, op déi verschidden Elementer ageet, a wéi engem Kader d’Gemeng sech beweegt, wa se d’Virkafsrecht muss zéien. Den ideale Fall als Gemeng – an an deem si mer haut net – ass, wa mer den Dossier vum Notaire kréien an deen ass komplett. Da kënne mer innerhalb vum engem Mount, wou mer de Courier vum Notaire kréien an den Dossier komplett ass, och direkt de Gemengerot saiséiere fir d’Virkafsrecht ze zéien. Oder awer an deem heite Cas de figure andeems mer lo hei sinn. Mat deenen zwee Parzellen um Angeldall ass et jo sou, an et ass och do wou den Arrêt vun der Cour administrative eis ganz kloer ënnerstëtzt, dass de Schafferot natierlech d’Decisioun kann huelen, d’Virkafsrecht ze zéien. Dass en och, wann Dokumenter feelen, fir seng Decisioun kënne ze huelen, déi beim Notaire muss nofroen. An den

Notaire, dee jo den Officier public ass, dee muss dat natierlech matginn. An dass dann, fir d'Decisioun ze enterinéieren, de Gemengerot saiséiert gëtt, fir dass d'Virkafsrecht gezu gëtt. Dat ass de Cas de figure an deem mer hei sinn. A wa mer dat dann haut deem heite Volet iwwert d'Bün hunn, wou mer d'Virkafsrecht zéien, da kënne mer duerno den Acte d'achat maachen, wou mer dann och d'Terraine kafen. Dat ass dann an enger nächster Etapp, wou dëse Gemengerot och saiséiert gëtt.

Et gëtt awer och en neit Element duerch dësen Arrêt vun der Cour administrative, an dat gesitt Der och an der Circulaire an och am Jugement, mee awer och an deem Dossier de mir hei dem Gemengerot ënnerbreet hunn. Dat ass déi nei Procédure, dat ass d'PANC-Gesetz, d'"Procédure administrative non-contentieuse", wou een dann och nieft dem Notaire, deem een eng Kommunikatioun gëtt, dass een d'Virkafsrecht wëll zéien, och déi direkt concernéiert Propriétaire am Kader vun der Procédure administrative non-contentieuse muss informéieren, dass een d'Virkafsrecht zitt. Dat war virun net de Fall. Dat ass en neit Element, dat dobäikomm ass duerch den Arrêt vun der Cour Administrative. An dat hu mir och hei gemaach. Mir si lo an enger e bësse méi schwieriger Situation wéi virun enger ganzer Rei Méint, wéi mer dat éischt Jugement hate vum Tribunal administratif. Duerch deem neien Arrêt hunn d'Gemengen awer eng gewësse Latitude zréckkritt, déi si am éischte Jugement net hatten. An dofir ass et gutt, wann een de Courage huet, Appell ze maachen bei enger ganzer Rei Elementer vum Virkafsrecht. Och wann een net 100% Gain de cause kritt. Mee et ass awer sou ausgeluecht, dass d'Gemenge e gewëssene Kader, mat enger gewëssener Flexibilität, mee awer och Garantie fir béid Säite kënnen hunn. Dat e bësse méi zu de generellen Consideratiounen vum Kader, an deem mir eis beweegen als Stad Diddeleng. An net nëmmen als Stad Diddeleng, well wann een hei eng Jurisprudenz huet, da gëllt dat jo fir déi 102 Gemengen am Land.

Wat mir lo hei konkret wëlle maachen, ass eist Virkafsrecht spille loossen als Gemeng vis-à-vis vun zwou Parzellen am Angeldall, wou mer och schonn am Kader vum PAG virun e puer Méint e Schéma directeur hatten. Ech hat vergiess, hei aus eise Service technique och nach d'Eva Gottschalk ze begreifen, dat dësen Dossier begleet a betreit. Mer hunn am Fong hei zwou Parzellen, déi am Schéma directeur dra sinn. Eng vun 9,72 Ar déi an enger „Zone d'habitation à faible densité“ – well de ganzen Angeldall ass jo eng „Zone d'habitation à faible densité“- déi do virläit. An 20,40 Ar ass déi zweet Parzell. Do ass eng „Zone de circulation“ an eng „Zone protégée“ drop. Dat ass eng Parzell, déi herno den Accès zu där Parzell géif gi wou effektiv déi „Zone d'habitation à faible densité“ drop ass, an déi sech dann areit an

dee ganze PAP. Bon, de Moment gëtt et jo do nach kee PAP, et gëtt e Schéma directeur. D'Architektbüroen an d'Propriétaire sinn am Gaang, un engem PAP ze schaffen. Mee d'huet eis wichteg geschéngt, hei d'Virkafsrecht wëllen ze zéien, well mer, wa mer do mat Propriétaire sinn, och sécherlech eng aner Maîtrise op deem doten Dossier hunn an och méi e staarkt Matsproocherecht, wéi wa mer net mat Propriétaire wäeren.

Dee ganze PAP Nouveau quartier, dat sinn 11 Ar. Do sinn eng ganz Rei Elementer, déi ze berücksichtegen sinn. Wéi gesot, mir sinn de Moment réischt bei engem Schéma directeur. A wat lo nach deem heite Volet vum Projet ugeet, do wollt ech lech nach matdeelen, dass jo bei deem heite PAP, deem den Numm „Kouschwanz“ huet, an dee mer am Februar 2020 mat an d'Prozedur geschéckt hunn, nëmme Maison unifamiliale kënne gemaach ginn. Am generelle Kader muss ee jo ganz kloer ugin, wat een do wëll maachen, am Kader vun der Jurisprudenz. An deem éischte Volet, dee mer ugin ass „en vue de réalisation de logements“. An dat anert, deem zweete Volet, dee mer ugin ass „réaliser des travaux de voirie et d'équipements publics“. A wa mer hei d'Virkafsrecht zéien an och herno an enger zweeter Phas dann den Akt maachen, ass dat e Prix de vente total vun 80 000 Euro. Wann een déi zwou Parzellen zesummen hält an dat deelt, da si mer bei 6 600 Euro den Ar. Also mengen ech, e ganz bëllege Präis. An et huet eis wichteg geschéngt, hei dat Virkafsrecht ze zéien.

Dat sinn déi Erklärungen, déi ech wollt ginn. Am generelle Kontext, mee awer och am méi spezifische Kontext par Rapport zu deenen heiten zwou Parzellen. Dir hutt hei déi néideg Courriieren, déi mer un den Notaire, respektiv awer och un d'Propriétaire gemaach hunn, awer och déi verschidde Fichen, déi mer als Gemeng matgedeelt kréie vum Notaire, déi jo obligatoresch matgedeelt musse ginn, sou wéi och d'Gesetz et virgesäit iwwert de Pacte Logement. Dir hutt dat an Ärem Dossier virleien, sou dass Dir am Fong all d'Informatiounen hutt, fir lech kënnen e Bild ze maachen. Engersäits iwwer d'Prozedur vum Virkafsrecht, mee anerersäits awer och iwwer déi zwou Parzellen, déi mer hei wëlle kafen. Dëst gesot, hoffen ech, dass ech verständlech a komplett war a mengen Erläuterungen, an d'Diskussioun ass op. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, ech wollt awer och nach eng Kéier ganz kuerz op déi Circulaire agoen. Dat ass eng allgemeng Remark, déi ech awer wollt maachen zu dësem Punkt. Dat éischt Urteel vum Tribunal administratif, vum 22. Juli, befënnt jo dass de Gemengerot d'Kompetenz huet fir eng Decisioun ze huelen, fir den Droit de préemption spillen ze loossen, an et ass net de Schafferot, deem eleng decidéiert. Mee de Schafferot muss a voller Transparenz de Gemengerot mam

Dossier befaassen, an dat fanne mir ganz gutt. Well et ënnersträicht nach eng Kéier d'Kontrollfunktioon vum Gemengerot, wat mat de Gemegefinanze soll gemaach ginn. An dat gëtt nach eng Kéier hei bestäetgt. An, wat mer och gutt fannen, dass e kloer Projet, eng „Finalité concrète“, muss virleien.

Dat entsprécht och der Fuerderung, an domat schwätzen ech, mengen ech, am Numm vum ganze Gemengerot, op jidde Fall mol vun allen Oppositionsparteien hei bannen, dass et net de Schafferot ass, deem eis ka virun e Fait accompli setzen, mee virun der Signature vum Akt gi mer informéiert, mer kënnen eis zesummen iwwert de Projet austauschen, an en toute connaissance de cause ass et de Gemengerot, deem iwwert de Dossier tranchéiert. Dat ass eppes, wat mer awer explizitt hei wollten ënnersträichen an och explizitt begreifen. Dat ass esou, wéi mir eis och Kommunalpolitik virstellen. Zesummen, mateneen Decisiounen huelen. An d'Cour administrative huet an hirem Appellurteel festgehalen, den Här Buergermeeschter hat et scho gesot, dass de Schafferot zwar d'Decisioun kann huelen, fir den Droit de préemption ze huelen. Awer de Gemengerot dierf net virun de Fait accompli gestallt ginn, mee virum Ënnerzeeche vum Akt muss en informéiert ginn an et muss diskutéiert ginn an de Gemengerot hält déi Decisioun. Ech mengen dat ass eppes, wat wierklech ganz wichteg ass. Et gëtt jo och nach un der Reform vum Droit de Préemption geschafft, wou och de Syvicol mat dran ass, deem och de Gemengen an de Gemengeréit hir Roll och nach eng Kéier wäert festegen an där neier Reform, déi geplangt ass.

Voilà, ech wollt dann awer och nach ganz kuerz e puer Saachen nofroen. Am September 2020 do hate mer och d'Virkafsrecht spille gelooss, vun engem Terrain vun 11 Ar, och fir 60 000 Euro, no bei der Nierzengerstrooss, an du huet et geheescht, dat wär am Sënn vun enger Utilité publique, vun enger Acquisition vu Logements à loyer modéré. Dat ass awer elo en Terrain, wou nach näischt geplangt ass an noer Zukunft, mee wou en Entwécklungspotenzial besteet. Sou hat Dir et gesot. A mir kruten d'Explikatiounen deemools och, dass am Fong just d'Virkafsrecht dierf spille gelooss ginn, wann een definitiv festsetzt, dass op den Areal Logement à coût modéré hkommen. Dat war am Kader vum Pacte Logement, deem alen am Fong, deem nach deemools aktuell war. A mir hunn eis eeben deemools och scho gefrot gehat, den Här Dangler hat dunn d'Fro och gestallt gehat: „Ma jo, däre mer dat lo scho maachen, obwuel mer nach näischt Konkretes geplangt hunn?“ A wann ech elo hei kucken, op der Sait 2 hei vun där Circulaire, do steet jo awer definitiv och dran, dass een „un objectif, un projet de procéder à une réalisation afférente dans les délais les plus rapprochés possibles“. An och op der Sait 3, do steet dann: „de réaliser l'objectif invoqué dans les meilleurs

délais possibles“. Éischtens mol d’Fro, wat ass „meilleurs délais“? Et ass dat, wat nach e bësse vag ass. Mee mer ware jo do nach am September, huet do nach dat aalt Pacte Logements-Gesetz gespilt? Oder ass dat hei en neie Moment? Oder ass dee Vott, dee mer am September gemaach hunn awer nach valabel? Dat sinn zwou konkret Froen, méi zu der Form a zu de Prozeduren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser.

JOS THILL (DÉI LÉNK):

Jo Merci Här Buergermeeschter. Ech hat a menger leschter Ried zum Budget vun der Gemeng Diddeleng den 18. Dezember schonn dorops higewisen, datt déi Lénk all Initiativ vum Schännerot fir de Bau vun zousätzleche Wunnenge géife begrëssen. Mir ënnerstëtzen dës Propos also voll a ganz, an hoffen, datt fir dës Projet d’Gemeng selwer de Bauhär bleift. An hirem Arrêt vum 5. Januar vun dësem Joer, d’Madame Kayser huet och schonn drop higewisen, huet d’Cour administrative festgehalen, datt den Exercice vum Virkafsrecht verbonnen ass mat der Obligatioun fir d’Gemeng, ech zitieren: „la charge pour la commune de réaliser l’objectif invoqué dans les meilleurs délais possibles“. Mir freeën eis also drop, geschwënn e konkrete Wunnengsbauprojet op dëser Plaz presentéiert ze kréien. Merci.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot. Jo, mir hunn elo héieren, dass dat Virverkafsrecht a leschter Zäit fir eng gewësse Polemik gesuergt huet. A mir hu beim Virverkafsrecht, och opgrond vu rezente Jurisprudenzen, wou lo zitëiert goufen, lo scho mat där drëtter Circulaire a kuerzer Zäit vun der Inneministesch ze dinne. Dofir erlaabt mer trotzdeem och e puer Remarken zum Kontext vum Virverkafsrecht. Meng Fraktiounskolleegin, d’Madame Kayser, ass schonn op e puer Aspekter agaangen. Et sinn och net nëmmen déi rezent Jurisprudenzen vum Verwaltungsgeriicht, déi duerch en Dossier, wéi den Här Buergermeeschter et sot, vun der Gemeng Suessem erfollegt sinn, opgrond vun hirem Appell, déi fir Polemik gesuergt hunn. Mee och d’Aart a Weis vun der LSAP-Inneministesch an der Chamber, wéi se sollt op eng erwidert Fro vum CSV-Deputéierten Laurent Mosar am Mee 2020 äntweren.

Déi éischt Circulaire vum Mäerz 2020 huet d’Gemenge quasi an d’Onméiglechkeet gesat, fir hiert Virverkafsrecht auszeüben. An et ass also elo ze hoffen, dass d’Ministesch an hirer neier Circulaire, déi mir hei virleien hunn, och d’Urteiler richteg interpretéiert huet. An och ze hoffen, dass deen Aarbechtsgrupp, dee vun hir agesat gouf, déi Propose fir eng gutt Reform vum Virverkafsrecht dann och wéi ugekënnegt, virun der Summerpaus dës Joer wäert op den Dësch leeën. An an

deem Kontext hätt ech och eng Fro, well do ass jo och de Syvicol an deem Aarbechtsgrupp vertrat. Et ass scho gesot ginn, ob do och e Verrieder vun der Diddelenger Gemeng, dee mer jo och am Syvicol hunn, vläicht do op deem wichtege Dossier mat um Ball ass? Dat géif mech nawell interesséieren. Dann zur Saach selwer. Mir sinn also hei an deem éischtméiglechen Zenario, dee vun dem Urteel vum Verwaltungsgeriicht virgesinn ass. Dat heescht, de Schännerot decidéiert, fir e Virverkafsrecht auszeüben an de Gemengerot confirméiert dës Decisioun. Déi aner Méiglechkeet wär gewiescht, dass de Gemengerot direkt géif saiséiert ginn. Also virausgeschéckt, d’CSV begréisst natierlech och ausdrécklech, dass de Schännerot hei mol proaktiv war, fir zousätzleche Wunnraum ze schafen. Dat ass an deenen vergaangene Jore leider net ëmmer de Fall gewiescht an dofir begrësse mir déi Initiativ hei ausseruerdentlech.

Ech wollt awer och nach eng Rei Froen zum Fong vum Dossier stellen. D’Prozedur gesäit jo fir, dass d’Decisioun vum Schännerot innerhalb vun engem Mount vun der Matdeelung vum Notaire, seng Decisioun soll do matdeelen. Dat natierlech wann den Dossier komplett ass. Et war awer och en intensive Brëfwiessel, wéi aus dem Dossier ervirgeet, tëscht dem Schännerot an dem Notaire. Mee grad dee Brëf vum 12. Januar, wou de Schännerot dem Notaire dat da matdeelt, deen ass net am Dossier ze fannen. Dofir wollt ech just nofroen, ass dat vläicht en Oubli oder wat ass d’Ursach firwat deen net do ass? Kéinte mer dee Brëf eventuell nogereecht kréien? Dann och zu de konkreten Objektiv, déi de Schännerot hei ugëtt. Zu wéi engem Zweck sollen déi Terrainen do genotzt ginn? Déi entsprechen och zwou vun deene dräi virgesinne Finalitéite vum Gesetz, respektiv och vum Urteel vum Verwaltungsgeriicht. Nämlech dass et fir subventionéierte Wunnengsbau wär an och fir Stroossebau oder respektiv ëffentlech Infrastrukturen. Also och an dësem Fall fir den Accès ze garantéieren.

Dofir eng weider Fro zur Lag an zum Typ vun deenen Terrainen, wou am neie PAG jo e mini neit Lotissement virgesinn ass. Also déi éischt Fro ass do: Et ass jo kloer awer eng Bauplaz, deen een Terrain vun 9,72 Ar, déi och integral als Bauplaz wäert genotzt ginn? Dat ass eng Fro.

An op dem Plang, am Schéma directeur, dee mer am Kader vum neie PAG hei virleien hunn, gesäit et och net sou ganz kloer aus, op en Deel vun deem Terrain, deen d’Gemeng lo hei wëllt kafen, och nach an där „Zone difféérée“ läit. Et ass eng urbaniséiert Zon 11a virgesinn op där lénker Säit an eng differéiert urbaniséiert Zon op der rietser Säit. Dofir wollt ech nach eng Explikatioun oder detailéiert Informatioun hunn, ob dat wierklech ganz op deem elo scho bebaubaren Terrain läit. Dann, wat déi schmuel Sträif ubelaangt,

dee kleng Strépp vun 2,4 Ar. Do ass d’Lag e bësse méi komplex. Well do gesäit een, dat läit engersäits an der Gréngzon. Dat läit am Fong an der Limitt vun deenen 100 Meter Bande, déi ee ka matkafen nieft der urbaniséierter Zon, sou wéi dat virgeschriwwen ass. Mee do war lo d’Fro: Wat mécht dann d’Gemeng mat där Gréngzon do? Well do ka se jo da kaum en Accès maache fir de Verkéier oder fir d’Circulatioun. Quitt, um Rond-point ka se dat vläicht maachen, mee dat ass och net sou kloer. Wann Der do vläicht nach e puer Explikatiounen kéint ginn. A wat jo och e bësse méi kriddeleg ass, dat ass, dass dat op engem Biotop-Gebitt ass. Haaptsächlech ass et e Juegdgebitt fir Fliedermais. Si mer do net an enger Contrainte, herno, dass mer do eppes net kéinten anhalen, wat mer misste kompenséieren? Dat ass jo och net onwichtig, well dat géif jo zousätzlech Käschte verursaachen.

Dann nach eng drëtt Fro och zum Präis vum Objet. Do ass de Buergermeeschter deelweis schonn drop agaangen. Et ass natierlech e gönschtege Präis kann ee soen, an hei ass et lo einfach e globale Präis. Ech wollt just nofroen, hei geet et jo ëm zwee verschidden Typen vun Terrainen, dat eent vläicht méi als Bauplaz an dat anert eebe fir Verkéier, also Stroossebau ze maachen. Ass do de Präis uniform gehandhaabt ginn oder ass do eng Differenz gemaach ginn tëscht dem Ar-Präis vun deem enge Volet an deem anere Volet? Well eng Bauplaz kascht jo bekanntlech méi deier, wéi eng Strépp, déi lo an der Gréngzon läit oder déi fir de Stroossebau benotzt gëtt. Dann nach eng véiert Fro. D’Gemeng huet jo am Kader vun der Procédure administrative contentieuse och deem presuméierte viregte Keefer en Delai gelooss vun 8 Deeg fir seng Observatiounen matzedeelen, nodeems e matgedeelt krut, dass d’Gemeng wëllt e Virverkafsrecht ausüben. An do meng Fro: Huet dee presuméierte viregte Keefer Observatiounen raginn? Normalerweis wär deen Delai gëschter, de 4. Februar, ofgelaf. Dat wär och interessant, do ze héieren. A bon, last but not least, déi lescht Fro. Meng Fraktiounskolleegin hat déi schonn ervirgehuewen, an och den Här Thill, wat d’Delaien ubelaangt. Mir sinn, wéi gesot, hei an enger Phas vun engem Schéma directeur. Wéi séier kann dat elo ëmgesat ginn? Wat ass do „dans les meilleurs délais“? Also déi Fro nach eng Kéier widderholl. A mir wäeren natierlech och ganz frou wa mir dann als Oppositioun och bei där méi konkreter Planung, wann dat dann dozou kënnt, och géife mat abezu gi vum Schännerot, wann dat Ganz dann a Musek ëmgesat gëtt. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Andrich-Duval.

ROMAIN ZUANG (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- an

dem Gemengerot. E puer Bemierkungen eisersaits och zu dësem Punkt. Et ass ze begréissen, dass mer duerch den Arrêt vun der Cour administrative vum 5.1.2021, also nach net laang hir, haut just virun engem Mount, lo eng Jurisprudenz betreffend den Exercice vum Droit de préemption hunn. Contrairement zum Jugement vum Tribunal administratif vum 22.07.2020 iwwert d'Fongfroen, wat den Exercice vum Droit de préemption ubelaangt, huet d'Cour administrative festgehalten, dass de Schafferot d'Decisioun, den Droit de préemption ze zéien, hält. D'Decisioun muss natierlech vum Gemengerot ënnerstëtzt ginn.

De Gemengerot kann och dem Arrêt no direkt d'Entscheidung, den Droit de préemption spillen ze looschen, huelen. Allerdéngs muss dëst am Mount vum Accusé de réception un de Notaire geschéien, wat meeschtens duerch kuerz Delaien, wéi an dësem Fall och, net méiglech ass. Der Cour no muss d'Decisioun, de Droit de Préemption spillen ze looschen, motivéiert ginn. Eng vun den dräi Finalitéiten, déi am Gesetz Pacte Logement virgesi sinn, muss respektéiert ginn. Dat sinn d'Realisatioun vu Logement, d'Realisatioun vu Stroossebauaarbechten an ëffentlech Ekipement an dréitens d'Realisatioun vun Aarbechte fir kollektiv Ekipement. Contrairement zum Tribunal administratif huet d'Cour administrative net zréckbehalen, dass d'Gemeng am Moment, wou se den Droit de préemption spille wëll looschen, schonn e konkrete Projet virleie muss hunn, mee dass se sech allerdéngs engagéiert, an engem „Délai rapproché“, wéi dat ausdréckt ass, e Projet ze realiséieren. D'Parzell 1835/7770 läit an eisem neie PAG, deen an der Prozedur ass an enger Zon PAP Nouveau quartier „Kouschwanz“ genannt, an deem nëmmen Eefamiljenhaiser sollen entstoen. Domat ass déi éischt Finalitéit motivéiert. De Wee läit am neie PAG an der „Zone de circulation“, do trifft also éischter déi zweet Finalitéit zou. Dëse Wee gëtt deelweis gebraucht fir an d'Lotissement eranzefueren.

Souguer wann de PAP net géif oder net kéint realiséiert ginn, hu mer awer nach ëmmer eng fäerdeg Bauplaz do leien, an dat zu engem sou niddrege Präis, dass een et bal net gleewe kann. Eis Fraktioun ënnerstëtzt d'Decisioun vum Schafferot, fir d'Virkaufsrecht an dem heite Fall spillen ze looschen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Merci Här Buergermeeschter, ech faasse mech ganz kuerz. Mir ënnerstëtzen dat doten natierlech och. Och dee Präis fanne mer ganz gutt. Ech hätt just nach eng Fro: Et ass nach kee konkrete Projet, et ass awer Logement, Voirie an Equipements publics sot den Här Buergermeeschter. De Wee, wann deen dann elo ausgebaut gëtt, dat wäert jo

da keng Strooss ginn? Dat ka jo dann och fir Foussgänger eng Verbindung just sinn? Oder ass do eng Strooss geplangt?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech d'Wuert weiderginn un eis zoustänneg Mataarbechterin, d'Eva Gottschalk, dat op eng ganz technesch an urbanistesche Consideratiounen wäert agoen, an ech wäert dann op déi e bësse méi politesch Elementer agoen. Voilà, Madame Gottschalk.

EVA GOTTSCHALK (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Merci Här Buergermeeschter. Ech probéieren d'Fro, déi mir gestallt goufen, sou gutt wéi méiglech ze beäntweren. Also wéi den Här Zuang scho sot, si mir lo an der Prozedur vum neie PAG. Dat heescht, mir hunn de Moment déi zwee PAGen, déi nach gëllen, de PAG en vigueur an de Projet-PAG. Am PAG en vigueur ass et effektiv sou, dass déi eng Parzell, déi grouss Parzell, eng Bauplaz ass an enger „Zone faible densité“. An am neie PAG dës grouss Parzell an enger „Zone soumise au PAP“ läit. Déi grouss Parzell ass net Deel vun der Zon ZAD, mee Deel vun der Zon PAP. Déi kleng schmuel Parzell, déi Wegeparzelle, do gëtt effektiv en Deel dovunner gebraucht fir den Accès an den neie Quartier, wou och eng Strooss wäert musse gebaut gi fir de Quartier ze erschléissen. Dat gesäit een och am Schéma directeur, deen Deel ass vum Dossier.

A wat déi Biotoper ugeet: effektiv, et ass kee ganz einfachen Terrain, dat ass alles an der SUP gekuckt ginn, déi och Deel ass vun den Dokumenter vum PAG. Mat de Fliedermäis mat deene Couloiren, dat ass och richtig. An dowéinst ass och am PAG, wann een dat gutt kuckt am Projet, deen hënneschten Deel, deen zum Bësch geet, am Projet PAG. Dat do ass de PAG en vigueur. Do gesäit een hannen, wou JAR steet, dat ass eng en Zone jardin, dat heescht, do däerf och kee Fall gebaut ginn, dat muss op alle Fall gréng bleiwen. An dat ass och eng Virgawe aus der SUP, déi mer hei an de PAG iwwerholl hunn. Vu datt do déi Biotope sinn, vu datt dat do dat Juegdgebitt ass fir Fliedermäis. Wat och gëllt, hei hu mer Artikel 17 an Artikel 21 Naturschutzgesetz. Och do muss ee kucken, dat ass och alles respektéiert an iwwerholl ginn aus der SUP, fir dëst Gebitt dann herno kënnen ze erschléissen.

D'Zon PAP, dat ass eng Densité Logement, dat ass alles am Schéma directeur festgehalten, vu 15 Unitéiten den Hektar. Dat heescht, mir hunn hei e Potenzial vun 12 Logementen insgesamt, déi do kënnen realiséiert ginn. Mat dem Droit de préemption, deen d'Gemeng hei géif zéien, kéint een theoretesch rechneresch knapp 1,46 Logementen schaffen. Wéi gesot, et si just Maison unifamilialen do zougelos, et ass eng HAB1, an déi sollen och platzsparend an en bande oder jumelé, ge-

baut ginn. Dat sou wäit vu menger Säit. Ech hoffen, dass dat genuch Informatiounen waren. Wann nach eppes géif feelen...

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just froen, wou kéim dann déi Strooss? Wou géif déi gebaut ginn? Kënnst do en Accès vun der Route de Kayl eriwueren?

EVA GOTTSCHALK (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Neen, dat ass refuséiert gi vu Ponts & Chaussées. Mir dierfen net vun der Route de Kayl aus rafteren. Dat gesäit een och hei ganz gutt. Soss hätt do missen e Feil gezechent gi vun der Route de Kayl, fir do ze kennzeechnen, dass een do däerf erafteren. Et muss een aus dem Angeldall erschléissen. Dat kann een och erkennen am Schéma directeur un där gepunktelter Linn, déi hei gezechent ass, well déi musse quasi vum Rond-point aus erafteren. Do wäert eng Strooss mat engem zweete Rond-point um Schluss da gebaut a realiséiert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Mir hunn de Moment e Schéma directeur. Et läit jo nach kee PAP fir, dee prett ass, fir an de Gemengerot ze kommen a fir gestëmmt ze ginn. Ech verstinn, dass hei scho Froe sinn. An awer ass de PAP nach an Ausaarbechtung. A mir hunn de PAG, deen actuellement nach en vigueur ass, deen nach net an der Prozedur ass... et gi jo nach verschidde Gegebenheeten. Mee mir wollte lech dat heite weisen, fir dass Dir wësst, a wéi eng Richtung dat ka goen. Fir dass Der och kënnt novollzéien, firwat dass mer hei d'Virkaufsrecht wëlle spille looschen. Ech wollt dem Eva Gottschalk Merci soe fir déi verschidden Äntwerten, déi et hei ginn huet op déi verschidde Froen, déi aus dem Gemengerot komm sinn. Et war jo erauszehéieren dass hei d'Virkaufsrecht duerch déi ganz Bänken an och parteiiewergräifend gedroe gëtt. Ech mengen dat ass ganz wichtig. Ech wëilt vläicht op déi e bësse méi politesch Consideratiounen agoen. Am éischte Jugement – an ech weess net, ob ech lech do richtig verstanen hunn, Madame Kayser – am éischte Jugement, dat ass jo dat, wat schwierig war fir d'Gemengen, ass, dass een huet missen e konkrete Projet virzeechnen. An dat ass jo duerch den Arrêt vun der Cour administrative net méi de Fall. Et muss een also eng Finalitéit undeiten. An et muss een da soen, wann een d'Virkaufsrecht spille léisst, wat een op deenen Terraine wëll ëmsetzen. Ass et Logement, ass et Equipements publics oder ass et Voirie. Ech mengen dat si jo déi dräi Elementer, déi ee muss uweisen an déi muss een och ëmsetzen. Dat heescht et gëtt ee scho ganz kloer eng Stoussrichtung vir, ouni dass et awer schonn e konkrete Projet an all sengen Detailler ass. An dat erliichtert eis d'Aarbecht. Well haut si mer jo grad an där Situatioun, wou mer net kënnen e kon-

krete Projet opzeechnen. Mir kënne en gros eng ganz Rei Indikatiounen ginn, déi herno awer nach mussen ausräife fir dass et e finale Projet gëtt.

Déi Formulatioun „dans les délais les plus rapprochés“, dat ass natierlech eng kloer Undeutung, an awer léisst et de Gemengen e gewësse Spillraum. An och dat ass wichtig. Well et ass jo en Ënnerscheed, ob een als Gemeng e Virkafsrecht spille léisst an e Bauterrain keeft, wou een direkt drop baue ka well een d'Maîtrise huet. Oder awer e Virverkafsrecht spille léisst wéi hei, wou elo agebett ass an engem ganze PAP, wou nach aner Acteuren dobäi sinn, a wou natierlech aner Delaie spillen an och nach aner Prozeduren. „Dans les délais les plus rapprochés“, wann een e Projet huet, op enger Parzell wou kee PAP drop ass, wou et eng Baugeneemegung gi ka wann de Projet da konform ass zum PAG. Natierlech geet sou e Projet da méi schnell virun, wéi wann een e PAP muss maachen, deen dann an de Gemengerot kënnt, dee vum Gemengerot muss approvüiert ginn a vum Intérieur muss approvüiert ginn. Also dofir mengen ech den „délai le plus rapproché“ hänkt awer och vun der Prozedur of, an där ee sech befënnt. An ech mengen och dass d'Jugement, dass den Arrêt vun der Cour administrative sech däers bewosst war, wéi se dat sou formuliert huet. An och d'Gemenge generell dat deementspriedend och appreciieren.

Dat mat der Nierzengerstrooss, dat Virkafsrecht dat mer hei spille loosse, dat war jo och den Akt, dee mir hei gemaach hunn, déi leschte Kéier, wou mir och Terraine kaaft hunn. Den Arrêt vun der Cour administrative, deen ass jo net retroaktiv op dat, wat mer gemaach hunn. Natierlech alignéiere mer eis. Mir hate jo och indiquiert, dass mer do wéile Logementer maachen. Also reit dat sech an den Esprit a vum Arrêt un der Cour administrative. Wat och wichtig ass, bei deem Arrêt vun der Cour administrative ass, dass, wann een undeit, dass een dat mécht, dass een dann och an déi dote Richtung geet. Et ka jo net sinn, dass ee seet: Mir maachen do Logement, a finalement maache mir op där Plaz, wou mir d'Virkafsrecht spille gelooss hunn Equipements publics. Ech mengen och dorunner si mir als Gemeng gehalen. Mir hunn dee Kafakt do gemaach virun e puer Méint. A mir wäerten och do Logement maachen. Mee och dat hänkt natierlech dovun of, wéi schnell de Projet virukënnt, well och do aner Acteure mat am Spill sinn, wann een dat wëll entwéckelen. Mee mir hunn awer mol de Virdeel, dass mer eng Réserve foncière hunn, wann sech eppes entwéckelt, oder dass mer och selwer den Ustouss kënne gi fir e Projet ze entwéckelen. An fir dass dat net falsch verstane gëtt oder falsch eriwuerkt: de Pacte Logement, dat Gesetz, dat ass jo de Moment nach en vigueur. Dat leeft jo 2021 réischt aus. Am Moment läit e Projet de loi fir, fir datt natierlech den neie Pacte Loge-

ment soll a Kraaft trieden, ab dem Joer 2022. Dat par Rapport zu de Froe vun der Madame Kayser.

Dem Här Thill hunn ech dann och geäntwert mat „les meilleurs délais possibles“. Also ech verstinn d'Erwaardungshaltung vun de Gemengeconseillere an de Gemengeconseillere an ech hu probéiert ze erklären, a wéi engem Kontext dat sech ofspilt. Dann, par rapport zu der Madame Andrich. Ech wëll hei just eng Kéier generell rappellieren, dass mer am Fong ëmmer e Prinzip haten hei am Gemengerot. Bon, dat kann een ëmmer ausleeë wéi ee wëll, mee mir haten awer dee Prinzip, sou laang ech d'Chance hunn, Buergermeeschter ze si vun dëser Stad an och dëse Gemengerot ka presidieren, dass et an dësem Gemengerot net eng „Chamber-bis“-Diskussioun soll ginn. Ech wëll dat hei kloer an daitlech soen, an ech mengen dass mäi Virgänger dat och scho méi wéi eng Kéier kloer an daitlech gesot huet. Well soss verlagere mer alleguer déi Diskussiounen, déi mer an der Chamber hunn, an där ginn et der eng ganz Hällewuoll an dëse Gemengerot. Ech weess, dass et och schonn Tentative vun aner Parteie gouf, dat ze maachen. Mee dat Spill gräift hei zu Diddeleng net. Och wann d'Proximitéit, déi institutionell Proximitéit vun nationaler a lokaler Politik ganz no läit, dësen Diddelenger Gemengerot soll net zu enger „Chamber-bis“-Diskussioun féieren. Par rapport zu Ärer Demande, ob de Verrieder vun der Diddelenger Gemeng, deen am Syvicol ass, och deen dote Projet mat suivéiert. Jo, sou wéi en all Projekte vum Syvicol mat suivéiert an och de Syvicol säin Avis ofgëtt. Ech mengen dass dat generell dem Syvicol seng Aarbecht ass, indépendamment dovun, wéi ee Verrieder dodra sëtzt.

Dann, par rapport zu der Demande zu der Prozedur. Do sinn eng ganz Rei Punkten, wou d'Madame Gottschalk schonn drop agaan ass. Richtig ass, wéi d'Madame Andrich sot, wann den Dossier komplett ass, da kann innerhalb vun engem Mount de Gemengerot saisiert gi fir eng Decisioun ze huelen. Ech muss lech awer éierlech soen, dat ass éischter d'Ausnam wéi d'Reegel. Well ganz oft sinn d'Dossieren net komplett an d'Gemeng muss ganz oft dem Notaire nach eng Kéier schreien oder rappellieren, fir sech kënne eng Meinung ze maachen als Gemeng, dass een alleguerten d'Elementer braucht. Dofir hunn ech net fir näischt virdru gesot, dass den Notaire en Officier public ass a sou wéi et och am Gesetz steet iwwert de Pacte Logement, muss en der Gemeng alleguer d'Elementer ginn, fir dass mer kënne, en connaissance de cause, dat Virkafsrecht zéien. Wéi gesot, dat innerhalb vun engem Mount spillen ze loosse, dat wär ganz flott, dat wär dann och zäitno. Mee dat ass éischter d'Ausnam wéi d'Reegel. Dat huet ee jo och an dësem Dossier hei gesinn.

An déi Fro, par Rapport zum Präis, Madame Andrich, déi wonnert mech e bëssen. Well mir musse jo hei dat unhuelen, wat de Proprietär vum Terrain wëllt verkaufen. An de Proprietär vum Terrain hat hei d'Approche, déi zwee Terraine wëllen ze verkaufen. Mir kënnen hei net eng nei Diskussioun lass féieren als Gemeng, oder nei Momenter schafen. Hei ass en Terrain, dee verkaft gëtt, op dee ka gebaut ginn. De Proprietär vun deem Terrain bitt e Präis un, ënnert verschidde Konditiounen, an d'Gemeng gëtt mat deem Präis an deene Parzellen, konfrontiert. An unhand vun der Analys, déi se mécht, decidéiert se, ob se d'Virkafsrecht wëllt spille loosse oder net. Mir kënnen net ufänken eng Decisioun oder eng Diskussioun ze féieren, dass mer elo fir déi eng Parzell ee Präis maachen a fir déi aner Parzell en anere Präis maachen. Hei war d'Volontéit vum Proprietär, déi zwou Parzellen zu engem Präis unzebidden. An un der Gemeng dann ze decidieren, ob se do wëll matzéien, an d'Virkafsrecht zéie wëll oder net. Dat heescht, mir schafe keen neie Momentum. An hei hu mer am Fong déi dote Volontéit vum Proprietär wouergeholl, andeems mer hei dann d'Decisioun wëllen huele fir d'Virkafsrecht spillen ze loosse. Par rapport zu der neier Prozedur vum PANC, also vun der „Procédure administrative non-contentieuse“, do sinn an deenen doten Delaie keng Observatiounen vum Proprietär komm.

An zu der leschter Fro, par rapport zum PAP fir agebonnen ze ginn... Ech menge souwiso, d'Ausarbechtung vum PAP, respektiv herno d'Presentatioun vum PAP, dat ass jo eppes wat hei am Gemengerot stattfënnt. Dir kritt jo herno de PAP presentiert. Et gëtt driwwer diskutiert, zesumme mam Architektbüro. Ech mengen dass dat och e Moment ass, wou een natierlech iwwert déi doten Ausrichtung kann diskutieren. Ech hu probeiert, op déi verschidde Punkten anzugehen. D'Madame Andrich freet nach eng Kéier d'Wuert.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV):

Merci Här Buergermeeschter fir Är Explikatiounen. Et ass awer esou, dass eng Fro net beäntwert gouf, an dat war déi, ob dee Bréif vum 12. Januar, deen de Schafferot un den Notaire geriicht huet, dee war net am Dossier an do weess ech net, ass dat en Oubli? Oder kann een deen nogerecht kréien?

DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER): Kee Problem, kënne mer noreechen. Da géif ech proposieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass domat averstanen, dass mer hei d'Virkafsrecht als Gemengerot zéien? **Dat ass unanime.**

Da soen ech lech villmools Merci. A wéi gesot, da wäerte mer och kënne zum Akt iwwergoen, dass mer dann och kënne den Acte de vente ausschaffen.



4. AVIS ZUM LÄRMSCHUTZ-AKTIONSPLANG

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Ech proposéieren, datt mer mer op den nächste Punkt iwwerginn, dat ass den Avis zum Plan d'action contre le bruit. Ech begreifen och hei an eiser Ronn de Mataarbechter aus eisem Service écologique, de Jérôme Morbé, an ech soen och der Madame Gottschalk Merci, dass se hei war fir déi Rei Ausféierungen, déi se ginn huet. De plan d'action contre le bruit, deen Der hei virleien hutt ass jo, dass mer eisen Avis ofginn als Stad Diddeleng par rapport zu verschidde Pläng. Eis concernéiert am Fong just ee Plang, dat ass dee vun dem Autosverkéier op den Axes routiers. Dat ass jo eng Prozedur, déi den Ëmweltministère laut dem Gesetz vu '76 initiéiert, wou mat enger ganzer Rei vun Delaie verbonnen ass. A wou hei de Ministère, respektiv d'Regierung d'Gemengen invitéiert, hiren Avis ofzeginn zu de Pläng vun der Regierung, déi ausgeluecht goufen, déi disponibel waren. Déi goufe jo och hei am Gemengenhaus op verschiddene Stelle publizéiert. An duerch d'Covid-Kris waren eng Rei vun Informatiounsversammlungen iwwert Webinar. Dat wéi gesot zur Prozedur. Wou och Reklamatiounen erakomm sinn, ech wäert herno dorop agoen.

Wat déi generell Consideratiounen ugeet: hei kënnt der jo soen dass eis all bewusst ass, dass Kaméidi a sengem Volumen an a senger Frequenz e seriösen Impakt huet op eis Liewensqualitéit. Op d'Liewensqualitéit vun de Mënschen, vun eise Matmënschen, vun de Bierger, mee awer och en Impakt huet op d'Ëmwelt. Et ass also e Stéierfaktor an et bleift och net aus, dass d'Mënsche sech mat Recht doriwwer beschwéieren. An dat net nëmmen hei zu Diddeleng an zu Lëtzebuerg, Europa, mee och weltwäit. Natierlech, mat deene Pläng, déi hei virleien, wou et virun allem ëm d'Mobilitéit geet, Autoverkéier, Schinne-verkéier, Flughäfe mat Depart a Landungen, dat sinn och déi klassesch Source vun deem Kaméidi. An natierlech, wann dat e seriösen Impakt huet, da kann de Mënsch doduerch krank ginn a seng Gesondheet doduerch beanträchtegt ginn.

Dir wësst awer och dass d'Covid-Kris, mat all hirer Dramatik, déi dote Kaméidis-Sour-

cen – och duerch déi verschidde Mesuren, déi geholl goufen – zimmlech staark reduzéiert huet. An ech mengen, dass mer och déi Chance haten, dat am Alldag ze erliewen. De Plan d'action, dee mer hei ausleien hunn, dee gouf natierlech virun der Covid-Kris gemaach an net, wéi gesot, während dëser Covid-Kris. An de Plang, deen Der hei virleien hutt, dee gëtt sech jo verschidden Objektiv an eng Rei spezifesch Aktiounen, déi een huele wëll fir Ëmsetzungen ze maachen um lokalen, um regionalen an och um nationale Plang, wou dann och all Kéier deene Gegebenheete soll Rechnung gedroe ginn. An de Gemengerot ass jo haut a senger Roll gefrot, fir ze soen, ob mer de Plan d'action vun der Regierung, vum Ëmweltministère, spezifesch wat Diddeleng betrëfft zu den Axes routiers, kënnen a wëlle guttheeschen. Mat de Problemer, déi identifizéiert goufen an natierlech och mat de Moosnamen, déi proposéiert gi säitens der Regierung an dem Ëmweltministère fir Verbesserungen ervirzeruffen. Dat ass de generelle Kontext an deem mir eis hei befinnen. Wa mir dann natierlech vum generelle Kontext erofzoomen op dee classeschen, lokale Kontext...

Wéi gesot, an där Prozedur, mat där mer befaasst goufen, do gouf et jo déi Méiglechkeet, Reklamatiounen eranzeginn als Bierger. Do koum eng Reklamatioun de 17. November era vum Här Nägelen 1:09:32 iwwert de Kaméidi beim Triage vum CFL. A vum CFL Multimodal koum eng éischter méi generell Reklamatioun ran, déi net spezifesch op Diddeleng geméint war, vum Mouvéco, vum Mouvement Écologique. Dat war am Dezember 2020. Déi mécht den Appell, e véritable Plan d'action – den Adressat war do éischter d'Regierung – ze maachen. An dann d'Reklamatioun vum Butschebuurger Quartier, de Grupp Kaméidi den 8. Dezember. Hei geet et ëm de Kaméidi an der Nierzengerstrooss, respektiv éischter drëm, de Mur antibruit op der A13 ze maache fir den Impakt op Butschebuerg ze produzéieren. Dat sinn déi dräi Reklamatiounen, déi offiziell an den Delaie rakommen an der Consultationsprozedur, der Prozedur vun der Enquête publique. Déi Constaten, déi mir als Gemeng gemaach hunn an hei dem Gemengerot wëllen ënnerbreeden, dat ass, wann iwwert d'Axes routiers geschwat gëtt, et awer fir eis och net onwichtig ass – quitte dass een an deenen anere Plan d'action iwwert de Volet ferroviaire manner erausgeschleift huet – dass de ganze Kaméidi vum Triage, respektiv vum CFL Multimodal, soll mat berücksichtegt ginn. Dorop gi mir jo och an eisem Avis an. Par rapport zu den Donnéeën, déi virleien ass et sou, dass déi Prozedur 2020 lancéiert gouf, 2021 hu mer lo den Avis hei virleien, sou wéi d'Gesetz et virgesäit an d'Prozedur. Awer mir hu Cartes de bruits aus dem Joer 2016. Bei de Mesuren, déi gemaach goufen, hu mer am Dag 69,9 dba an nuets 61,5 dba, also am Dag méi wéi an der Nuecht. Mee et ass awer och wichtig, dass déi Cartes de bruits aktualiséiert ginn. An dorobber gi mir an eisem

Avis och an. An et muss een och soen dass, wou d'Carte de bruit vun 2016 gemaach ginn ass, déi ganz Diskussioun ronderëm de Bau vum Echangeur Bireng nach net ofgeschloss war. Dee war dunn nach am Gaang, mee deen ass jo lo sou gutt wéi fäerdeg. Mir hunn eis bei eisem Avis, dee mer hei virleien hunn, awer och un eisem Plan d'action contre le bruit vun 2017 inspiréiert, dee war jo och dran. An eng Rei Saachen, déi dra waren, si jo och ëmgesat ginn. Anerer net. A mir hunn jo och d'Geleeënheet genotzt, fir nach eng Kéier en Appell un d'Regierung ze maachen, dass déi Saachen nach en Kéier méi am Detail solle gekuckt ginn. Déi vun 2017, an awer och déi nei Elementer, déi hei bäikommen. Och wa mer finalement wëllen e positiven Avis ofgi par rapport zum Plan d'action.

Bon, engersäits hu mer dee classesche Punkt, dat ass den Ausbau vun 2 x 3 Spuere vun der A3 tëschent dem Gasperecher Kräiz bis d'franséisch Grenz, respektiv den Ausgang Diddeleng-Zentrum, wat jo am Plan directeur sectoriel transport dran ass. Dass mer dat natierlech begreifen. Beim Echangeur ronderëm Diddeleng Bireng, beim Verkéier deen do entsteet, dass do och en Ecran anti-bruit gemaach gouf. An dat war jo och eng Fuerderung vun 2017, an déi ass och ëmgesat ginn. Dass awer och an deem dote Kontext eng Reklamatioun rakomm ass vun den Awunner vu Butschebuerg. Déi ganz Petitoun hutt Dir am Dossier jo och virleien. An dass mer déi positiv ophuelen, an dass mer déi Doléance och ganz gäre weiderginn an och den Appell un den Ëmweltministère, ze präiwen, ënnert wéi enger Mesure dee Mur anti-bruit op der Säit op der Collectrice du sud vun Diddeleng Richtung Keel ka gemaach ginn fir dann och den Impakt Richtung Butschebuerg kënnen ze minimiséieren.

Da begrësse mer och de Projet vum BHNS, vum Bus à haut niveau de service, dee jo natierlech vu Péiteng, vu Rodange bis op Diddeleng kënnt. Och dat ass e feste Bestanddeel vum Plan sectoriel transport. An och dat dréit dozou bäi, dass den ëffentlechen Transport verbessert gëtt an och iwwer deen dote Wee den Individualverkéier erof gedrosselt gëtt. Bon, dann hu mer awer och e Punkt erëm ervirgeholl, dee mer schonn 2017 schonn haten, an dee mre awer nach eng Kéier mat Nodrock wëllen hei mat riwwerbréngen. Dat ass den CF 184 an der an der Wuermerengerstrooss, Route de la Libération. Do ass jo virgesinn am Kader vun der Entwécklung vun NeiSchmelz, dass déi Strooss erofgesat gëtt. Et ass jo de Moment nach eng Staatsstrooss, déi soll erofgesat gi vu 50km op 30km an der Stonn. Do soll e Reklassement vun der Voirie gemaach ginn. Mir maachen hei de Constat, dass säit 2017, och no eisem Avis, dee mer jo hei formuléiert hunn, näischt erfollegt ass. Mir froen awer hei nach eng Kéier no, dass dat soll iwwerpréift ginn. Well et sécherlech och Sënn mécht, deen doten Tronçon verkéiersméisseg a vitessméisseg ze dresse-

len. An zemoos hate mer jo am Kader vun NeiSchmelz och Diskussioun mat de Ponts & Chaussées, déi jo och ganz favorabel waren, fir dass mer an déi dote Richtung ginn. Dann ass et natierlech och esou, dass mer an eisem PAG, dee mer an d'Prozedur geschéckt hunn - et ass jo do, wou mir als Gemeng Méiglechkeeten hunn – och schonn enger ganz Rei Elementer Rechnung gedroen hu fir Servitude, Urbanisation, Aménagement anti-bruit. Dass mir dat jo och agefouert hunn. Dass mer jo do och eng ganz Rei Servituden agefouert hunn, Ecran verten, déi och dozou kënnen bäidroen, dass de Verkéier soll reduzéiert ginn. An d'„Zones de bruit“, déi hu mer jo och an eisem Artikel 34 am neie PAG, dee mer an d'Prozedur geschéckt hunn. Dat sinn alles Elementer, wou mer als Gemeng och kënnen iwwert de PAG reegelen. Also och nach eng Kéier dorobber hiweisen.

An awer och, wat net onwichtig ass, och wann et eng ganz aner Prozedur ass, déi och elo lancéiert gouf, déi näischt mat dëser Prozedur ze dinne huet. Mee dofir hu mer d'Cirulaire do, do wäert och eng Kéier an der Gemeng sech domadder befaasst ginn. Wou éischters d'Reclamation directe 1:16:24 un den Ëmweltministère adresséiert ginn ass, dat ass de „Plan national de qualité d'air“. Do wou vill Verkéier a Kaméidi ass, do ass natierlech och d'Loftqualitéit eng aner. Et ass awer net oninteressant ze analyséieren, wéi de Lien tëscht deenen zwee ass a wéi och do den Impakt vun deem engen op deem anere ka sinn. Mee wéi gesot, et ass eng Prozedur, déi à part leeft. Mee einfach mol d'Iwwerleeung, d'Demarche, wéi een déi zwee ka mateneen agencéieren och wann et eng Enquête, respektiv eng Prozedur à part ass, déi vum Ëmweltministère initiéiert gouf. Ofschléissend: dass mer hei an eisem Avis den Appell maachen, dass dee Mur anti-bruit op der Närerzenger Säit, also vun Diddeleng Richtung Närerzeng/Keel soll gekuckt ginn. Dass mer do déi Demande un den Ëmweltministère weider droen. Dass mer natierlech och nach eng Kéier kucken, dass dat op der Route de Wolmerange dat gedrosselt gëtt vu 50 op 30 km an der Stonn. Dass mer och hei den Appell maachen un den Ëmweltministère, awer och virun allem un den Transportministère, dass beim CFL-Multimodal virun allem, awer och beim Triage soll gekuckt ginn. Bon, dat fënnt een an deem Dossier do erëm, quitt dass et eis net direkt concernéiert, well Diddeleng net do ernimmt ass. An do hu mer awer dee Kaméidi, deen do entsteet an dat Material, wat se do gäre wëllen investéieren fir déi ganz Bremsen an dee ganze Kaméidi duerch d'Bremsen ze drosselen, dat soll awer méi am Detail gekuckt ginn ann der CFL, respektiv beim Triage Beetebuerg an der CFL Multimodal Beetebuerg.

Dat sinn déi Elementer, déi een hei am „Plan d'action contre le bruit“ erëmfënnt. Déi mer positiv aviséieren. Mee awer och eng ganz Rei Punkten, déi mer un d'Adress vun der

Regierung a méi spezifesch souwuel un den Ëmweltministère wéi och den Transportministère - en fonction vun de jeeweilege Kompetenzen- och wëllen hei ganz kloer erundoen. Ech hunn elo probéiert hei, den Avis vun der Stad Diddeleng sou gutt wéi méiglech ze erklären. An d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kollegen. Am Gemengerot vum 22. Abrëll 2013, bei Geleeënheet vun der Diskussioun iwwert den CFL Multimodal hat ech schonn iwwert de Problem vum opkommen de Kaméidi a Verkéier am Norde vun eiser Stad intervenéiert an ënner anerem Fallbeispiller zur Kaméidisreduktioun aus dem Ausland opgezielt. Mir haten deemools d'Méiglechkeet vun engem Schutzwall laanscht d'Autobunn gefuerdert. Engersäits fir déi Wunnquartieren am Norden virun dem Autobunnkaméidi ze schützen. An anersäits hat ech domat der CFL eng Méiglechkeet proposéiert, fir déi riseg Buedemmassen, déi beim Bau vu Multimodal ugefall sinn, onkomplizéiert placéieren ze kënnen. Dunn am Gemengerot vum 26. Mee 2017 hu mer hei iwwert der Regierung hiren Aktiounsplang géint de Kaméidi geschwat an en Avis ofginn. Deemools war d'Biergerinitiativ „Bireng 21“ déi eenzeg, déi zur Enquête publique Stellung geholl hat. Grad wéi si hat och d'CSV deemools bedauert, dass de Ministère sech bei der Opstellung vun deem Plang vun 2016 op vereeltent Zuelematerial vun 2011 baséiert hat. Et gouf deemools virum kumulativen Effekt vun Autobunn, Multimodal, Eurohub an Triage gewarnt. An d'Fuerderung no enger Konstruktioun, fir e Kaméidisschutz laanscht d'Autobunn gouf widderholl.

Dee Schutz sollt sech awer net nëmmen op d'N31 bezéien, mee op eng maximal Längt laanscht d'Wunnquartiere verlängert ginn a souguer mat Photovoltaik-Panneaue versi ginn, dat war eis Propos. An elo, 2021, freet d'Regierung erëm eisen Avis zu hirem neien Aktiounsplang géint de Kaméidi. Wann een déi zwee Aweise vergläicht, deen een, deen eis hei virläit an dee vun 2017, da falen engem do verschidde Punkten op, déi nach ëmmer net evoluéiert hunn. An nach ëmmer ass dat dat Zuelematerial, op dat sech baséiert gëtt, dat net aktuell ass, wat deen Avis hei och kritiséiert. D'Kaméidiskaarte si vun 2016. Nëmme verschidde gemoosse Grenzwärter sinn aktualiséiert ginn duerch déi Moosse vun 2019. De Projet vum Ausbau vun der A3 gëtt vun eis och als Entlaaschtung ugesinn an ënnerstëtzt. D'Vitesslimitatioun fir d'N31 an fir d'A13 ginn nach ëmmer d'selwecht an eisem Avis gefuerdert. Do ass zënter 2017 nach ëmmer näischt geschitt. Dat selwecht gëllt och, Dir hat et gesot, fir d'Korrelatioun vum Kaméidi zum Aspekt vun der Loftverschmutzung, vun de Stéckoxiden a vum Feinstaub. Woubäi ech awer wëll bemierken, ech hat elo virgëschter un engem Webinar vum

Meco deelgeholl, wat den Aktiounsplang fir déi propper Loft ugeet, an do ass vum Ministère direkt emol d'Kloerstellung komm, dass de Feinstaub an eise Moossungen an an eisen Aktiounen kee gréisseren Aspekt wäert sinn, well international d'Grenzwärter fir de Feinstaub méi héich sinn, wéi mir se hei kënnen virweisen. De kumulativen Aspekt vun deene verschidde Kaméidisquellen ass och nach net genuch berücksichtegt ginn. Bei der Opstellung vun de Kaméidiskaarten vun 2016 hunn CFL-Multimodal, Eurohub, an déi gréng Bréck laanscht d'Autobunn nach net fonctiounéiert an d'Verkéisersopkommes vun den Camione war nach net sou grouss.

Nei am Avis vun 2021 sinn dann ënner anderem folgend Punkten: deen neien Echangeur Bireng ass méttlerweil bal fäerdeg an d'Anti-Kaméidis-Panneaue si verlängert ginn. Allerdéngs stellt déi Verlängerung nach net all Bierger zefridden, well am Butschebuerger Quartier huet sech eng Biergerinitiativ mam Numm „Grupp Kaméidi“ gegrennt, déi d'Verlängerung bis zur Ausfahrt Keel fuerdert. - De „Bus à haut niveau de service“ gëtt als eng wichteg Entlaaschtung vum individuelle Berufsverkéier an enger Reduktioun vum Kaméidi begréisst. Am PAG sinn d'Grenzwärter berücksichtegt ginn an eng Servitude „Urbanisation“ gouf geschaf. Allerdéngs ass et net einfach, iwwert d'Gemegegrenzen eraus ze plangen, wann déi Plans sectoriels, genee wéi 2017, nach ëmmer net ofgeschloss sinn. An dann déi Problematik vun deem CR184, d'Wuermerengerstrooss mat der Liberatiounsstrooss, deen 2017 nach en „Hotspot“ war, ass ob onkonventionell Manéier geléist ginn: nodeems eisen Avis 2017 nach drop gehalen huet, dass de Staat sollt Vitessreduktiounen erméiglechen, fir de Kaméidi erofzesetzen, ass déi Staatsstrooss an deem neie Plang aus der Tabell erausgefall. An net, well d'Situatioun sech méttlerweil verbessert hätt, mee well aner Plazen am Land sech verschlechtert hunn an an der „Top20“ eropgeréckelt sinn. Eisen neien Avis freet also nach eng Kéier berechtigt no enger Léisung vun deem Problem.

E puer Remarken hätt ech nach ze maachen. Dat éischt: wann ee Kaméidi vum Verkéier wëll erofsetzen, da sollt ee probéieren, un der Basis vum Problem unzesetzen. Op d'technesch Entwécklung vun de Gefierer hu mer keen Afloss, awer op aner Facteuren. Sou ass d'Erofsetze vun der Maximalvitess fir eis eng ganz wichteg a wierksam Mesure. Géif een d'Vitess op deem Abschnitt vun der Keeler Ausfahrt bis bei d'Diddelenger Baach, dat si ronn 3,8 km op 100km/h oder 90 km/h erofsetzen, da géif dat de Kaméidi bedeitend erofsetzen. An ausserdeem och d'Emissiounen vun de Schuedstoffer an ausserdeem och de Risiko vun Accidenter, besonnesch well mer eis do bei Aus- an Opfaarte vun der Autobunn befannen. Zweetens: en aneren Aspekt ass d'Beschafeneheet vum Autobunnbelag. D'Ëmweltverwaltung

schreibt, dass d’Ponts & Chaussées e “Split-termatrixasphalt” gebraucht, dee schalldämmend ass. Grad sou gutt oder besser Resultater ginn an aneren daitsche Studie vun engem “Offenporigen Asphalt” beriicht. Doduerch dass de Belag schalldämmend optimiséiert gëtt, konnten op ville Plaze Schutzmaueren evitéiert oder souguer méi kleng dimensionéiert ginn, fir d’Grenzwäerter anzehalen. Et wier also interessant ze wëssen, op wat fir engem Stand vun der Entwécklung der Ponts & Chaussées hire Gebrauch vum Asphalt méttlerweil ass.

Drëttens: wann déi Mesuren do net duerge fir d’Grenzwäerter ze ënnerschreiden, da muss op Konstruktiounen, wéi Schutzwänn a Schutzmaueren, zréckgegraff ginn. Ech hat 2013 an 2017 vun engem Schutzwall geschwat, well dee méi effikass, de Studien no méi bëlleg, méi natierlech an och méi ekologesch ass. Bon, lo hu mer déi Ecranen do stoen, déi de Schall ofhale sollen an déi schéngen éischten Ëmfroen an de betraffene Quartieren no och eng ganz gutt Wierkung ze hunn. Just eeben iwwert d’Längt an d’Héicht gëtt nach diskutéiert. Véiertens: wann och sou Schutzkonstruktiounen net duer ginn, dann ass déi lescht Instanz déi, fir de Bierger bei der Isolatioun vun hire Fënsteren a Beléftungen ze hëllefen. Mee wat hëlleft dat engem, wann een am Summer net kann ongestéiert op der Terrass setzen oder nuets mat oppener Fënster schlofen. An och dee politesche Slogan vun de Fënsteren oprapen hëlleft engem do net vill virun.

Fënneftens: an deem Aspekt fënnt sech dann och an zwee anere Punkten an eisem Avis erëm. Engersäits ass dat d’Flugfeld zu Butschebuerg, dat do ganz no bei der Autobunn läit an anscheinend grad sou vill Butschebuurger Leit stéiert wéi d’Längt vun där Schutzwand. An anerersäits hu mer d’Eisebunn. Eng Biergerreklamatioun koum an deem Kontext vun engem Awunner aus dem Bujel. D’Eisebunn mécht vill Kaméidi, deem d’Leit belästegt. Zum enge sinn dat d’Bremsbake vun de Güterweeën, déi aus Goss sinn. Dat jipst immens beim Bremsen an zerschréipt och nach d’Lafflach vun de Rieder, wat dann nach zousätzleche Lafkaméidi mécht. Ofhëllef schafe kënnen do Kompositbremsbaken, déi déi däitsch Eisebunn, nämlech d’DB-Cargo, elo bis Enn 2020 an all hire 50 000 Waggonen ausgetosch huet. An dat zweet sinn, wéi deem zitéierte Bierger et uféiert, Gleisbremsen. Dat heescht, wann d’Waggone beim Oflafe vum sougenannten “leselsréck” (Oflabierg) roflafe gelooss gi fir an déi verschidde Gleisen dirigéiert ze ginn, da gi se mat Gleisbremsen ofgebremst. An do weess ech allerdéngs net, ob et effektiv Alternativen zum Kaméidi gëtt, wéi et se bei de Bremsbake gëtt vun de Waggonen. Op alle Fall ass et gutt, dass dat och an eisem Avis optaucht.

Sechstens: eng Saach vermësse mer ëmmer nach e bëssen, an zwar ass dat eng Fuerde-

rung, fir den Ausbau vum Echangeur Dudelange-Centre virun ze dreiwien. Dat entlaascht nämlech eis Uertschaft vun de Camionen a géif och hëllefen, de Kaméidi ze reduzéieren. A siwents, wat d’Reklamatioun vum Mouvement écologique ugeet, sou begrësse mer verschidde vun hiren Aussoen, déi wierklech den Nol op de Kapp treffen. Ofschléissend fanne mer also dass dee virleienden Avis d’Situatioun vum Kaméidi gutt analyséiert a raisonnabel Fuerderungen opstellt. Mir bedauern och, dass am Verglach zu eisem Avis vun 2017 vill vun eise Fuerderungen nach ëmmer keng, oder keng gutt Léisung fonnt hunn. Op alle Fall wäert d’CSV deem Avis hei matstëmmen an ech soen lech domat Merci fir Är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Gangler fir seng Zoustëmmung zum Avis an och dat Bedauern, dat mer deelen.

JOS THILL (DÉI LÉNK):

Merci Här Buergermeeschter. Ech muss soen, ech war bis elo rar bei engem Punkt um Ordre du jour vun eisem Gemengerot sou frustriert, wéi bei deem heiten. An ech probéieren dann och ze erkläre firwat. Éischtens, et ass haut onbestritten, datt ze vill Kaméidi zu Gesondheetsschied féiert, wéi z.B. chronischem ze héijem Bluttdrock, erhéichte Risiko vun Hiereschlag oder Häerzinfarkt. Gesond sinn heescht awer net nëmmen, keng Krankheet ze hunn, et muss een sech och gutt spieren a senger Haut. An an deem Sënn misst en Aktionsplang géint de Kaméidi, deem deem Numm och verdéngt, net nëmmen de Kaméidi a Betracht zéien, deem d’Mënschen direkt ausgesat sinn, mee och dat wat de Mouvement écologique nennt: „die zunehmende Verlärmung der Landschaft“.

Just zwee Beispiller: Diddeleng huet zwee grouss Bëscher laanscht d’A3. D’Bëscher vum Ginzebiarg an déi vum Wal. A wann ee lo am Wanter an deene Bëscher, wou d’Beem keng Blieder hunn, spadséiere geet, da mierkt ee wéi kolossal de Kaméidi ass, dee vun der Autobunn kënnt. An zwar 24 Stonnen op 24, wann net Covid ass, a 7 Deeg op 7. Et ass also och kee Wonner, dass ee kaum nach wëll Déieren zu Gesiicht kritt an deene Bëscher. An dat zweet Beispill: lo mat der Covid-Kris an der Ausgangsspär owes kann ee mol rëm nuets schlofe mat de Fënsteren op an enger Rei Stroossen: an der Route de Luxembourg, an der Route de Kayl, d’Rue de la Libération, d’Rue du Parc, Rue Pasteur fir der nëmmen e puer ze nennen. E seriösen Aktionsplang géint de Kaméidi misst also als Haaptzil eng Reduktioun vum Kaméidi hunn, net nëmmen eng Protektioun géint de Kaméidi. An zwar vun all Kaméidi. De Kaméidi vun den Industriebetriber ass awer bei eiser Regierung keen Thema. Eis Gemeng misst sech dann och äusseren, eiser Meenung no, zum Flugverkéier. Diddeleng läit, jee nodeem wéi de Wand kënnt an enger Flugschneis a vun 2013

bis 2019 huet d’Zuel vun de Flig insgesamt, mee och déi vun den Nuetsflig, konstant zougeholl. Bei den Nuetsflig ëm 30%. Mir vermëssen eng kloer Ausso zu deem Thema am Avis, deem eis virläit. An och wann d’Regierung eis keen Avis zu deem Thema freet, ass dat nach laang kee Grond, keen Avis ze ginn, wat de Flugkaméidi ubelaangt.

Ech kommen dann zum Avis vun der Gemeng zum Kaméidi duerch de Stroosseverkéier. Hei treffen eng Rei Kriticken, déi de Mouvement Écologique op nationalem Plang formuléiert huet och komplett op déi Diddelenger Situatioun zou. Ech zielen op. Éischtens: eise Gemengerot hat am Mee 2017 schonn eng Kéier dësen Exercice gemaach an en Avis formuléiert. Fir d’Setzung vun haut hu mer zum Punkt Aktionsplang 197 Säiten Dokumentatioun zougestallt kritt, ech widderhuelen: 197 Säiten! Grad wéi Dir et och scho gesot hutt Här Buergermeeschter, an deenen 197 Säite steet keng eenzeg Zeil Kommentar vum Ëmweltministère, respektiv vun eiser Regierung, zu de Virschléi vun der Gemeng vun 2017. Ech fannen, dat ass en totale Manktem u Respekt vun eiser Regierung vis-à-vis vun der Meenung an der Aarbecht vun de Gemengen.

Zweetens: wann een e Plang mécht, da gëtt ee sech Ziler an d’ergräift ee Moosnamen, fir dës Ziler ze erreichen. Wann een duerno en neie Plang mécht, da kuckt een, wat geklappt huet a wat net, a firwat verschidde Saachen net de gewënschten Erfolleg haten. Déi Approche feelt bei eiser Regierung ganz. Et huet ee wierklech den Androck, hei stellt den Ëmweltministère en Aktionsplang op an duerchleeft eng bestëmmte Prozedur, well d’Europäesch Gemeinschaft dat sou virschreift, mee d’Resultat vun där ganzer Aarbecht vun 2017 schéngt eis Regierung net déi Boun ze interesséieren. Drëttens: d’Donnéeën, déi fir d’Opstelle vum Aktionsplang vum Ëmweltministère benotzt ginn, och dat Här Buergermeeschter hutt Dir scho gesot, sinn nach ëmmer déi vun 2016. Déi mer och scho fir den Aktionsplang 2017 haten. Säithier huet Lëtzebuerg awer 50 000 Awunner an 20 000 Frontaliere bäikritt, mat entspreichend méi Autosverkéier. Deem gëtt net Rechnung gedroen mat den Donnéeën vun 2016. Deementspreichend freet eise Schafferot a sengem Avis, datt d’Donnéeë fir Diddeleng missten aktualiséiert ginn. An där Fuerderung schlësse mer eis komplett un.

Véiertens: wéi vill Kaméidi ass zomuttbar? Beim Kaméidi orientéiert sech Lëtzebuerg an och Diddeleng a senger Stellungnam vun 2017 u Grenzwaerter, déi bis zu 30% méi héich si wéi déi, déi vun der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) virgeschloe ginn. Eis Regierung mengt also, mir wäeren all schonn hallef daf oder aus engem anere Grond méi resistent géint de Kaméidi, wéi de Rescht vun der Weltbevölkerung. Mir verlaangen, datt eisen nationalen Aktionsplang sech op

d'Grenzwärter baséiert, déi vun der WHO proposéiert ginn. An dat ass och eng sozial Fro. Well et ass beluecht, datt grad Haushalter mat engem méi niddregen Akommes méi ënnert dem Kaméidi leiden, well d'Wunnengspräisser méi niddreg sinn op Plaze mat manner Liewensqualitéit, wéi z.B. laanscht Stroosse mat vill Verkéier.

Ech kommen dann elo zu de Moosnamen, déi d'Gemeng an hirem Avis proposéiert. Déi éischt, den Ausbau vun der Autobunn A3 op 2 x 3 Bunne war fir eis am Avis 2017 schon en No-go an en ass fir déi Léknach ëmmer en No-go. Wéi déi haiteg gréng Ministeren nach an der Oppositoun waren, huet den deemolegen Transportminister Robert Goebels misste géint si kämpfe fir all Meter Strooss, wéi hien emol eng Kéier gesot huet. Haut plangen déi selwecht gréng Ministeren dann eng nei Strooss duerch d'Naturschutzgebitt zu Suessem an den Ausbau vun der Diddelenger Autobunn op 2 x 3 Spueren, an den Ausbau vun enger Autobunn – sou gëtt behaupt – géif dann de Verkéier bannen an den Uertschafte reduzéieren. Dozou steet an de Grimm's Märchen ëmmer zum Schluss: Und wer's nicht glauben will, zahlt einen Taler. Déi Léknach gleewen dat op jidde Fall net. Well d'Gesamterfarung aus deene leschte 50 Joer huet ëmmer gewisen: Méi Stroosse brénge méi Verkéier an dat ergëtt méi Kaméidi. Mir bedauern datt 350 Milliounen Euro verbrode ginn an engem kontraproduktiven Ausbau vun der Diddelenger Autobunn. A mir stëmmen och keen Avis mat, wou deen Ausbau begréisst gëtt. Déi 350 Milliounen Euro wärend vill besser investéiert an den Ausbau vum ëffentlechen Transport.

Zweet Moosnam vum Avis: Mir ënnersëtzen d'Demande vun de Leit aus dem Butschebuerger Quartier a vum Schäfferot, d'Lärmschutzmauer weider ze baue bis bei d'Sortie Keel-Näerzeng. A Felicitatiounen och vun eiser Säit fir d'Butschebuerger Bierger, fir hiren Asaz fir hir Fuerderungen un de Gemengerot erunzdroen. Mir ënnerstëtzen och d'Iddi vu Photovoltaikpanneauen, wann dat geet, op deem Lärmschutzwall. Drëtens: Mir begrëssen all Verbesserung vum ëffentlechen Transport, sou och de Projet vun engem „Bus à haut niveau de service“ vu Rodange op Diddeleng. An deem Kontext wënsche mer eis awer och, datt de Schäfferot endlech Drock op den Transportminister mécht, datt en zweet Zuchgleis op der Héicht vu Bireng geluecht gëtt, an zwar elo, an net réischt an 10 Joer. Et ass eng vun eise Fuerderungen, datt gläich wann déi nei zousätzlech Zuchstreck Beetebuerg-Lëtzebuerg fäerdeg ass, rëm Direktzich vun Diddeleng an d'Stad kënne fueren. An dat geet nëmme mat engem zweeten Zuchgleis op der Héicht vu Bireng. Déi Fuerderung hätt mer och gären am Avis vun der Gemeng stoen, an 350 Milliounen Euro huet de Staat jo nach. Déi véiert Moosnam, nämlech d'CR184, also d'Wuelmerengerstrooss, respectivement d'Rue de

la Libération zu enger Gemengestrooss ze maachen an do eng Zon 30 anzeféieren, hat Diddeleng schon am Avis vun 2017 gefrot. Geschitt an där Richtung ass bis elo nach näischt a mir wärend frou, wann do eppes géif geschéien.

Ech kommen dann zu menger leschter Bemierkung an déi betrëfft d'Vitesslimitatiounen. Vitesslimitatiounen sinn eng effikass Manéier, fir géint de Kaméidi virzegoen an de Kaméidi ze reduzéieren. A gläichzäiteg reduzéiert se och d'Zuel an d'Gravitéit vun de Verkéiersaccidenten. De Schäfferot gräift – och op deem Punkt wéi schon 2017 keng Äntwert vun eiser Regierung – nach eng Kéier d'Fuerderung vu Bireng 21 op, d'Vitess op der N31 op 30 km an der Stonn erofzesetzen. De Schäfferot schwätzt sech och fir eng Vitesslimitatioun op der A13, also der Collectrice du Sud, aus, mee nennt awer keng maximal Vitess. D'A3, also d'Diddelenger Autobunn, wou eiser Meenung no eng Vitesslimitatioun grad sou wichteg wär, weinst där aktueller extremer Ëmweltbelaaschtung duerch déi Autobunn, gëtt am Avisprojet vun eiser Gemeng an deem Kontext leider net erwänt. An dofir eis Fro: Firwat huet eise Schäfferot sech net deenen 9 anere Südgemengen ugeschloss, déi ënner anerem eng Vitesslimitatioun op 110 km d'Stonn op all den Autobunne virschloen? Eis Conclusioun: wann den Avis sou bleift, wéi en elo am Projet steet, da stëmmen déi Léknach dogéint. Aktuell ass eis deen Avis net couragéiert genuch. Ech hoffen, Dir hutt mer e bësse méi opmierksam nogelauschert wéi d'Regierung 2017 dem Avis vun der Diddelenger Gemeng an deenen anere Gemengen am Land. An ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Thill, dat gesitt Der dann herno, wann ech op Är Stellungnam aginn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Jo, Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech fueren dann do weider, wou den Här Thill opgehalen huet, bei den 9 Südgemengen. Also an der Zeitung war ze liesen, dass sech 9 Südgemengen zesummegeschloss hätt fir eng gemeinsam Stellungnam mat enger Rei Fuerderungen, an effektiv sinn do nach e puer Fuerderungen, wou mir och vläicht gutt gesinn hätten hei. Si hu sech zesummegeschloss well d'Gemengen am Minett hu jo e bëssen all déi selwecht Problemer. An dese Gemenge geet de Projet vum Ministère net wäit genuch, grad wéi eiser Gemeng och. E gréisser Kritikpunkt, deen och vum Mouvement Écologique opgegraff gouf ass d'Feele vum Kaméidi vun der Industrie, respektiv dem Net-Kumuléiere vu verschiddene Kaméidissourcen. De Mouvement verweist och un d'Weltgesundheitsorganisatioun, déi de Lärmpegel e gutt Stéck méi niddreg usetzt wéi de Projet vum Aktiounsplang vum Ministère. E frappant Beispill vu Cumul vu Kaméi-

disquelle läit direkt virun eiser Hausdier. De ganzen Areal tëschent Diddeleng a Beetebuerg: 2 Autobunnen, d'N31, den Eurohub mat CFL Multimodal, den Triage an direkt e puer Aktivitéitszone beieneen. D'Aktivitéitszone sti just als Remark am Projet, mee dat ass alles, well et eeben net vun der europäescher Direktiv verlaangt gëtt.

Lo ginn ech e bësse méi lokal. Interessant ze liesen waren am Kader vun der Enquête publique d'Reklamatiounen vun de Bierger a Biergerinnen an deenen dës verschidde Kaméidisquellen thematiséiert ginn. D'Fuerderung vun de Butschebuerger fir eng Verlängerung vun de Panneauen laanscht d'A13 bis d'Sortie Keel ass duerchaus berechtigt. Dësen Tronçon läit awer e bëssi wéi an engem Dall a vu Fachleit misst gekläert ginn ob dës Mesure och wierklech Hëllef kann. Eis Gemengeresponsabel sinn dann och gefuerdert iwwert d'Nuisancë vum Flughafen fir d'Modellfliegen nozedenken an zesumme mam Veräin no Léisungen ze sichen. Am Avis steet d'Demande fir deen neie Schallschutz laanscht d'A13, deen no Süden ausgerichtet ass, mat Photovoltaik anzukleeden. Op Nofro vun eise Service écologique war dës Demand, wéi jo scho gesot ginn ass, scho virun e puer Joer gemaach ginn an dann hätt een d'Photovoltaikpanneauen kënne direkt mat abauen. Mir fannen, do soll eis Gemeng hannendru bleiwen.

Dës weideren hunn déi Butschebuerger de staarke Beruffstraf an der Nærzengerstrooss kritiséiert. Mee dat ass en allgemenge Problem fir alleguer eis Haaptachsen, sief dat Zouftrger, d'Keeler, d'Lëtzebuerger, d'Gafelter, d'Libérationen-, d'Parkstrooss. Ee vun de Moyene géint de Kaméidi si Vitesslimitatiounen op den Autobunnen an och an de Stied. Nawell mussen d'Leit sech drun halen an dofir muss kontrolléiert ginn. Eventuell mat engem Radar op der Nærzengerstrooss, wéi e Bierger dat proposéiert huet. Eng aner Méiglechkeet fir d'Vitess rof ze setze sinn d'Gendarmes couchés. Hei fanne mir d'Beispill vun der Dominique-Lang-Strooss diskret a souguer ästhetesch gelongen. Et firt ee lues, ouni missen ze staark ofzebremsen an erëm unfueren, wat jo och erëm Kaméidi mécht. Besëtzer vu friséierte Motorrieder a getunten Autoe mat iwwerdimensioniertem Dezibel-Pegel, dee just nach schrecklech wéi an den Oueren deet, hätten dann och e bësse manner Spaass. Hei misst d'Police ënnerstëtzt gi mat adequatem Material, fir dës schwaarz Schof ze penaliséieren. Natierlech kann een och de motoriséierten Individualverkéier reduzéieren duerch aktiv Mobilitéit. Zu Fouss goen a Vëlo fueren, dat mécht bekanntlech sou gutt wéi kee Kaméidi. Duerch ëffentlechen Transport an de Covoiturage, wann d'A3 op 3 Spueren ausgebaut gëtt. Woubäi déi drëtt Spuer jo virgesinn ass fir den ëffentlechen Transport also d'Bussen an de Covoiturage. Well den 207, dee firt zwar ëmmer op de Kierchbierg, mee iwwert

d'Autobunn an da steet en do och am Stau an dann hätt deen och mol eng Chance. Och d'Elektromobilitéit mécht net vill Kaméidi an ass e Liichtbléck, mee dat dauert nach.

Nach eng lescht Thematik, déi vun engem Bierger ugesprach gouf, war den natierleche Schallschutz a Form vu Beem. Fir dësen Här haten d'Pëppelen, déi lo net méi do sinn, een Deel vum Kaméidi vum Triage geschléckt. Den Här Buergermeeschter huet jo lo och d'Écrans verts an de Servituten erwänt, déi dann och nach vill aner Virdeeler hunn. Eng allerlescht Thematik, déi eis Gréng um Häerze läit betrëfft de Kaméidi vun de Laubsauger oder de Laubbläser. Dës Maschinnen hunn net nëmmen e Geräischpegel vun iwwer 80 Dezibel, mee si sinn och schiedlech fir d'Biodiversitéit a fir d'Loftqualitéit, well de ganze Stëbs vun der Strooss gëtt mat opgewierbelt. D'Gemeng kann do mat engem gudde Beispill virgoen an alternativ Methode fannen. Mir stëmmen dësen Avis mat, mat alle Remarque vum Service écologique a Service de circulation. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Heinen, Madame Kohn

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP):

Merci Här Buergermeeschter. Och vu mir nach e puer Remarque vun eiser Fraktioun, nach e puer zousätzlech, well eise Buergermeeschter ass scho ganz detailléiert op alles agaangen. Ech wäert mech dofir méi allgemeng faassen. Ech kommen nach eng Kéier op d'Definitioun zrëck vu Kaméidi. Also als Kaméidi gëllen all onerwünschten haart Geräischer. Kaméidi gëtt dofir subjektiv wouergerholl, dat heescht all Mënsch empfënnt Geräischer ënnerschiddlech. Déi eng Geräischer stéiere guer net oder wéineg an déi aner ginn als nerveg empfongen. Dat ass souwuel wat Musek ubelaangt, wéi Mobilitéit, wéi Fliger, oder souguer eng Barrière ... wann ee mat verschiddene Leit schwätzt, da ginn do d'Meenunge ganz wäit ausereneen. Ofgesi vun deem subjektiven Erleewe vu Geräischer gëtt et awer och nach objektiv Eegenschaften, déi Geräischer zu Kaméidi maachen. Wa mir z. B. iwwert eng laang Zäit enger grousser Geräischquell ausgesat sinn, dat kann eng Strooss sinn oder e Flughafen, oder wann et exzessiv haart gëtt.

Ech mengen et ass hei och schonn e puer Mol ugeklong: Kaméidi mécht krank. An Däitschland hu Studie gewisen dass duerch Kaméidi de Risiko vun Häerz-Kreislafkrankungen zouhëlt an och Konzentratiouns- a Schlafstéierungen huelen zou. Géintwärt der allgemenger Meinung kann ee sech net u Kaméidi winnen. An dat net nëmme Mënschen, mee och Déieren, dat hu mer lo och schonn héieren. Déieren u Land an am Waasser leiden ënner Kaméidi. Dofir läit et eis och um Häerz, dat et hei séier weidergeet mat deem Plang an och Mesurë geholl gi ganz konkret. Datt jidderee seng Hausaufgabe

mécht, an dat op all Niveau. Am Kader vun dësen Diskussiounen ass et schonn e puer Mol ugeklong, dat et zum engen Deel Analyse gëtt, déi missten nach gemaach ginn an och Etüden. An hei wëll ech awer och nach eng Kéier drop hiweisen, wat och schonn e puer Mol ugeklongen ass, dat mir eis hei op eppes baséieren, wat onheemlech al ass. Déi Kaarte vun 2016, dat ass alles iwwerlieft. Mee op där aner Säit warnen ech awer och, dat mir eis elo herno op Zuele vun 2020 oder 2021 baséieren. Well ech mengen, wat d'Mobilitéit an de Kaméidi ubelaangt, hu mer et hei mat enger verfälschter Situatioun ze dinn. Mir wäer vläicht besser beroden, eis op Zuele vun Enn 2019 ze baséieren, do wou de Kaméidi an d'Verkéiersopkommes am héchste war. Dat heescht, do muss een elo och den Impakt vun der Pandemie mat ranhuelen, well noutgedrungen ass d'Mobilitéit elo e bësse erofgaangen, an domadder de Kaméidi och. Do muss een e bëssen drop oppassen. Da sinn och ganz konkret Moossnamen hei ugeklongen. An ech kann och hei nach eng Kéier de Schäfferot an dës Majoritéit felicitéieren, wéi se domat ëmgaange sinn. An och all déi Mesuren an Doleancen, déi proposéiert gi si vu Säite vun der Populatioun, dat déi mat erageholl gi sinn a respektéiert gi sinn.

Zu deene konkrete Moossname sinn déi Panneauen ugeschwat ginn. Mir sinn natierlech wat d'Photovoltaik ubelaangt ganz positiv, an och wat d'Begrëngung ubelaangt. Wann een elo déi Panneauen kuckt, da wierkt dat e bëssen uniform, an da stellt sech och d'Fro, wéi domadder z. B. d'Vigel ëmginn. Déi hu jo lo awer do eng Barrière gemaach kritt fir ze fléien, an ob se dat ëmmer sou wouerhuelen... An ech mengen, wann do Hecke virdru wieren oder eng Begrëngung, mee den Här Buergermeeschter huet da jo och schonn ugeklong mat deem Ecran vert, dat do sécher nach musse Mesuren nokommen. Voilà, déi Analysen an Etüden, déi ganz konkret Moossnamen, do läit elo de Ball bei eiser Regierung. A mir hoffen dass dës natierlech och relativ zäitno geschitt. Et ass vill Zäit verluer gaangen, a mir hoffen, dat et elo net nëmme bei de gudden Absichte bleift, mee dat mer lo geschwënn eppes gesinn. Well wie mat Kaméidi konfrontéiert ass, fir deen zielt all Dag. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kohn fir hir Aschätzung.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Well lo hei an alle Fraktiounen den Thema vun der Vitesslimitatioun ugeklongen ass an d'Madame Heinen gesot huet „Et muss een dach kontrolléiere kënnen“. Do hätt ech dann eng ganz kleng Suggestioun, déi ech eis lo just hei wëll an de Raum geheien, „pour la petite histoire“, dat soll net an den Avis stoe kommen. Mee ech hunn alt schonn e mol

erlieft a Frankräich, ech mengen et war op enger Autobunn an de Vogesen, dass do en Auto mech mat héijer Vitess iwwerholl huet an dann um nächsten Cita-Panneau stoung dann den Nummer vun deem Auto mat der Mentioun: „Trop vite“. Dat ass eppes, wat mengen ech relativ effikass ka sinn, an ech géif mengen dat wär an eise Fall hei och bei der A13 interessant. Well dee Message, deen de Moment um Cita-Panneau steet, „Covid-19“, deen hëlleft mer häerzlech wéineg, wann ech mam Auto ënnerwee si Richtung Stad oder sou. Mee sou e Message, fir all déi Verkéierssënner, déi se effektiv ëffentlech uprangert, loosse mer mol soen, a se vläicht doduerch incitéiert, méi lues ze maachen, dat wier vläicht och eng interessant Saach, wat ee vläicht an Diskussiounen mat dem Ministère ka mat erabringen, mee awer net onbedéngt an den Avis setzen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler fir den „name and blame“. Merci fir Är Appreciation zu dësem Avis, deen hei virläit, wou villen an déi selwecht Richtung geet, mee awer och mat enger ganzer Rei Nuancen. Mee och onofhängeg, wéi de Vott ausgeet, wäerte mer, egal ob et Majoritéit oder Opposition ass, hei mat Nodrock hannert deem Avis bleiwen fir dass och gekuckt gëtt, dat déi Mesuren, déi mer hei proposéieren och ëmgesat ginn. Ob alle Fall, wa se net sollten ëmgesat ginn, dat mer och matgedeelt kréien, wat d'Grënn sinn, dass een do och eng gewëssen Handhab huet bei der Ëmsetzung vun eise Avis. Ech géif vläicht dem Jérôme Morbé d'Wuert gi fir op eng Rei Punkten anzugeen an da géif ech och nach op eng Rei Punkten agoen.

JÉRÔME MORBÉ (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Gudde Moien. Et war jo e puer Mol och gesot ginn, wat d'Zuelebasis betrëfft, dat déi op 2016 baséiert, dat déi op den éischte Bléck al schéngt, fir eis natierlech och. Et muss een awer och fairerweis soen, dat am Plan e Kapitel dran ass, wou 2019 e Mesurage gemaach ginn ass während 14 Deeg, wou u sech sech bestätegt huet, dat déi Donnéeën, déi se ugeholl hu fir d'Kartographie vun den Kaméidisniveaun opzustellen, dat déi awer deem entsprechen, wou se bei de Moossname festgestallt hunn. Op där anerer Säit ass et mengen ech grad sou gutt, dat 2020 keng Moossunge gemaach gi sinn, dat dat 2019 gemaach ginn ass. Well wann een d'Zuele vum Verkéier hëlt, déi nei zur Verfügung stoungen, dann ass deen 2020 duerch de Covid drastesch erofgaangen. Mir hunn dat elo mol nogerechent. Eleng um CR134, also Richtung Stad, ass 30% manner Verkéier gewiescht. Op der Autobunn hu mer 20% manner Verkéier, och nëmme Richtung Stad. Zueleméisseg sinn et, wann een déi mol ausgerechent, ganz héich Zuelen, well et vill manner Verkéier ginn ass. Wou een dann awer och muss soen, dat vläicht d'Leit déi virdrun duerch d'Dierfer gefuer si fir besser virun-

zekommen sécherlech och éischer op der Autobunn erëm ze fanne waren. Sou datt déi Zuelen, wann dann iergendwann eng Kéier den CR184 als 30-er-Zon klasséiert gëtt, dat Ganzt doudsécher och nach wäert verbesseren, wat de Kaméidi do ubetrëfft. Wann elo nach iergendeng spezifesch Fro ass, da kann ech gären nach dorobber äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci dem Jérôme Morbé. Ech géif vläicht op verschidde Punkten agoen. Här Gangler, ech menge mir sinn eis eens dass déi Kaméidisquellen, déi hei net sou berücksichtegt goufen, mee déi mir awer rabruecht hunn, och iwwer d'Reklamatioun déi rakomm ass, ronderëm den Triage, den CFL-Multimodal respektiv och déi nei Bréck, dass déi ze berücksichtegen ass, an ech si sécher, dass déi en Impakt hunn. Ech hunn lech jo opgezechent, wéi eng Facteuren deementspreechend kënne spillen. Wat ech hei nach wollt betounen, well Dir et opgegraff hutt, et ass net Bestanddeel vun dësem Avis, dat ass dee ganze Kaméidi ronderëm d'Flugfeld. Wat jo vun der Biergerinitiativ vu Butschebuerg komm ass. Dat ass eppes, wat net an deem Avis hei rakënnt, mee wou mer awer wäerte separat mam zoustännege Veräin thematiséieren an och kucken, wéi eng Conciliatioun méiglech ass tëschent der Ausféierung vun deem Sport an deem Kaméidi, deem dat mat sech bréngt, an och d'Liewensqualitéit vun de Butschebuurger Leit. Déi Reklamatioun, déi mer do kritt hunn ass e gutt Element, fir mam Veräin déi doten Diskussioun weider ze féieren. De Veräin praktizéiert jo schonn iwwert 30 Joer do seng Aktivitéiten.

Den Ausbau Diddeleng-Zentrum, deem ass jo Bestanddeel vum Ausbau op 3 Spuere vun der Autobunn. Do ass dee jo mat dran am Plan sectoriel. Dat ass jo e Ganzt. Quitt dass et a Phase gemaach gëtt, sou dass mir dat hei net expressis verbis dragesat hunn. Mee et ass een Deel vum Ausbau vun der A3. Dat par rapport zu den Ausféierung vum Här Gangler. Da par rapport zu de Constaten, déi den Här Thill gemaach huet. Bon, mir hunn d'Nuetsflug hei net consideréiert. Ech si frou, och wa mol Fligere hei driwwer fléien, dass mer net um Cents oder zu Niederanven wunnen. Et huet awer e limitéierten Impakt par rapport zu deene Stied, déi hei wierklech viséiert sinn am Plan d'action, déi d'Departen an d'Landunge voll matkréien. Mir si wäit dovunner ewech. An ech gräifen do op, wat d'Madame Kohn gesot huet, dass Kaméidi jo och eppes Subjektives ass um Niveau vun der Perceptioun an och do jidderen do seng Sensibilitéit huet, déi mol méi staark ausgeprägt ass a mol manner staark ausgeprägt ass. Nieft dem objektive Volet duerch Miesungen, déi ee mécht ronderëm de Kaméidi. Dir hutt hei opgegraff, dass mer déi Iwwerleeunge vu Bireng 21 net opgegraff hätten. Dach! Hei hu mer d'Formulatioun: „le conseil communal fait sienne...“ ech mengen dat ass e kloren Ausdrock. Déi Iwwerleeungen, déi

Bireng 21 rabruecht huet, déi hu mer jo grad rabruecht. Dofir hu mir so jo lo hei nach eng Kéier opgegraff, fir et hei eng Kéier weider ze ginn an nach eng Kéier drop ze insistéieren. Dofir war et eis hei awer wichteg, dat ze maachen.

Da war Är Fro, an ech huelen déi zesumme fir och den Iwwergank mat der Madame Heinen ze maachen, mat deenen 9 Südgemengen. Ma déi hunn hiren Avis ausgeschafft, well déi jo generell, ech géif soen – eng alldeeglech – Partnerschaft hunn aus der Zesummenaarbecht, déi se hu ronderëm de „Contrat d'eau de l'Alzette“, wou mir net dra sinn. A si hunn dat gemaach, wat si och 2017 gemaach hunn, wat jo och absolut kee Problem ass. Mee ech mengen et ass deen dote Lien, deen dozou gefouert huet, dass se dat maachen an dass se dës Kéier och zesummen hiren Avis ofginn hunn als 9 Gemengen, wéi se dat och 2017 gemaach hunn. Dat ass keen neie Moment. Onofhängeg dovunner, wann nach Elementer sinn, da kann een dat natierlech ofklären. Mee mir sinn an deem Verbond net mat dran. D'Iwwerleeung, déi och komm ass, souwuel vun der Madame Heinen wéi vun der Madame Kohn, mat der Photovoltaik. Dat ass eppes wat mer gäre mat opgräifen an nach eng Kéier weiderginn un de Ministère, dass dat sollt iwwerpréift ginn.

Et sinn nach aner Formulatiounen komm och vun der Madame Heinen ronderëm d'Näerzengerstrooss, iwwer d'Limitatioun vun der Vitesse, Gendarme couché, bon, Laubbläser, dorop geet vläicht den Här Manderscheid an. Mee dat sinn Elementer, an Dir hutt et och richteg gesot an lech och d'Äntwert ginn, déi direkt net an den Avis hei rakommen. Wou een natierlech aner Moossname kann ergräifen als Stad. Generell, an der Politik, déi ee mécht ronderëm den Urbanismus, ronderëm d'Mobilitéit, déi net onbedéngt an dësen Avis mussen afléissen, well mer awer Stellung huelen zu engem Avis vun der Regierung. An et soll jo net en Avis fourre-tout ginn. Jidderee vun eis huet sécherlech nach Consideratiounen de part et d'autre, déi mol kënne legitim sinn oder och manner legitim sinn. Mee et soll keen Avis fourre-tout ginn, e soll eng gewësse Kohärenz hunn. Mee dat schléisst awer net aus, dass aner Iwwerleeungen, déi hei getäteg ginn, dass een déi ophëlt a probéiert, déi en Eegeregie ëmzesetzen, wann een déi Méiglechkeet huet. Dat fällt also net op daf Oueren, och wann et net hei am Avis drasteet.

D'Madame Kohn huet nach eng Kéier ganz gutt ënnerstrach, an dat schéngt mer och wichteg ze sinn, dass mer hannendru bleiwe fir déi konkret Moossnamen, dass mer déi probéieren ëmzesetzen oder ze kucken, dass se ëmgesat ginn. Dat ass en Appell, deen och vun anere komm ass, déi hei d'Wuert ergraff hunn. A mir wäerten och do derhannert bleiwen, fir dass mer, wann deen nächsten Avis soll formuléiert ginn, net nach eng Kéier

mussen op den Avis vun 2021 zrëckgräifen. Et ains de suite... Also ech hoffen net, dass et sou wäit kënnt. Et muss een natierlech och soen, dass mir an eisem Avis lo hei jo awer eng ganz Rei Punkten ervirgestrach hunn, déi awer 2017 en Consideratioun gezu goufen an anerer net. Et ass jo also net, wéi wann näischt gemaach gouf. Trotzdeem stelle mer hei e gewëssent Bedauere fest. A mir bleiwen, wéi gesot, do drun. Ech hunn elo probéiert, ob déi verschidde Constaten, déi hei gemaach goufen, op d'Remarken anzegoen, an ech géif da lo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, wat dëse Plan d'action ugeet. **Wien hei am Gemengerot ass domat averstanen, dass mer den Avis, sou wéi mer en hei formuléiert hunn, guttheeschen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Gréng an deem onofhängege Member. Wien ass do géint? Dat sinn Déi Lénk.**

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP-SCHÄFFEN): Meng Interventioun huet näischt mam Vott ze dinn. Ech wëll awer trotzdeem op dat Thema Laubbläser agoen. Et ass sou, dass d'Gemeng jo 2010 hiert Reglement vum Kaméidi vun 1967 iwwerschafft huet. Firwat soen ech dat? Fir géint de Kaméidi virzegoen, muss ee jo un d'Quell goen. Et muss een e Reglement hunn, wou ee kann eppes limitéieren, eppes verbidden, eppes autoriséieren. Mir hunn an deem Reglement ganz kloer d'Auerzäiten festgestallt, wéini, wat, wou ee ka maachen a wéi laang een et ka maachen. Dat ass schonn e gudden Outil, wou ee scho villes an de Grëff kritt. Et muss een awer wëssen, dass mir alleguerde selwer en Deel vum Problem sinn. Jiddweree vun eis heibanne mécht méi oder manner Kaméidi op deem engen oder aneren Niveau. Ech erënneren drun, un déi Leit, déi sonndes mam Kärcher ënnerwee waren oder mat aner Apparater geschafft hunn. Dat huet eist Lärmschutzreglement awer an de Grëff kritt. Wéinst de Laubbläser, effektiv ass dat och mir en immensen Dar am A, a mir hunn eise Leit scho laang mat op de Wee ginn, onofhängeg vum Kaméidisreglement, dass mer op kee Fall sollte virun 8 Auer ufänke mat deem Apparat ze schaffen. Dat gëtt och meeschtendeels respektéiert.

Och mir kréie reegelméisseg, wéi Dir och dann, Reklamatiounen vun deem engen oder anere Bierger, dass sech awer net un déi Mesur gehale gëtt. Mee mat engem Coup de Telefon kréie mer dat ëmmer an de Grëff. Mir sinn och dohinner gaangen an hunn eise Servicer gesot, dass déi Laubbläser net méi iwwerall sollen zum Asaz kommen, just nach op deene Plazen, wou et eventuell – soit-disant onëmgängelech – ass. Mee op Plazen, wou een awer kann traditionell op ee Reech oder eng Biischt zrëckgräifen, ginn eis Leit awer och ugestallt, dat ze maachen. Mir probéieren dat ze minimiséieren, mee op Null kréie mer et warscheinlech net erofgesat. Mee op jidder Fall hunn ech och eise Servicer gesot, all déi Laubbläser, déi den Ament ersat musse ginn, ginn net méi ersat. Déi, déi



mer hunn, ginn agesat. An duerno kucke mer awer trotzdem, dat staark ze reduzéieren, fir dass mer net méi mat där Problematik gehäit sinn. Dir hutt och Recht, et ass net nëmmen eng Saach vum Kaméidi et ass och eng ekologesch Geschicht. Wann ee weess, wat ënnert der Uewerfläch alles kreucht und fleucht, a mat engem Laubbläser gëtt alles ewechgewëscht, doutgemaach. Och dat ass en Aspekt, deen een net soll aus den Ae verléieren. A mir verléieren en net aus den Aen a probéieren, eist Beschtt draus ze maachen.

5. CIRCULATIOUN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci dem René Mander-scheid fir déi doten Erklärungen. An da géife mer iwwergoen op d'Circulatioun, mat enger ganzer Rei Verkéiersreglementer. An do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

5.1. VERKÉIERSREGLEMENT FIR DE CHANTIER SHARED SPACE – PHAS 3

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech begrësse fir d'éischt emol eis Leit vum Service Circulation, de Pit an de Mica an d'Svenja vum Bureau d'Etudes Schroeder et Associés, déi d'Koordinatioun vum Chantier Shared Space - Phas 3 maachen. Dir wësst et, dass mer mat der Ouverture vun der Nid-deschaass am Dezember mat der 2. Phas fäerdeg gi sinn an datt mer lo urappe mat der 3. Phas am Fréijoer. A fir datt mer dat kënne maachen, muss mer natierlech e Verkéiersreglement fir dee Chantier stëmmen. Dee Chantier, deen ass och an e puer Phasen opgedeelt. Dir wësst, et ass e grouse Chantier. D'Aarbechte op der Place Kinnen, déi lafe parallel zu den Aarbechten an der Rue du Commerce, Route de Zoufftgen a Rue de la Libération.

An éier ech awer elo erzielen, wat pro Phas zou ass, musst Der awer ëmmer am Hannerkapp verschidde Saache behalen. Wat ganz wichteg ass: all déi Moosnamen, déi lo hei an deem Reglement stinn, déi si während deem ganze Chantier en vigueur, mee se ginn awer nëmme wann et un deene betraffene Phasen ass, agesat. Sou da ni alles, wat an deem Reglement steet, komplett gespaart ass. Dat just fir Verständnis. Dann, wat Der och

sollt am Hannerkapp behalen, dat ass, dass mam TICE a mam RGTR natierlech schon am Virfeld gekuckt ginn ass, wéi d'Busser an deene verschidde Phase fueren. An och si hunn e ganzt Konzept gemaach. D'Bushaltestell Strutzbiere muss während de ganzen Aarbechten ausser Betrib geholl ginn. Den Trafic, deen aus Frankräich kënnt, an deen iwwert den CR184 an 190, d'Route de Thionville an d'Route de Volmerange an Diddeleng rakënnt an a Richtung Autobunn wëll fueren, dee gëtt direkt vun der Ponts & Chaussées duerch d'Route de Thionville an d'Gafelt op d'Lëtzebuergerstrooss op d'A13 deviiert mat engem Sens recommandé. Den Trafic, dee vun der Diddelenger Autobunn A3 kënnt an deen dann an den Zentrum wëll, dee gëtt am Rond-point, bei der Z.A.E. Wolser H, also fréier Riedgen, groussraimeg iwwert d'Staatsstroosse Richtung Beetebuerg Eurohub deviiert a kënnt um Rond-point beim Echangeur Diddeleng-Bireng eraus a ka vun do dann och Richtung Zentrum fueren. Déi lokal Leit, an och déi, déi sech besser auskennen, déi kënne bis bei de Rond-point bei der Fondation Kräizbiere fueren an do musse se dann duerch Mayrisch de St. Hubert, Forêt, Parc fuere fir da beim Jugendhaus an am Zentrum vun Diddeleng erauszekommen.

D'Awunner vun deene verschidde Stroossen, wou de Chantier grad drun ass, déi ginn natierlech ëmmer fréi genuch informéiert iwwer déi aktuell Lag vum Chantier a se kréie matgedeelt, wann hir Haiser net mam Auto accessibel wäeren. Zu Fouss komme se natierlech zu all Moment bei hir Haiser bäi. Den Accès bei d'Schoul Strutzbiere ass och während dem ganze Chantier fir de motoriséierte Verkéier gespaart. Mat Ausnam natierlech fir d'Awunner an och fir d'Noutdëngschter. De Parking an der Rue du Commerce, dat ass dee bei der Maison Relais Strutzbiere do virun, deen dëngt dem Entrepreneur als Lagerfläch fir säi Material an d'Containeren. An dofir ass deen eebenfalls net méi fir de Public disponibel. D'Stroossen, wou de Chantier grad ass, déi sollen och sou mann wéi méiglech komplett gespaart ginn, sou dass den Trafic ëmmer ka rullen. Dir wësst, et ass e Chantier, dat ass net ëmmer méiglech. Mee mir probéieren et sou oft a sou gutt wéi méiglech ze maachen. D'Aarbechte vun der Rue du Commerce, Zoufftgen a Libération, déi lafen och parallel zu den Aarbechten vum Reamenagement vun der Place Kinnen. Den Entrepreneur, dee schafft mat zwou bis dräi Ekippen, an doduerch ass dat machbar.

Dann zu deene verschidde Phasen. Virum Ufank vun de Kanalarbechten gëtt mol de Belag an de Profil op der Kräizung Route de Zoufftgen – Rue de l'Indépendance ugepasst, fir datt Busser och aus der Rue de l'Indépendance ran- a rausfuere kënne, well dat wier aktuell net méiglech, well de Bus, dee schléit op där Plaz op. An der éischter Phas gëtt vun der Diddelenger Baach eng Reewaasserachs an e Mëschwaasserkanal duerch d'Rue de la

Libération, d'Commerce, bis an d'Route de Zoufftgen geluecht. An dowéinst ass während deenen Aarbechten an der Rue de la Libération eng Spuer gespaart. An d'Rue du Commerce zwëschent dem Schwaarze Wee an der Libérationstrooss, Rue du Commerce, komplett fir de Verkéier gespaart. Gläichzäitg gëtt och en neie Kanal an d'Rue Lentz geluecht. Duerno ass ëmmer eng Fuerspuer vun der Libération bis an d'Zoufftgen zou. Wann de Kanal an der Zoufftgenerstrooss geluecht gëtt, da muss se komplett fir de Verkéier gespaart ginn. Wann dee Kanal an der Rue de Zoufftge fäerdeg ass, da ginn do d'Aarbechte vum Reamenagement un. D'Haiser kréien dann déi verschidde Uschlëss un déi verschidde Reseauen. An de Belag vum Trottoir an der Strooss, dee gëtt dann och erneiert. Et gëtt probéiert, eng Spuer opzehalen, vun Libération, Commerce a Richtung Kräizbiere. Wann d'Route de Zoufftgen bis fäerdeg ass, da ginn d'Reamenagementsaarbechten an der Libérationstrooss virun. Dat heescht, do ginn d'Uschlëss un d'Reseae gemaach, den neie Belag fir d'Strooss an den Trottoir, eng nei Bushaltestell an zéie sech lues a lues iwwert eng Spuer an d'Route de Zoufftgen. An domat kréie mer da garantéiert, dass ëmmer eng Spuer fir den Trafic op ass. A soubal dat gemaach ass, gëtt d'Rue du Commerce tëscht der Zoufftgen an der Kierch Lentz komplett fir de Verkéier gespaart, fir dann do d'Reamenagementsaarbechten ze maachen. Ab deem Ablack ass d'Commerestrooss tëscht der Rue de Zoufftgen an der Libération awer an zwou Richtungen op, an doduerch kanns de dann direkt a Richtung Frankräich fueren ouni misse den Zentrum ze passéieren. D'Place Kinnen, déi gëtt och an e puer Etappen an e Shared Space ëmgewandelt. Wann d'Kanalarbechte gemaach ginn, da mussen déi jeeweileg Fuerspue fir den Trafic gespaart ginn.

Fir all Phas ginn natierlech déi néideg Schëlter a Récksprouch mam Service Circulation opgestallt fir dass den Entrepreneur sécher a séier ka schaffen. Während dem Chantier gëtt versicht, de Foussgängertrafic sou sécher wéi méiglech ze maachen an et ginn an der Rue du Commerce provisoresch Zebrasträifen ugeluecht, fir dat kënne ze garantéieren. Wéi an der Phas 2 och schonns, kommen op all Eck vum Chantier Panneauen, déi dem Foussgänger dann och de kierzte Wee bei déi verschidde Commercé weisen. Souwäit vu mir zu deem Verkéiersreglement, wat mer musse stëmmen fir datt de Chantier ka lassgoen. Ech mengen, wa Froen zu deem Reglement sinn, dann hutt der de Service Circulation an de Bureau d'Etudes Schroeder et Associés, déi d'Koordinatioun vum Chantier maachen zur Verfügung. Ech weess net, ob si direkt nach eppes wëlle bäifügen?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci, Claudia. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Bon, Merci Här Buergermeeschter. D'CSV-Fraktioun wäert sech hei enthalten. An zwar net wéinst den Aarbechten. Mee mir fannen dat einfach en Non-respect vum Gemengerot, dass mir déi Sliden, déi lo hei virgestallt gi sinn, net zur Verfügung gestallt kritt hunn. Mir hate guer keng Anung, mir krute just den Ecrit, mat Zifferen an Zuelen a Stroossen, wou een sech guer näischt konnt virstellen. Dat hei ass awer sou e wichtege Projet. An, wéi gesot, mir si guer net géint d'Aarbechten, mee mir enthalten eis, well mir iwwerhaupt keng Prise de position kënnen huelen, well mer iwwerhaupt net wossten, wéini wat leeft an dat bedauere mer ganz staark. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Jo, Merci fir d'Wuert. Also nach éier d'Madame Kayser ugefaangen huet mat schwätze wollt ech genau dat selwecht soen. Mir hunn eis och net ofgeschwat. Ech hunn eng zimmlech gutt Orientatioun, awer sou séier sinn ech dann awer net. An ech hu mech iwwerhaupt gefrot, mir si lo hei bei Punkt 5 vun 12 Punkten, et ass scho geschwënn 10:30. Fir wat maache mer net eng Verkéierskommissioun, wou mir dat dote virgestallt kréien? Mir kënnen och eng Verkéierskommissioun iwwer Visio maachen. Dann hätt een sech dat do a Rou alles eng Kéier kéinten ukucken, et hätt een sech kënnen Gedanke maachen. Ech sinn elo iwwerfuert. Also mir enthalten eis och.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP):

Merci Här Buergermeeschter, Dir léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot. Wann ee sech a Gedanken e bësse mat deem Chantier vun der 3. Phas vum Shared Space a mat den Ännerungen och säits Ponts & Chaussées ronderëm dës Phas beschäftegt, da gëtt ee sech séier bewosst, dass dee Chantier et a sech wäert hunn. Wann een dann och dat temporäert Reglement bis gelies huet, iwwer dat mer haut hei ofstëmmen, da schéngt de Chantier engem nach eng Kéier e bësse méi imposant a komplizéiert. Ech sinn déi ganz Punkte vum Reglement duerchgaangen an hu festgestallt, mat wéi enger Genauegkeet hei festgeluecht ginn ass, wéi an deene verschidde Chantiersphasen de Verkéier muss ëmgeleet ginn a gereegelt ginn, wou iwwerall Foussgängersträife musen hin, bis wou ee Foussgänger ka goe loosse, a wou een nach zäitweilig kann trëppelen an, an, an. Dann iwwertreffe schonn eleng dës enorm Virbereedungsarbechten engem e bësse säi Virstellungsverméigen. Dat ganz Geplang huet schonn enorm vill Zäit an Usproch geholl a war mat vill Kappzerbrieschen verbonnen.

De Chantier hei spillt sech jo net an där enger oder anerer Niewestrooss of, hei schaffe mer un Hauptachsen. A wann ee just dat alles um Schierm hätt, wat de Chantier u Komplikatoune mat sech bréngt, obwuel akribesch gekuckt ginn ass am Virfeld, fir déi sou kleng wéi méiglech ze halen, da fënnt ee schnell hei an do Grënn, fir dat Ganz vläicht am beschten net ëmzesetzen. A sécherlech wäerten sech och während den Aarbechten sou muncher Chauffeur, Awunner a Foussgänger iwwer dës an dat iergeren, an et wäerten sech och eng Rei fannen, déi sech sécher sinn, dass si de Verkéier a sou munches besser wéissten ze regelen, wéi déi verantwortlech Servicer. Wann een als Gemeengeverantwortelech sou e Chantier ugeet, dann ass ee sech dës Problematik voll a ganz bewosst. Wann een dat Zil, wat mir eis als LSAP gesat hunn, wëllt errechen an domadder de Stadkär – an domat menge mer net nëmmen d'Rue Grande-Duchesse Charlotte – verkéierstechnesch berouegen, an och de ganze Kär wëlle méi attraktiv maach fir eis Bierger, da kënnt een eeben net derlaanscht, fir sou e Chantier mat all sengen Niewewierkungen, an Ugrëff ze huelen. Wa mer d'Resultat vun deenen 2 leschte Phase kucken, a lo feelt jo nach Temperaturbedéngt, dee gielen Teppech bei der Gare, da muss ee soen, dass sech déi 2 éischt Chantieren, egal ob do iwwer Méint Bagieren, Stroossegrief a Clôture waren, dach wirklech gelount hunn. Wann ech haut mat dësem oder deem schwätzen, an dat kënnt net selte vir, well ech mech bal all Dag an der Niddeschgaass ophalen, da stellen ech fest, dass der eng Rei vun deenen, déi sech während de Chantiersphasen och mol bei mir geiergt hunn iwwer dee Chantier, elo awer grad sou entschloss d'Resultat vun deem Ganze bewonneren. An dorobber kënnt et jo och schlussendlech un: ob d'Resultat.

A mat deem Gedanke musse mer dës drëtt grouss Chantiersphas ugoen. Et geet drëms, sech och dës Kéier d'Enn vum Lidd virun Aen ze halen, nämlech de Moment, wou alles wäert fäerdeg sinn. Wou dann eise ganze Stadkär rëm fit an attraktiv ass fir e puer Joerzénge. Wou sech eis Bierger gären ophalen, ënnerenee begéinen, sech wuelfillen, a wou et rëm Freed mécht, fir anzekafen. An ech muss eent soen: ech si frou, dass ech déi do ganz Aarbechten do net hu misse maachen, well ech wier net an der Lag gewiescht, déi ganz Saachen do ze beurteilen. Ech si frou dass dat vu Leit beurteelt ginn ass, déi doranner dagdeeglech schaffen an dass ech dat virgeluecht krut an engem proppere Konzept. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci, Här Clement. Nach weider Stellungnamen?

JOS THILL (DÉI LÉNK):

Merci Här Buergermeeschter. Ech muss soen am Ufank, wéi ech just den Text gesinn hunn, ware verschidde Saache mer och komplett

onverständlech. Also den Text vum Règlement temporaire. Just als Beispill, den Artikel 1, do steet fir de Besoin du chantier an der Rue du Commerce ënnen op der Säit „défense de tourner à droite à la hauteur de la maison 25“ an dann dräi Zeile weider do steet: „obligation de tourner à droite à la hauteur de la maison 25“. Bon, ech muss soen, ech hu mech dunne un eis Verkéiersschäffin, d'Madame Dall'Agnol an un de Circulationsservice gewant, déi mer op déi Fro an op all déi aner Froen eng gutt Äntwert ginn hunn, déi mech och zefriddestallt huet. Also op dee Punkt, deen ech elo grad opgeworf hunn ass dann d'Äntwert, dass eeben eng Rei Mesuren, déi während dem ganze Chantier en vigueur sinn, mee eebe successiv an net mateneen applizéiert ginn. Nichtdestotrotz bedauern ech, dass mer dat do net bildlech gewise kritt hunn éier d'Setzung war. Am beschten an enger Verkéierskommissioun. Dat hätt engem viles méi verständlech a méi kloer gemaach. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Här Thill. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall an da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):

Jo ech mengen technesch Froe ware lo keng, da kann ech vläicht gläich drop agoen. Bon, déi Sliden do, déi hu mer extra gëschter nach gemaach, well mer der Meenung waren, et wier effektiv méi kloer während ech hei schwätzen dat dote lafen ze loosse an och duerno kënnen Froen un d'Techniker ze stellen. Et war eis och bewosst, dass dat e komplizéiert Reglement ass. An nodeems den Här Thill sech och bei eis gemellt huet, a Froe gestallt huet, hu mer geduecht et hu bestëmmt och nach aner Leit dat net sou intuitiv wéi mir, déi am Alldag domadder ze dinn hunn. An dofir hu mir dat dote gemaach. Mir konnten lech dat also net am Virfeld ginn, mee mir ginn lech dat natierlech gären als Kopie oder och gären als Mail. Mee et war net vu schlechtem Wëllen. Déi lescht Versioun, déi ass de Moien hei nach op de PC agespielt ginn. Dann ass gesot gi vum Monique Heinen an dann och nach eng Kéier vum Här Thill, dass een dat Reglement hätt kënnen an eng Verkéierskommissioun huelen. Jo, mir hunn effektiv bis elo ni Verkéiersreglementer an enger Verkéierskommissioun diskutéiert, mee meeschten sinn et och méi klenger. Effektiv, dass ass eng gutt Suggestioun. Wa mer nach eng Kéier méi grouss Chantieren hunn, wou et wirklech e grousst Reglement ass, da kann een dat gäre maachen, fir et do eng Kéier virzustellen an och ze erklären. Nach ëmmer ass et esou, an ech mengen dat huet den Här Clement richteg gesot, d'Experten, déi kucken dat alles am Virfeld mat deene betroffenen Entrepreneuren, mam TICE, mam RGTR, fir ze kucken, wéi de Verkéier am beschte fléisst. Si maachen also u sech d'Virarbecht. Mee firwat effektiv net, dass ass eng gutt Suggestioun, wa mer e grousst Regle-

ment hunn, dat och gären eng Kéier kënne virstellen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Gutt, Merci Claudia.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci Claudia, fir Deng Interventioun. Ech fannen awer och, dass een net nëmmen déi grouss Reglementer do muss diskutéieren, mee och déi e bësse manner grouss. Well alles wat herno nach kënnt, wéi Vëlosweeër, dat si Saachen, déi betreffe jo awer déi ganz Bevëlkerung a mir schwätzen ëmmer vu Biergerbedeelegung. Mee wa mir eng eenzeg Verkéierskommissioun am Joer maachen, wou mer just Saache presentéiert kréien, wou's de och net méi wierklech vill kanns drun änneren, da bréngt dat eis jo näischt. An ech mengen dat géif och eng ganz Rei vun Diskussiounen a Konflikter vermeiden. Am Fong kéint ee vill méi konstruktiv matschaffen, wa mer méi der Verkéierskommissiounen hätten. Mee mir hu praktesch keng. Mir hunn eng am Joer, wou mer e puer Saache presentéiert kréien – an dat gräifen ech an deem nächste Punkt un dee mer lo kommen och op, do si Saache gesot ginn, déi sollten nach ausgebaut ginn. Mee mir konnten déi awer net ausbauen, well mer keng Verkéierskommissiounen maa chen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Gutt, ech äntwere vläicht kuerz drop. An deenen nächsten zwee Punkten, do geet et ëm de Vëlo, an de Vëloskonzept deen ass, net nëmmen datt en am Budget drasteet, mee deen ass och an der Verkéierskommissioun virgestallt ginn, dat ass e Ganzt. E ganze Konzept, deen iwwert e puer Joer leeft. An déi Saachen, déi kënne mer natierlech net all mateneen ëmsetzen an dofir kommen dann all Kéiers hei déi verschidde Verkéiersreglementer, jee nodeem a wat fir engem Stadium vum Projet mer sinn. Mee dat grousst Ganzt ass virgestallt ginn. E puer Mol souguer. A mir sinn och all Kéiers drop agaangen, wou mer lo dru sinn a wat déi nächst Schrëtt sinn. Mee wéi gesot, dat hei sinn all Kéiers Verkéiersreglementer, déi baséieren um Konzept. An dat ass all Kéiers ee klenzt Stéck draus, wat mer raushuelen, all Kéiers wann et eis méiglech ass, eppes ze realiséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Gutt, Merci och fir déi dote Stellungnam. An dann natierlech och d'Propos dann, wann d'nächste Kéier gréisser Reglementer sinn, dass dann d'Verkéierskommissioun och dat gewisse kritt. Nach ass et wichteg, dëst Reglement ze stëmmen, well viraussichtlech Ausgangs Mäerz ufanks Abrëll d'Aarbechte wäerten ufänken. Dat hei muss jo och nach approvéeiert gi vun zousätzlechen Instanzen. Dofir ass et wichteg, dass mer d'Reglement awer, sou wéi et haut hei virläit, stëmmen. Dir gesitt jo am nächste Reglement wéi laang d'Instanzen heiansdo brauchen, fir hiren Aval ze ginn. Och wann et

dann eng negativ Teneur huet. Dofir géif ech hei lo mol proposéieren, zum Vott iwwerzegoen.

Wien ass mam Verkéiersreglement, sou wéi en hei virläit, averstanen? D'Stëmme vun der LSAP an dem onofhängege Member. Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Dat sinn d'Stëmme vun CSV, déi Lénk an déi Gréng. Merci.

5.2. AVENANT ZUM ALLGEMEINE VERKÉIERSREGLEMENT FIR DE VËLOSWE E UM SITE VUN „NEISCHMELZ“

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op dat nächst Verkéiersreglement iwwerginn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Komme mer da bei de Vëlo an en Deel aus eisem Vëloskonzept. De Buergermeeschter huet schonn agestëmmt dat verschidde Stelle méi laang brauchen, fir de GO, oder den Net-GO ze ginn. Dir wësst, datt mer am Gemengerot vum 25. September d'lescht Joer e Stéck aus eisem Vëloskonzept hei gestëmmt hunn, nämlech d'Reglement fir d'Vëlospist tëscht dem Centre culturel an der Skaterpist. Dat hu mer hei ugehall. Bon, no etleche Kéieren nofroen, och hei sinn ech drop ugeschwat ginn, krute mer dann d'lescht Woch - ëmmerhi véier Méint méi spët - vun der staatlecher Verkéierskommissioun e mëndleche Refus. Ech betounen e mëndlechen! D'Begrënnung vun hinnen, déi war folgend: Et dierfe keng Sous-titren, wéi z.B. „Excepté Livraisons“ op Weeër reglementéiert gi vun der Mobilité douce, sprécht Foussgänger- a Vëlosweeër. Genau déi Reglementatioun vum Vëloswee ass awer am September gewielt ginn, well déi staatlech Verkéierskommissioun d'Prämiss rausginn hat, sou mann wéi méiglech absolut Fuerverbueter, dat heescht, dat ass dat Schëld C2, ze reglementéieren. Wéinst deem mëndleche Refus huet sech dann eise Service Circulation mat der staatlecher Verkéierskommissioun nach eng Kéier zesummegeesat, fir no enger Léisung ze sichen, déi och si géifen unhuelen an de Vëlosverkéier zesumme mat der Livraisoun géifen erlaben. Dëse Wee ass nämlech deen eenzege Wee fir Material bei d'Pomhouse ze fueren. Aktuell muss den CNA, also de Bedreier vu Pomhouse, beim Ministère du Logement ufroe fir all Liwwerung.

Zréckbehale gouf du zesumme mat alle Parteien dat folgend Reglement, wat mer dann elo haut hei nach eng Kéier musse stëmmen. Dann awer en allgemengt Fuerverbueter mat Ausnam fir d'Livraisoun. An d'Entrée vum Wee gi Pollere gesat, fir d'Liwwerungen ze steieren. All Liwwerung bei d'Pomhouse muss ugemellt ginn. Da gëtt dee Wee vun der Gemeng opgespaart. Dat leeft dann iwwert eise Service Circulation, fir datt mir dat och kontrolléiere kënnen. Schrëttlech, ech hu

jo schonn e puer Mol betount, dass mer den Refus just mëndlech kritt hunn, schrëttlech hu mer en nach net. Mee e kënnt awer nach. E läit elo laut Aussoe vun deem enge Ministère bei deem anere Ministère, e géif elo beim Interieur leien. Mir wollten allerdéngs net sou laang waarden, bis mer och de schrëttleche Refus hu fir en neit Reglement ze stëmmen. Well dat heite Reglement, wa mer da lo haut stëmmen, da muss dat jo rëm eng Kéier vun deenen zwee Ministèreen approvéeiert ginn. A réischt dann, wann et endlech zréck ass, kann dee Vëloswee opgoen. Mir hoffen natierlech, datt dat dës Kéier méi schnell geet mat enger Äntwert. Bon, mir wäerten et wéi lo maachen, mir froen natierlech och dauernd no, mee da wësst Dir, firwat mer net op de schrëttleche Refus wollte waarden.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci Claudia, nach eng Kéier fir déi Erläuterungen zu deem neie Reglement, wat mer hei mussen huelen. Si Froen dozou? Monique Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Jo, Merci. Ech menge mir grënne geschwënn eng Biergerinitiativ fir dee Vëloswee opgemaach ze kréien. Meng Fro ass scho beäntwert, well ech wollt froen: war dat Éischt falsch oder hate mer eppes vergiess? Du hues da jo lo laang a breet erkläert. Ech hat awer deemools am September och nach nogefrot, well de Wee fir dohinner ze komme, do muss ee jo iwwer dee Parking do fueren. Ob enn sech do awer vläicht Gedanke gemaach huet? Well jo awer och vill Kanner do Richtung Skaterpark wäerte fueren. Fir do sécher hei iwwert de Parking ze kommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci der Madame Heinen. Nach eng weider Stellungnam? Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ech mengen de Service Circulation wëll vläicht op de Parking agoen?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION):

Soubal en elo rëm op ass, also soubal d'Wieder elo erëm besser gëtt, an et d'Temperaturen och erlaben, wollte mer mol iwwert de Parking e Marquage maache fir datt ee mol gesäit, wann een aus dem Schnauzelach kënnt, kéint een iwwert de Parking fueren, fir op déi dote Vëlospist ze kommen. An dann och kucken, dass mer dee sou sécher wéi méiglech kënnen amenagéieren, dass d'Vëlofuerer an och d'Autofuerer parallel kënne laanschtenee fueren oder goen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV):

Entschëllegt déi negativ Kritik, déi ech awer elo muss ginn. Ech fannen et net gutt, dass mer eppes maache fir de Vëlo. Dat ass gutt,

da kënne mer mam Vëlo fueren, dann ass dann e Vëloswee do, do kënnt der är Kanner dann och besser op d'Skaterpist schécken, wat jo och ganz logesch ass. Mee fir bei bei dee Vëloswee ze kommen, dat ass net ganz duerchduecht. Et ass dat, wat ech ech kritiséieren, dass mer am Fong kee ganz Konzept hunn, dass mer soen, mer komme vun A op B. Mee do kënns De net vun A op B mam Vëlo. A ganz Diddeleng net. Dat geet net. An do hu mer ni eppes ausgeschafft doriwwer.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Bon, da muss ech do nach eng Kéier agräifen. Ech ginn awer dovun aus, dass de Service de Circulation och nach eppes iwwer d'Aarbechten um Vëloskonzept wëll soen. Dat ass genau dat, wat ech gesot hunn a wat och e puer Mol virgestallt gouf. An e puer Mol ass och gesot ginn, och an der Verkéierskommission, dat fannt Der och am Rapport erëm, a souguer scho viru menger Zäit. Et ginn e puer Knackpunkten hei zu Diddeleng, wou mer einfach keng Léisung hunn. Dat ass z.B. vun der Gemengeplaz bis Schaarze Wee. Dee Wee, wou leede mer se? Leede mer se hannert d'Gemeng? Leede mer se iwwer d'Gemeng? Dat sinn e puer Knackpunkter, déi mer hunn. Dat ass awer elo keen neie Moment, do si mer och am Gaang, driwwer ze diskutéieren. Wann den 3. Deel vum Shared Space fäerdeg ass, ass een Deel do scho vill méi sécher.

Mee dat sinn all déi Saachen, déi an deem Vëloskonzept dra sinn, wou d'Routen och geseent a diskutéiert ginn. Déi jo och mat Vëlo Diddeleng diskutéiert ginn. A wou mir ëmmer dat kënne realiséieren, wat ech beim viregte Punkt scho sot, wat mir deem Ament grad kënne. Mir sinn am Gaang, Achs Süd-Nord, West-Ost ze maachen. An den nächste Gemengerot kommen ëmmer nach Reglementer, wou mer fir de Vëlo wäerte stëmmen. Mir kënne dat net alles zesumme maachen, well mer och fir verschidde Saachen kënne ze maachen, mussen mat Ponts & Chaussées diskutéieren, vun deenen den Accord hunn, Accords préalable vun der staatlecher Verkéierskommission hunn. Dofir drëpst dat Ganzt esou. Mee d'ganzt Konzept, dat steet. Mee ech mengen, Dir sidd och an der Verkéierskommission, mir kënne lech och déi Sliden, och dat, wat de Romain Molitor scho preparéiert huet, alles gäre schécken. Mee wéi gesot, ech weess net, ob de Service Circulation nach eng Kéier kuerz eppes dozou wëllt soen?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Also Claudia, Du hues am Fong schonn alles gesot. Wat gréisstendeels op Gemengestroosse machbar ass, hu mer ëmgesat. Mee déi Knackpunkten, wou elo d'Joint'e feelen, do ass gréisstendeels e staatlechen Acteur mat am Spill, an Dir hutt jo lo schonn an

hand vum Reglement gesinn, do kritt een net ëmmer sou séier eng Äntwert, ob et lo eng Permissioun ass oder ob et lo vun der staatlecher Verkéierskommission en Avis dozou ass. A mir waarden ëmmer dorop. Mir probéieren och ëmmer nozehaken, mee zaubere kënne mir och net.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci fir déi dote Prezisiounen. Ech proposéieren, dass mer hei lo awer zum Vott iwwerginn, an der Hoffnung, dass mer net allze laang brauchen ze waarden, fir hei eng positiv Réckmeldung ze kréien. Et ass frustrant, dass dat heiansdo duerch den Amtsschimmel, duerch d' Lourdeur administrative, sou laang dauert. Wien ass mat deem heite Verkéiersreglement averstanen? Dat ass unanime, da soen ech och hei dem Gemengerot Merci. An da gi mer op dat lescht Verkéiersreglement.

5.3. ÄNNERUNG VUM VERKÉIERSREGLEMENT IWWERT D'VÉLOSWEËR

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, mir bleiwe beim Vëlo an dat ass och alt erëm e Stéck aus deem Konzept. Fir d'Vëlosfuere méi attraktiv ze maachen, wëlle mer erlaben, datt d'Vëlosfuere kënne de falsche Wee duerch d'Sens uniqué fueren an de Quartier 30-Zonen, sou wéi mer et zum Beispill schonn am Quartier Brill - déi wou aus där Géigend kommen, déi kennen dat - hunn, a wéi de Code de la route eis et och lo erlaabt. De Service Circulation huet d'Verkéiersreglement nach eng Kéier op de Leescht geholl an nach e puer Stroosse fonnt, wou een dëst ka maachen. An dofir wëlle mer lo a folgende Stroossen eeben de Contre-sens fir de Vëlo erlaben. Dat ass d'Rue Marthe Bigelbach-Fohrmann tëschent der Rue Carmes-Heffenisch an der Rue Um Kräizbiereg an der Rue du Chemin de fer, Rue du Commerce tëschent der Rue de la Libération an dem Schaarze Wee. Rue Kräizbiereg, Rue Lentz tëschent der Cungs an der Rue Edison CR 184. D'Rue de la rivièra a Schaarze Wee, tëschent der Rue du commerce an der Rue Karl Marx. De Préavis vun der staatlecher Verkéierskommission, dee gouf ugefrot an deen hu mer och schonn zréckkritt. Dee war positiv. So datt se, wa mer dat haut stëmmen a mer et aschécken, relativ séier wäerten positiv äntweren. A wéi gesot, de Service Circulation ass nach ëmmer do, wann nach technesch Detailfroen dozou sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci Claudia.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech hu just eng kleng Remark zu deene Vëlosweeër, déi dann an d'Strooss agemoolt ginn. Dat heescht, mir sinn natierlech dofir, dass fir de Vëlo méi Plaz gemaach gëtt. Et muss een awer dozou soen, dass déi awer och relativ geféierlech sinn op deene Plazen. Bon, dat sinn heiansdo Tempo

30, dat ass richtig. Mee op där anerer Säit ass et awer sou, dat ass jo eng Strooss, wou ech an der Géigend wunnen, an do ass et scho sou, dass d'Vëlosfuere zum Deel heiansdo niewentenee fueren an heiansdo muss een op den Trottoir kënne auswäichen, fir dee kënne aus de Féiss ze fueren. Dat ass schonn net evident. Well deen agemoelte Wee, deen ass net immens grouss, an do muss ee scho mat Virsiicht ëmgoen, fir dass do net eppes geschitt. Z.B. an der Rue Lentz, do ass dee Vëloswee ganz no u geparkten Autoe gemoolt, sou dass do, wann eng Kéier een duerch Zoufall d'Dir opmécht, wann en net oppasst, wann do e Vëlo kënnt, da weess ee jo wat dat fir dramatesch Situatiounen kënne ginn. Dofir, mir sinn natierlech dofir dass de Vëlo säi Wee do kritt, mee et muss een ëmmer kloer am A behalen, wéi déi Weeër sinn an ob do net d'Geforepunkten ze grouss sinn. Dat muss ee schonn e bësse berücksichtigen. Well wéi gesot, dat ka fonctionéiere wa jiddwereen sech e bëssen un alles hält, mee soubal do Ondisziplin ass an e bëssen net un d'Vitess gehale gëtt, da kann dat awer zu Situatiounen féieren, déi kënne geféierlech ginn. Dofir, natierlech dofir, awer mat Virsiicht ze genéissen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci Här Friedrich.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci, mir sinn natierlech zefridde mat all dese Schëlde. Wat lo d'Niddeschgaass betrëfft, den Double sens fir d'Vëlosfuere, mol do e Merci un de Service Circulation. Dir hutt do extra Schëlter an d'Entrée gestallt, dass een dat soll gesinn. Et ass souguer lo duebel geschëldeert do. Voilà, fir dass d'Automobiliste wëssen, do kënne awer Vëlosfuere entgéint kommen. Ech hunn dat och e puer Mol probéiert. Et ass awer net evident. D'Autoen, kenne mer jo, fueren an der Mëtt, d'Foussgänger ginn op der Säit. A wann ech da mam Vëlo derduerch fueren, dann ass de Problem op der Héicht vun de Parkplazen. Do wou nämlech dann d'Parkplaz sinn an et kënnt mer en Auto entgéint, dat hat ech och elo, do kann ech awer net sou einfach op d'Säit eriwuer an da gëtt et sportlech, da gëtt et enk.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci.

JOS THILL (DÉI LÉNK): Jo Merci Här Buergermeeschter. Déi Léink, déi ënnerstëtzen, wéi ech et och schonn a menger Budgetsried de leschten Dezember gesot hunn, datt de Schäferot Moosnamen hält, fir de Vëlo als Fortbewegungsmittel hei zu Diddeleng méi populär ze maachen. An eng vun deene Moosnamen, déi mer voll ënnerstëtzen, ass d'Méiglechkeet fir d'Vëlo en à contresens duerch d'Sens uniqué fueren ze loossen. A mir ënnerstëtzen dat, well dat ass e richtige Paradigmewissel a psychologisch ganz wichteg. Well domat kritt de Vëlo

eng Roll als vollwäertge Verkéierspartner. Schliisslech setzen op engem Vëlo grad sou vill Leit wéi an deene meeschten Autoen: nämlech een! An doduerch erliewen d'Automobilisten d'Vëlosfuerer als Partner, hei vläicht als Géigner, mee mat Rechter am Verkéier an net nëmmen als Hindernis an enger méiglechst séierer Zirkulatioun. D'muss ee jo soen datt hautdesdaags d'Vëlofueren à contresens an de Sens unique sech op internationalem Niveau duerchgesat huet. An dat ass, well déi international Erfahrung weist, datt dat, contrairement zu deem, wat ee vläicht intuitiv denkt, d'Ziel vun den Accidenter an deene Vëloen implizéiert sinn, erofsetzt. Well eeben d'Vëloen da manner an engem dichte Verkéier musse fueren. Ausserdeem erspuert et de Vëlosfuerer oft laang Ëmweeër an dat ass wierklech motivant. Also wat de Prinzip ubelaangt, hutt Der déi komplett Ënnerstëtzung vun Déi Lénk fir dës nei Approche am Verkéier. Ech si bis elo a mengem Liewen ongeféier 50.000 km Vëlo gefuer. Dofir mengen ech, ech géif eppes vu Vëlofuere kennen. An dofir hunn ech zum Text, deen eis hei virläit, 4 Remarken.

Déi éischt: wann ee sou eng substantiell Ännerung am Verkéiersreglement aféiert, dann ass et wichteg, eng adequat éffentlech Informatioun, z.B. am Diddelenger Annoncéblietchen, awer och op anere Plazen, ze maachen. Dat wäert lech nämlech vill lenger erspuere wann d'Automobiliste fir d'éischt Vëlosfuerer gesinn, déi hinnen am Sens unique entgéint kommen. Déi zweet: Fir datt dat funktionéiert, mussen 3 Mindestkonditiounen erfëllt sinn: 1. Den Automobilist muss de Vëlosfuerer fréi genuch gesi kommen. 2. Dat huet d'Madame Heinen elo och scho gesot, de Vëlosfuerer muss kënnen den Autoen oder Busse säitlech auswäichen. D'Autoen oder d'Bussen, déi wäichen op jidde Fall net säitlech aus. Dat heescht, d'Stroossesäiten däerfen also net komplett zougeparkt sinn. An déi 3. Konditioun: et muss sech fir de Vëlosfuerer rentéieren, also e muss op méi engem kuerze Wee vun A op B kommen.

Well zum Ament, wou ech meng Interventioun preparéiert hunn, mer net ganz kloer war, wéi de Verkéier, an notament dee vun de Bussen, während an no dem Chantier Shared Space 3 an deem Quartier géif fléissen, schéngen den Artikel 6 betreffend d'Rue de la Rivière op 40 Meter a besonnesch den Artikel 3, betreffend 40 Meter vun der Rue du Commerce, also vum Match bis bei d'Rue de la Libération, wou de Moment zimmlech grouss Bussen derduerch fueren, zimmlech Limit. Ausserdeem spuert de Vëlosfuerer duerch déi Neiierung just 30 Meter Trajet, gewéinlech packe mer déi 30 Meter och nach. Wéi gesot, zu deenen zwee Artikelen géif ech mech léiwer réischt äusseren, wann ech Kloeerheet hunn, wéi d'Circulatioun am Chantier Shared Space, an och, wann dee Chantier fäerdeg ass, fonctionéiert. Eng drëtt Remark: wann de Schafferot scho positiv Neiierung

fir d'Vëlosfuerer aféiert, schloen ech fir, och nach d'Route de Bettembourg, also dat Stéck laanscht d'Nuddelsfabrik an de Kierfecht bäizesetzen. Also do och de Vëlosfuerer ze erlaben, géint de Sens unique ze fueren.

A véiert a lescht Bemierkung: Punktuell Verbesserung fir d'Vëlosfuerer anzeféieren ass wichteg, mee méi wichteg ass de Gesamtkonzept fir de Vëlo an Diddeleng. An dofir géif ech et gutt fannen, eng Kéier zwee oder dräi Vertrieeder vun der Associatioun „Vëlo Diddeleng“ an den Aarbechtsgrupp SUMP, also den Aarbechtsgrupp Mobilitéit, anzulueden, fir hir Iddien an dat Gesamtmobilitéitskonzept SUMP mat afléissen ze loosse. Wann ee scho Benevoller mat Fachkenntnesser an der Gemeng direkt bei Hand huet, da soll een och vun deem Fachwësse profitéieren. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Här Thill.

CLAUDE MARTINI (CSV):

Merci, ech hu mer, wou ech deen Dossier gelies hunn, probéiert, e puer Reflektiounen ze maachen. A mir vergläichen eis och mam Ausland, mat Amsterdam, mat Antwerpen, wou's De am Fong Vëlosweeër hues. Dat ass e bëssen an de Käpp vun de Leit, sou d'Idi, do hues de fix Vëlosweeër. Mee déi Stied hunn 1970 ugefaangen, Vëlosweeër ze bauen. Also wäit virun eis. A lo fänke mir och un ze soen, dass mir méi Vëlosweeër wëllen hunn. An et ass mir e bësse sou virkomm, ech hat dem Här Demuth gëschter eng Mail gemaach, well ech hunn eppes net sou rëmfonnt. Ech hu mech gefrot, ob mer lo géifen e Subsid kréie pro Meter Vëlo, dee mir lo op de Buedem molen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Schéi wier et!

CLAUDE MARTINI (CSV):

Dat war mir e bësse sou virkomm. Well net nëmmen hei zu Diddeleng, mee och op anere Plazen, do ginn dann einfach op normalen Autosweeër, wou ech da fuere fir schaffen ze goen zum Beispill, do op eemol Vëlosweeër drop gemoolt. Dat ass immens geféierlech plazeweis. Dass mer déi Vëlosweeër do einfach op d'Strooss drop molen, an dann am Fong e falscht Gefill vu Sécherheet ginn a soen, lo hu mer eppes Guddes gemaach. An am Fong fannen ech net, dass mer et richtig gutt maachen. Richtig gutt géife mer et maachen, wa mer z. B. bei allen neie Stroossen, déi gemaach gi géifen d'office soen, do muss en neie Vëloswee drop kommen, ouni dass eis dat e Gesetz imposéiert. Et ass mer direkt an de Kapp komm, déi Butschebuerger- an déi Nierzengerstrooss, wou jo och an der Enquête virduen drastoung, dass do géifen d'Autoen ze schnell fueren an ze vill Verkéier ass. Et ass zwar eng Staatsstrooss, mee wéi sinn do d'Pläng? Setze mer do fest schonn e Vëloswee dran, fir dass mer dann net nees

mussen op d'Strooss mole goen herno? Obwuel mer wëssen, wa mer dat maachen, dat geet op Käscht vum de Parkplazen. An dat ass meng Fro am Fong: Wat wëlle mer? Wëlle mer an Zukunft wierklech méi Vëlosweeër maachen, d'Stad méi vëlogerecht maachen, andeems mer en Deel vun der Plaz vum Auto huele fir de Vëlo? Oder wëlle mer dat net? An déi Fro ass fir mech net beäntwert. An et wier ganz konstruktiv, wa mer eng Kéier géifen doriwwer diskutéieren, wat wëlle mer wierklech.

Mir schwätze vu SUMP. Jo, do komme verschidden Iddien dran. Mee dat wat mir hei maachen, wat mir hei stëmmen, dat war virun e puer Joer an der Verkéierskommissioun vum Här Molitor presentéiert ginn. An wat hie presentéiert huet, dat waren all déi 30er-Zonen, do huet hie gesot, do kënnen mer e Vëloswee maachen. Dat maache mer och elo. Mee mir molen se am Fong just op de Wee. Mee et ass näischt Konkretes bäikomm, fir dat méi sécher ze maachen. An d'Rue Lentz zum Beispill, wann s de e eropfiert, dat ass richtig geféierlech. An en plus hues de do d'Beem, déi am Wee stinn. Dat heescht, de Vëloswee geet bis bei de Bam, an da muss de kucken, dass de laanscht kënn. Du kënn zwar laanscht wann s de Vëlo fuere kanns, mee et ass net ganz kloer duerchduecht an ech fannen et net ganz praktesch.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Keng weider Stellungnamen? Claudia dann oder de Service Circulation. Wie wëllt fir d'éischt ufänken?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION):

Ech fänken da mol un a probéieren, ob d'Fro vum Här Thill ze äntwere betreffend d'Verkéiersreglementer, Rue de la Rivière, Rue du Commerce nom Chantier. Un deene sollt am Fong nom Chantier näischt änneren, dat heescht, déi Sens unique sollen de Moment nach ëmmer bestoe bleiwen. Dat heescht, firwat hu mer dee Sens unique an der Rue du Commerce do gemaach, tëschent dem Match an der Libérationstrooss? Aus deem ganz einfache Grond, wann een aus der Libérationstrooss kënnt, also wann ee vun der Gemengeplaz kënnt, do hu mer jo den Buttek „Ouni“, wou ee gutt mam Vëlo kann hkommen an da muss ee jo am Fong just riichtaus viru fueren. An aktuell ass just déi eenzeg Alternativ iwwert d'Haaptstrooss virun ze fueren, also d'Rue du Commerce an da laanscht de „Schutz“ do ze fueren, wat an onsen Ae méi geféierlech ass, wéi wa mer soen, dir kënnt riets ofbéien, d'Rue du Commerce erof. An da kënnt der iwwert de Schwaarze Wee rëm a Richtung Zentrum vun Diddeleng fueren, well dat vill méi sécher ass.

Da wëll ech och nach eng Kéier kuerz op d'Beetebuerger Strooss agoen, do ass jo lo och nach eng Kéier gefrot gi fir e Sens unique ze maachen. Dat ass leider eng Staatsstrooss, dat heescht, do muss mer fir d'éischt nach den Avis vun der Ponts & Chaussées hunn. En

plus ass et eng 50 km/h, dat heescht, et kann ee mat 50 do fueren. An do gesäit de Code de la Route de Moment nach net vir, dass een do kann à contresens fueren. An ech weess och elo net, wa mer et eng Kéier géife maachen, wann do ee mat 50 rop gebriedert kënnt, ob deen nach séier genuch de Vëlo do vun uewen erof gesäit, do wëll ech lo keng Ausso dozou maachen. Ech mengen d'Invitatioun fir och Membere vum „Vëlo-Diddeleng“ an d'SUMP-Etüd ran ze invitéieren, dat ass eng gutt Initiativ. Dat gëtt vum Aarbechtsgrupp och sou ënnerstëtzt. Dat hu mir och scho sou virgesinn, datt déi och kommen. Beim SUMP si mer jo de Moment an deem Stadium, wou mer mol d'Analys fäerdeg hunn. A well mir als Gemeng och oft Entrevuë mat Vëlo-Diddeleng hunn, kenne mir och scho vill vun hire Fuerderungen a Froen, an déi fléissen och reegelméisseg an d'Etüde mat ran.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Vlächcht nach eppes zum Projet: fir d'Butschebuergerstrooss has Du nach gefrot.

MICHAEL DA SILVA (SERVICE GESTION ET MAINTIEN DU PATRIMOINE - TRAVAUX PUBLICS): Also de Projet Butschebuergerstrooss ass sou virgesinn, wa mer déi ganz Strooss reamenagéieren, dass mer béidsäiteg um Trottoir e Chemin mixte maachen, well de Gabarit et hiergëtt. Natierlech kënne mer dat och just an deene Stroosse maachen, wou de Gabarit et hiergëtt, an hei si mer an deem Fall. Dat heescht, iwwer d'ganz Butschebuergerstrooss bis en Deel nach mat der Nierzenger ran, bis un d'Ribeschpontersstrooss, do kréie mer da Vëlosweeër béidsäiteg hin. Also Vëlosweeër, wuel gesot, Chemin mixte. Dat ass en Trottoir, dee reglementéiert gëtt als Chemin mixte. Natierlech muss de Gabarit et och hierginn, vun de Breeden hir, dass mer et och kënne maachen.

JOS THILL (DÉI LÉNCK):

Jo, vlächcht war meng Fro éinescht net präzisé genuch. Vun der Rue du Commerce, also d'Sens unquë bleiwe bestoen. Mee fueren da spéider och nach d'Bussen derduerch? Well wann dat de Fall ass, da mengen ech datt do misst den Ofsaz vum Trëttoir verschwannen. Well soss wann d'Bussen, den 207 an aner zimmlech grouss, dann d'Strooss eropfueren, da kënnt de Vëlosfuerer net op d'Säit. Oder méi schwéier, wéi wann elo de Trottoir um selwechten Niveau wéi d'Strooss wier.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION):

Fir op den 207 elo anzegoen, vum RGTR. Do ass de Moment den Transportministère am Gaang, eng Reorganisatioun ze maachen, an do ass jo och geplangt dass déi Linn net méi hiren Depart an hir Arrivée huet um Schwaar-

ze Wee, mee dee soll vu Volmerange-les-Mines aus fortfueren, an da géif en och anescht duerch Diddeleng fueren, fir dass en net méi misst duerch d'Rue du Commerce duerchfueren, mee do si mer de Moment nach am Gaang, mam RGTR ze kucken, ob dat och fir si machbar ass oder net. Punkto TICE-Linnen, also 8, 9 an 10, do ass aktuell kee Changeement a Vue. Dat mat den Trottoiren hunn ech mer awer elo opgeschriwwen, an dat kucke mer herno nach eng Kéier mam Bureau d'Etudes méi genau, dass mer da während dem Chantier den Trottoir sou upassen, dass deen dann och vëloskonform ass, respektiv dass een dann och d'Méiglechkeet huet op d'Säit ze fueren, wann ee Bus géif kommen an ee keng Plaz hätt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Vlächcht just e puer Saachen. Den Här Friedrich deen hat gesot, ausser ech hunn dat falsch verstanen, et ass bal iwwerall Tempo 30 km/h Zonen. Neen, et ass iwwerall Tempo-30-Zon, wou mir dat do maachen. De Pit Demuth huet et och gesot, mir kënne et och net éierens anescht maachen. Dat heescht iwwerall sinn dat do Tempo-30-Zonen. Bon, den Här Thill huet mer d'Wierder e bëssen aus dem Mond geholl, hien huet verschidde Saache gesot, déi ech eigentlech och wollt soen, dofir kann ech mech méi kuerz faassen. Ech mengen de Respekt virum Vëlosfuerer. Een op deen aneren oppassen. De Vëlosfuerer net lo als dee gesinn, dee lo stéiert an dee mech hënnert, mee en eigentlech als dat gesinn, wéi den Här Thill virdru gesot huet: dat ass een Auto manner, de mech herno „nervt“ am Stau. Well jiddereen, deen am Stau steet, deen ass genervt an e weess eigentlech net, datt hien och en Deel dovunner ass. Oder e weess et an en hält sech et net zu Häerz. Da soll een och net vergiessen, mir hunn hei zu Lëtzebuerg – an den Här Martini huet dat och richtig gesot, wou hien op aner Stied verweisen huet, mir hunn hei zu Lëtzebuerg keng richtig Vëlos-Kultur gehat. Dat ass elo réischt an deene leschte puer Joer lues a lues opkomm. An dofir sinn déi Stroossen, net nëmmen hei zu Diddeleng, mee am ganze Land, sou wéi se sinn. Well eigentlech ni un de Vëlo mat geduecht gouf. Jiddereen hat en Auto a meeschtens och zwee oder dräi souguer. An déi mannst si Vëlo gefuer.

An elo kënnt en Ëmdenken a lo si mer eebe gehäit mat deem, wat mer hunn, a mir musse kucken, dat sou gutt wéi méiglech ëmzewandelen, fir datt do de Vëlosfuere, de Foussgänger, awer och den Autosfuerer weiderhin duerchkommen. Et ass och richtig gesot gi vun e puer Leit, dass ganz dacks Autoe relativ no beim Vëloswee halen an datt dat och e Problem gëtt, wann een d'Dir opmëcht. Och dat ass keen neie Phenomen, och dat ass näscht, wat et nëmmen hei zu Diddeleng gëtt. Richtig ass awer, datt et geféierlech gëtt an Dir

wësst vlächcht datt an Holland, respektiv och an Dänemark, wou vill Leit Vëlo fueren, d'Leit geléiert ginn, d'Dir net sou opzemaachen, mee sou opzemaachen, mat deem dote Grëff, ëmgedrëit iwwer d'Schëller, fir dass de och gesäis, ob e Vëlosfuerer kënnt, well et souguer an deene Länner, wou's de ganz vill separat Vëlosweeër hues, net iwwerall méiglech ass, een ze maachen. Mir dreeme warscheinlech allegueren hei banne dovunner, datt mer muer iwwerall där separat Vëlosweeër hunn. Dat ass awer weeder hei zu Diddeleng méiglech, nach op dem Rescht vun de Plazen am Land einfach, well Diddeleng ass, wéi et ass, an de Gabarit sech och einfach net verännert. Mir musse kucke fir mat deem, wat mer hunn, eens ze ginn an och do dat Bescht draus raus ze huelen. An dat ass eigentlech eppes wou mer musse soen an deenen neie Projeten, also an deenen neie Quartieren, wou wierklech nach Plaz ass, do muss de Vëlo direkt mat geduecht ginn. Ech mengen de Mica da Silva ass lo drop agaangen, op Butschebuerg. Och do ass Plaz, mee och do ass d'Plaz net onendlech, well déi Stroossen an déi Haiser en Kéier gebaut gi sinn, wéi se gebaut gi sinn. Mee zumindest hu mer do eng Optioun, eppes ze änneren, an eppes Flottes ze maachen. Mee nach eemol, ech soe lo einfach als Beispill NeiSchmelz. Do ass et wou haut d'Musek spillt. Dat sinn eis 70ger Joren, wou aner Länner ugefaangen hunn, an do musse mir lo agräifen. Mee déi Sënne vun der Vergaangenheet, do musse mer einfach domadder liewen a kucken, dat Bescht eraus-zehuelen.

Vëlo Diddeleng mat an SUMP eranhuelen, do ass de Pit Demuth drop agaangen. Ech wëll awer soen, datt de Schäfferot natierlech am Kontakt mat hinnen ass, a se och reegelméisseg empfängt. An och Leit aus dem Service Circulation a souguer vum Service des Sports reegelméisseg mat hinne – ech nennen dat lo mol sou: op den Tour ginn – op de Vëlostour ginn. Fir datt si hinne weisen, wou nach Knackpunkter sinn, a wou mer eventuell kënnen nobesseren. Wéi gesot, dat ass net ëmmer séier méiglech, et si lauter kleng Etappen, fir dat globalt Konzept ëmzesetzen, well mer ganz dacks net Här a Meeschter sinn an op aner Stellen ugewise sinn. Den Här Thill huet gesot, mir mussen onbedéngt eng ëffentlech Informatioun iwwert dat dote maachen. Jo, ech ginn awer dovun aus Här Thill, vu datt mer dat heiten nach musse raschécken, datt do d'Zäit eis net fortleeft, ausser se wäeren eng Kéier ganz, ganz schnell. Mee ech mengen effektiv, datt een nach eng Kéier do och muss drop opmierksam maachen. Sief et am Bliedchen, sief et en Toutes-boîtes. Mee ganz sécherlech soll dat och nach eng Kéier geschéien.

Et ass vum Här Martini gesot ginn, verschidde Vëlosweeër, déi ginn op Käscht vu Parkplazen. Jo, dat ass einfach nu mol esou. Mee meeschtens, wou een dat ka maachen, wou de Gabarit et hiergëtt, dat si meeschtens



6. GEMEINGEFINANZEN

6.1. MODIFIKATION VUM KAPITEL VII – CITYBUS A FLEXIBUS VUM ALLGEMEINEN TAXEREGLAMENT

DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER): An da géif mer iwwergoe op d'Gemeingefinanzen an do bleiwe mer bei der Mobilitéit.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Dir gitt mech awer nach net lass. Ech mengen awer, datt dat heiten e Punkt ass, deen e bësse manner kontrovers ass an zu deem et net all zevill ze soe gëtt. Dir wësst, dass eise Flexibus lo gratis ass an da musse mer natierlech d'Reglement vun den Ticketen, déi mer virdru verkaf hunn ofschafen. A mir hunn natierlech och drageschriwwen, datt de Bus lo ka bis bei de Globus, ancien HELA, fueren, fir datt dat och kloer iergendwou verankert ass.

DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER): Merci Claudia. Froen dozou? Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo Merci Här Buergermeeschter. Hei gëtt jo och enger Fuerderung vun der CSV Rechnung gedroen. Mir hate jo scho beim Aféiere vum Flexibus gefrot, dass mer sollen iwwert d'Gemeingegrenze bis bei den Hela fueren. Lo si mer natierlech ganz frou, dass dat och elo geschitt. A vläicht och déi zweet Fuerderung, déi mer nach haten. Wéi de Flexibus agefouert gouf, hate mer nach gefuerdert, dass mer vläicht net nëmmen d'Limite d'âge op 60 Joer setzen, mee dass z.B. och fir Leit mat Kannerkutschen d'Méiglechkeet besteet, de Flexibus ze huelen, oder dass zum Beispill Leit, déi momentan mat enger Krätsch musse goen oder bei hire Kiné musse fueren, dass een do kéint iwwerleeën, dat nach eng Kéier mat anzebannen. Da wollt ech awer och nach konkret eppes froen.

De Flexibus ass jo lo gratis, well am Kader vun der Gratis-Mobilitéit ass dat jo lo hei am Land sou Usus, dat ass jo och OK. Mir hate jo en Accord mat enger Transportfirma gemaach. Do ass lo meng Fro, ob dat nach déi selwecht Transportfirma ass, oder ob dat all puer Joer muss ausgeschriwwen ginn. An zweetens och: wéi eng Rechnung krut d'Gemeng z.B. d'lescht Joer? Well dat ass jo en fonction vun de Coursen huet et geheescht, wou mer do eng Ofrechnung kréien. Do wär et och interessant, e puer Detailler ze kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo mir hunn nach ëmmer deen nämmlechen, ouni lo den Numm ze nennen. Ech hat och beim Budget gesot, datt mir mat him en Accord fonnt hunn, soubal hien en Elektro-

bus geliiwert kritt, datt hien dann och hei zu Diddeleng géif mam Elektrobus fueren. Wéi vill lo d'Rechnung genau war, déi hien eis geschriwwen huet, dat kann ech lech lo net am Detail soen. Dat stoung awer d'leschte Kéier am Budget dran, mee wann Der wëllt, da kënne mer lech dee Chiffer nach eng Kéier noreeche. Ech muss awer soen, dass d'Unzuel un Clients vum leschte Joer net ganz representativ ass duerch Corona, well awer manner gefuer gëtt, oder gefuer ginn ass. An ech fäerten datt se och dëst Joer net ganz representativ si wäerten an do och vläicht manner Clienten matfueren. Dat hunn ech och scho vun enger Rei eeleren Dammen an eeleren Hären héieren, déi sech awer am ëffentlechen Transport a souguer am Flexibus net ganz wuel fillen duerch Corona.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo, ass déi Firma dann net op de Wee gaangen, dass se eis e Minimum freet? Si hu jo och eng Mega-Perte, doduerch dass manner Leit fueren. Hatent se do net och d'Propos gemaach, dass mer op en anere Wee vun enger Konventioun, vun engem Accord ginn, dass mer awer e Minimum bezuelen. Ech denken do u sou eppes wéi d'Parkhaus, do ass jo och e Minimum festgesat.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Also menges Wëssens lo net. Mir hunn en Devis gefrot an dono krute mer eng Rechnung. Wéi gesot, bis elo weess ech näischt dovunner. Mir kënnen awer gären nach eng Kéier nokucken.

DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER): OK. Da géif ech de Gemeengerot froen, ob e mat der Abrogation – et ass jo en Modifikation, mee och eng Abrogation – vun dësem Taxereglement averstanen ass? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

6.2. APPROBATION VUN DEN NOTZUNGSTARIFFER FIR D'DISTRIBUTIONSRESEAU VUM GAS A MODIFIKATION VUM KAPITEL XIV – GAS – VUM ALLGEMEINEN TAXEREGLAMENT

DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER): Da fuere mer weider mam nächste Règlement. All Joer musse mer hei de Präis vun der Durchlaufgebür festsetze vum Gas. Bon, dat sinn natierlech och Präisser, déi mer imposéiert kréien. Ech soen dem Service Circulation Merci, dass se hei waren. Dat si Präisser, déi vum ILR imposéiert ginn als Regulateur, an do ass de Spillraum ganz limitéiert. Dat sinn also Präisser fir G4 bis G16, dat si fir d'Haushalter, kleng Appartements, 25-40, dat si fir Schoulen an d'Gemeingehaus an ab G65, dat sinn déi gréisser Verbraucher wéi d'Sportshal, respektiv eis gréisser Betriber. Dat zu der Erklärung. Ass de Gemeengerot domadder averstanen? Ginn et nach Froen dozou?

grouss Stroossen, Hauptstroossen, breet Stroossen, wou och elo net onbedéngt déi Parkplaznout ass wéi an eisen ale Quartieren, ech soe lo d'Schmelz oder de Quartier Italien, wou s de mat all Parkplaz, déi s de ewech hëls eigentlech en Drama kréieren an den Ae vun den Awwuner. Op verschidde Plazen ass dat awer keen Drama, an dat kann een duerchaus novollzéien, an dat soll een och maachen, wann et méiglech ass. Ëmmer wann déi Stroossen „an eisem Besëtz“ sinn, respektiv d'staatlech Acteuren och domadder d'accord sinn.

Den Här Martini hat nach gesot, dat Ganzt wär net richteg duerchduecht an den Här Molitor hätt eigentlech do just Strécher gezunn. Bon, dat kann ech natierlech net sou am Raum stoe loossen. Déi meescht vun lech kennen den Här Molitor zënter laange Joren, an déi wëssen, datt deem seng Konzepter ëmmer gutt duerchduecht sinn an dacks souguer ze vill an den Detail ginn, mee, wéi gesot, dat hunn ech scho bei der éischter Diskussioun gesot. Och den Här Molitor kann d'Sënn vum der Vergaangenheet, net mat engem Zauberstaf, engem Feeëstab réckgängig maachen. Och den Här Molitor stéisst sech u verschidde Knackpunkten, wou ech virdru schonn een opgezielt hat an och eis Leit aus dem Service Circulation. A fir déi Knackpunkte musse mer eng Léisung fanne. Bei verschidde fanne mer se relativ schnell, well do d'Stroosse lo wäerten ëmgebaut ginn. An anerer, do musse mer nach e bëssen dru schaffen. Mee alles dat, wat mer an noer oder moyenner Zukunft kënne maachen, dat solle mer lo maachen. An dat Konzept, wat mer virgestallt hunn, dat ass jo och: court terme- moyen terme- long terme. Dat ass scho sou presentéiert an duerchduecht ginn, well mer alleguete wëssen, datt mer dat net kënne vun haut op muer maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER): Voilà. Villmools Merci och fir déi doten Erklärungen. Ech géif proposéieren, datt mer géifen zum Vott iwwergoen. Wien ass mat deem heite Règlement, sou wéi et hei virläit, averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech och eisem Service Circulation an dem Claudia Merci fir d'Erklärungen.

JOS THILL (DÉI LÉNK):

Et ass nach eng Fro. Well ech hunn d'Präisser verglach, mat deenen, déi mer d'Joer virdu gestëmmt hunn, an déi si substantiell méi niddreg. An do wollt ech eigentlech wëssen, duerch wat dat ze erklären ass?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): D'Präisser ginn hei erof, well Wiederkonditiounen, d'Temperatur matspillen an och d'Previsiounen vun den Investier. Dat sinn allegueren déi Elementer, déi den ILR a Consideratioun hält bei senger Analys. Mir hu jo och e Büro deenen eis begleet bei deenen dote Froen. Dat sinn am Fong déi zwou Komponenten. Ass de Gemengerot mat dësem Taxereglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

6.3. MODIFIKATIOUN VUM KAPITEL XXVIII – VENTE VU KOMMUNALEN DROCKSAACHEN, AUDIO- A VIDEDOKUMENTER – VUM ALLGEMEINEN TAXEREGLEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da komme mer op dat nächst, an do geet et bei eis Bibliothék. An do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN):

Jo, Merci Här Buergermeeschter. Hei ass et dann am Kader vun eisem Centenaire, dee mer dëst Joer feieren, wou mer dann och e Buch rausbréngen. An dat Buch soll een da fir 20.- Euro och kënne kafen. Et sinn am Ament 500 Exemplare gedréckt ginn. Ech wëll dorun erënneren dass do eis Friederike Migneco aus der Bibliothék selwer d'Autrice vun deem Buch ass an och d'Mélanie Arend aus eisem Service Com, wat fir de Layout zoustänneg ass, wat eis als Gemeng ganz, ganz houfreg mécht. Op jidde Fall ass d'Buch méi wéi gelongen. Et ass e flotten a spannenden Historique iwwert eis Bibliothék, déi lo 100 Joer al gëtt. An ech wëll och hei drun erënneren, dass mer eng Rei vun Aktivitéiten virgesinn hunn, souwäit mir dat dierfen, am Kader vum Centenaire. Do ass zum Ofschloss eng Séance académique virgesinn, et ass eng Expo virgesinn an awer och Liesunge fir Kanner. Ënner anerem och eng Liesung, wou den Historique, déi 100 Joer vun der Bibliothék op eng kannerfrëndlech a fir Kanner interessant Aart a Weis duergestallt gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Ass de Gemengerot mat deem heiten Taxereglement averstanen, oder mat där Tax, besser gesot? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

6.4. + 6.5. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF A VUM ZOUSÄTZLECHE KREDIT FIR D'ACQUISITION VUN ENGEM TERRAIN BEI DER SCHOUL RIBESCHPONT + APPROBATION VUM DEVIS ESTIMA-

TIF A VUM ZOUSÄTZLECHE KREDIT FIR D'ACQUISITION VUN TERRAIN FIR LOGEMENTER ZE BAUEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da gi mer op deen nächste Punkt eriwuer, ech géif de de Punkt 6.4 a 6.5 zesummenhuelen, well se am Fong och zesummen ze betruechte sinn. Well et hei engersäits drëm geet, e Crédit supplémentaire ze stëmmen, wat d'Acquisition vun engem Terrain ugeet bei der Ribeschponte Schoul. An awer och e Crédit supplémentaire wat d'Acquisition vun Terrainen ugeet fir Logementer. Awer och zugläich den Devis par Rapport zu Logementer, déi mer baue wëllen an der Rue Nic Bodry. Am Kader vun der Budgetdiskussion hate mer dat jo scho presentéiert. Dat sinn 12 Unitéiten, déi an der Rue Nic Bodry entstinn. A fir dat kënnen ze maache mussen mer déi Terrainen kafen. Et ass esou, dass déi Terrainen a privater Hand sinn an dass et am Fong – an Dir gesitt dat op de Pläng – an zwee gedeelt gëtt. Dat heescht, d'Terrainen, déi gi morceléiert. An d'Terrainen, déi zougedroe ginn zu der Rue Nic Bodry, déi gi geholl fir - kënne mer vläicht de Parcellaire ablenden? Entretemps begrëssen ech de Filipe Guterres, eisen zousätzleche Mataarbechter aus dem Service technique, deen och op deem heite Projet sëtzt. An do gesitt Der de Parcellaire. Dir hutt engersäits deen een, dee vun hei aus gekuckt, am Fong dee rietse Parcellaire zu der Rue Nic Bodry ass.

Dee ganzen Terrain, dee gëtt morceléiert, do entstinn dann och eng ganz Rei Bauterrainen, wou dann och déi 12 Unitéiten dropgebaut ginn. Dat ass deen een Deel. An deen aneren Deel, lénkerhand, deen do giel ass, dee gëtt zu der Maison Relais Ribeschpont zugeschloen, déi de Moment gebaut gëtt. Sou dass mer hei an där Situatioun sinn, datt deen Terrain, dee bei d'Maison Relais bäikënnt, déi jo lo dëst Joer fäerdeg gëtt, genotzt ka ginn, fir en Naturschoulhaff anzerichten. An awer ass et zu gläicher Zäit och eng Réserve, déi entsteet, wann d'Maison Relais eng Kéier ausgebaut misst ginn. An ech denken do un de Projet fir de PAP „A Bëlleg“, wou sécherlech Drock wäert entstoen op Ribeschpont an op A Bëlleg. Bon, d'Baltzenger Schoul, dass mer do awer eng Réserve foncière hunn. De Moment gëtt do en Naturschoulhaff aménagementiert, mee dass mer „in weiser Voraussicht“ an Zukunft, wa sollt Drock entstoen a wa mer d'Terraine bräichten, dass mer déi notze kënne fir déi ëffentlech Infrastruktur. Dat ass am Fong dee lénken Deel, an dat ass hei dann dee Crédit supplémentaire vun 300 000 Euro, dee mer hei nostëmme mussen.

Dann ass hei de Crédit supplémentaire vu 60 000 Euro, dee mer stëmme mussen. Dat ass fir deen Deel zu de Logementer. Deen doten Deel vum Terrain. Dee gëtt jo och vum Logementsministère mat subventionéiert. Do wäerte mer jo och spéiderhi mat enger Kon-

vention hei an de Gemengerot kommen. Do gëtt den Terrain mat subventionéiert an awer och déi Wunnengen, déi do entstinn. An dofir wollt mer lech awer och, well et jo e Gesamtprojet ass, deen do entsteet, hei den Devis virleeën. Quitt dass d'Aarbechten ronderëm déi doten Haiser, déi do entstinn Ausgangs des Joers wäerten ufänken. Et si jo 12 Unitéiten. Et ass eng Maison bi-familiale, 4 Maison unifamiliale mat Logement intégré an och rëm eng Maison bi-familiale, déi do entstinn. Et ass Wiesen-Piront mat deene mir déi dote Präisser verhandelt hunn, an och op deene Logementer, déi mer bauen, déi 12 Unitéiten, och do kréie mer e Subventionnement vum Logementsministère.

Also keen onwichtige Projet. Well mer engersäits hei subventionéierte Wunnengsbau, 12 Unitéiten, schafen. Déi mer och vum Logementsministère mat finanzéiert kréien. An op där anerer Säit deen Terrain och notzen, fir op d'Maison Relais zouzeschloen. Also am Fong zwou Mécke mat engem Schlag, zwou Utilitéiten: de Logement an d'Infrastructure publique, déi do gebaut gëtt, déi mer kënnen notzen an zegutt komme loosse. Bei deem Devis fir d'Logementer, dee mer hei virleien hunn, sinn natierlech och Kiche virgesinn. Dëst waren nach e puer Ausféierungen, déi ech zu deem dote Projet wollt ginn. Wann de Projet dann och d'Zoustëmmung vum Gemengerot fënnt, da kann en an déi nächst Etapp goen. Voilà. Ech mengen ech war komplett, wat d'Ausféierungen ugeet. D'Diskussion ass op. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Dir hutt schonn op eng Fro geäntwert. Ech wollt froen: Als wat benotze mer den Terrain hannert der Maison Relais? Sécher gutt, eng Réserve foncière ze halen. Ech hu lo net richteg matkritt, wéi grouss deen Terrain ass? Ech fannen dat lo net méi rëm hei a mengen Ënnerlagen. Dat ass eng Fro. A war net ugeduecht ginn, bei deenen Haiser, déi mer lo bauen, deene Logements sociaux och e kleng Gaart ze ginn? War do ni eng Demande gewiescht, dass mer vläicht awer eng Strëpp bei déi nei Logementer do dobäisetzen? Meng Fro ass och just kuriositéitshalber. Ass et deselwechte Proprietär, deen eis déi zwee Terrainen do zur Verfügung stellt, vun deem mer den Terrain ofkafen? Dann, zu de Logements sociaux. Ech mengen hei gëtt ëmmer unanime vun alle Bänken ënnerstëtzt, wa mer Logements sociaux kreéieren. Mir si jo och allegueren frou gewiescht, dass mer lo e Service Logement hunn, deen och mam Office social ugegliddert ass an dee jo och d'Gestioun wäert huele wäert huele vun dësen Logementer. Ech wëll awer nach eng Kéier de Appell vu menge Mat-Fraktiounskolleegen, vum Claude Martini a vum Jean-Paul Gangler opgräifen, dass mer, wa mer déi Logementer zur Verfügung stellen, virun allem och un den drëtten Alter denken. Dat war en Uleies, och vun eis, dass mer och wa mer Logements sociale

verdeelen, net vergiessen, dass och Seniore kënnen an de Besoin kommen, an dass een dat vläicht och nach e bësselche sollt ervirhiewen. An ech wollt och froen: wéi wäit ass ugeduecht, och nei Wunnformen hei gëllen ze loossen? D'Madame Ahmedova hat et och nach gesot gehat, dass et wichteg ass, och an déi Richtung ze denken, nei Wunnformen ze kreéieren. WG-en a sou weider. Ech weess, dass dat nach net national gekläert ass, wéi dat lo alles méiglech ass. Mee ass do eng Méiglechkeet, z.B. déi Maison unifamiliale do um Eck, dass een dat och kann ënnerdeelen, dass méi verschidde Leit sech do kënnen umellen. Also ech weess, dass dat och en nationale Problem ass. Mee ass d'Andeelung dann esou, dass do z.B. dann och kann ugeduecht gi fir do eng WG dranzesetzen? Voilà, dat ware just e puer Iddie vun eis. 75 % Subsid och um Terrain, dat gëllt jo mengen ech och nach bei Achat? An natierlech ënnerstëtzt d'CSV déi zwou Acquisitiounen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci Madame Kayser. Här Thill.

JOS THILL (DÉI LÉNK):

Merci Här Buergermeeschter. Also wann een elo déi hei Präisser kuckt mat deene vu virdrun. Beim Punkt 6.4 sinn et 124 000 Euro den Ar a beim Punkt 6.5 145 300 Euro den Ar, also dat si scho ganz zolidd Präisser. Et ass elo müsseg ze soen, dass et schued ass, dass d'Gemeng net scho virdrun Terraine kaaft huet. Mir ënnerstëtzen op jidde Fall déi Acquisitiounen. Ech hätt da just eng Fro: Dir hutt vun 12 Logementer geschwat. Et sinn zweemol Maison bi-familiale an da steet do „Maison unifamiliale avec Logement intégré“. Wat heescht dat genau „Logement intégré“? Sinn dat eenzel Persounen, déi do kënnen wunne kommen an awer als anere Menage betruuecht ginn? Dat ass just eng Fro. Mir ënnerstëtzen natierlech déi zwou Propositionen hei.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci dem Här Thill. Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech hu just zwou ganz konkret Froen, ganz kuerz. Mir ënnerstëtzen dat Ganzt awer och. Also wann ech de Crédit supplémentaire kucke vun 300 000 Euro, déi mer nostëmmen, do war jo e Crédit vu 600 an da kommen 300 dobäi, dat gëtt jo awer 900 an dat geet jo awer net duer fir 1.158.000? Ech maachen do vläicht iergendwou e Rechefeeler. An dann hat ech mer dat Ganzt ugekuckt. Wann ech elo do déi Parzelle kucken, hannen, wou 6 ass. Ech mengen do steet nach en Haus. Wat geschitt mat deem Haus? Gëtt dat ofgerappt? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci der Madame Heinen. Nach weider Stellungnamen? Den Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP):

Jo Merci Här Buergermeeschter. Eis Fraktioun steet natierlech och hannendrun, fir dee Crédit supplémentaire vun 300 000 Euro par rapport zum Terrain hannert der Maison Relais ze stëmmen. Aus deem Grond, well deem Terrain e wichtegen Invest ass, kuerzfristeg, awer haaptsächlech och laangfristeg. Dir hutt et scho gesot gehat virdrun. Mir sinn zwar grad lo am Gaang, déi Maison Relais do ze bauen a Raimlechkeete fir d'Schoul mat ze bauen, a nach wësse mer net, a wat fir engem Ausmooss, d'Populatioun sech an a ronderëm de Quartier Ribeschpont entwéckele wäert, wéi een Impakt z.B. de Plang „A Bëlleg“ fir de Quartier op d'Schoul an d'Maison Relais Ribeschpont wäert kréien asw.. Sollt d'Schoul an d'Maison Relais Ribeschpont eng Kéier ze kleng sinn, si mer frou, dass mer op dësen Terrain zrëckgräife kënnen, fir eng Extensioun ze bauen. Kuerzfristeg kënnen mer lo schonn e flotten, adequaten, naturnoe Schoulhaff fir d'Maison Relais bauen. Dat heescht, mir hunn eng gutt Reserve, wann et eng Kéier wierklech ze enk gëtt.

Zu dem Crédit supplémentaire vum Terrain fir d'Logement sociaux, dat ass e bescheiden Crédit supplémentaire vu 60 000 Euro. Dat stëmmt, dass deem Terrain hei immens deier ass. Mee dat ass leider Gottes emol esou. Ech menge mir liewen an enger verréckter Zäit. Mee contrairement zum Terrain vu virdrun, gëtt dësen Terrain vum Ministère du Logement mat subsidiéiert. Op dësem Terrain gëtt dann awer och e ganz wichtige Projet vu sozialem Wunnengsbau mat engem Maximum vun 12 Wunnenge realiséiert. Et ass gutt, dass hei bei den Eefamilljenhaiser direkt d'Optioun vun dem Logement intégré mat gebaut gëtt. Dat erlaabt eis effektiv dann, en Eefamilljenhaus sou anzedeelen, dass herno och kënnen zwee Stéit do ugemellt ginn. Mir gesinn op Basis vum Terrainspräis, wéi verréckt sech d'Präisser um Lëtzebuerger Immobiliemaart entwéckelen. Et war eng Hausse vun 13,9% an engem Joer hei zu Lëtzebuerg, par rapport zu 5,2% op europäischem Niveau. D'Loyere sinn am Duerchschnitt ëm 6% fir en Appartement geklommen a schloen an der Moyenne lo mat 1 600 Euro zu Buch. Bei den Haiser läit de Loyer an der Moyenne bei 2 900 Euro. Dat ass och eng Steigerung vun 2%. Wa mer dann d'Präisser vum Kaf vun engem Appartement kucken, do muss een an der Moyenne ronn 560 000 Euro op den Dësch leeën. Dat ass e Plus vu 15% an engem Joer!! Bei den Haiser ass et eng Steigerung vun 9% op 882 000 Euro am Duerchschnitt! Ech mengen déi Chifferen do schwätze fir sech, an et gëtt also eng Saach vun der Onméiglechkeet, eng Immobilie ze kafen. Dobäi kënnt dass säit dem 1. Januar d'Banken en Apport vun 20% Eegekapital vun der Zomm, déi ee wëll léinen, verlaangen. Do wäert d'Zuel vun den Demandede mengen ech och nach kräfteg erofgoen. Op där anerer Säit gëtt et awer och ëmmer méi schwéier, fir de Loyer kënnen opzebrén-

gen. Leit mat engem CDD hu keng Chance, en Appartement kënnen ze lounen. Si ginn direkt ofgewise vun den Immobiliären a landen dann an Immeublen, déi insaluber sinn, wou wéineg Wäert op Hygiène a Sécherheet geluecht gëtt an awer ganz deier sinn. Dofir si sou Projete wéi dësen, respektiv deem an der Rue du Commerce oder op Lenkeschléi extrem wichteg an en ech schléissen mat „Il y a du pain sur la planche“. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci dem Här Zuang. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech dem ganze Gemengerot Merci soe fir d'Zoustëmmung, dass mer an déi heite Richtung ginn. Deen heiten Terrain ass an der Hand vun engem Propriétaire, ech hunn e virdru genannt, an ech wollt e puer Consideratiounen dozou maachen, herno kann de Filipe Guterres nach op aner Punkten agoen. Andeems den Terrain an zwee gedeelt ginn ass, hu mer engersäits fir d'Schoul 8,69 Ar an de Rescht vun deene 24,73 fir Gebaier, déi gebaut ginn. Dat ass déi global Surface: 24,73. Et ass natierlech en deieren Ar-Präis. An awer hu mer hei d'Opportunitéit fir kënnen subventionéierte Wunnengsbau ze maachen.

Wann dat dote réischt gebaut ass, da wäert dat an de Portfeuille komme vum Service Logement, deem dann d'Attributioun mécht. Dat kann natierlech jonke Familien zegutt kommen, mee awer och Senioren. Dat sinn déi Critères, déi de Service Logement sech gëtt. Mee ech wëll awer hei opgräifen, souwuel dat, wat d'Madame Kayser gesot huet wéi och den Här Thill. Nei Wunnformen. Wat ass e Logement intégré? Ma e Logement intégré ass grad eng nei Approche vun der Wunnform, déi am aktuelle PAG jo net méiglech ass, an déi am PAG, dee mer an d'Prozedur geschéckt hunn, méiglech ass. Do huet een also d'Méiglechkeet, an enger Maison unifamiliale, an hei gi mer jo kloer an déi dote Richtung, souguer an aner Haiser. A wann de PAG bis en vigueur ass, dann hunn och Privatleit d'Méiglechkeet, e Logement intégré zur Verfügung ze stellen. Ech mengen et ass dat klassesch Beispill: eng Persoun, déi eleng an enger Maison unifamiliale wunnt, déi awer e Student, oder eng Persoun, déi grad ugefaangen huet mat Schaffen an net déi finanziell Moyenen huet, ka bei sech umellen an ënnert verschidde Konditiounen och e Logement zur Verfügung stellen, an och zwee Menagen umellen. Et ass jo grad eng nei Wunnform, der mer och „in weiser Voraussicht“, och am Kader vun neie PAG, Rechnung droen. Déi ganz Diskussioun ronderëm d'WG-en, respektiv d'Colocatioun. Bon, dat gëtt et jo schonn deelweis hei zu Diddeleng. Mee do sinn och Bestriewungen um nationale Plang, fir och deem néidege gesetzleche Kader ze ginn, fir dat och kloer ze definéieren. An dat eent schléisst dat anert net aus, och hei an dësem Kontext. Nach soll een och kucken, wann een an déi heite Richtung geet

vun deene Logementer, wat d'Besoin sinn. Wéi eng Demanden un d'Gemeng erugebroe ginn.

Dann nach d'Fro par Rapport zu der Madame Heinen, zum Crédit supplémentaire. Et si just 300 000 Euro, déi mer hei nostëmmen, well mer nach eng ganz Rei – an dat steet och an der Approbation du crédit supplémentaire – do steet jo dass mer am Code provisoire vun 2020 eng Rei Kreditter hunn, e Solde hunn, dee mer mat eriwuerhuelen. Sou dass mer just brauchen 300 000 Euro nozestëmmen, well déi am provisoiresche Kont fir 2020 net genotzt goufen. Dat ass d'Erklärung, firwat dass mer hei lo net de ganze Montant brauchen nozestëmmen, mee just 300 000 Euro. Voilà, dat nach e kleng finanztechnesch Detail. Dat war op déi Froen, déi hei gestallt goufen. Ech géif vläicht och nach op d'Iwwerleeung mam Gaart dem Här Guterres och d'Wuert gi fir dass hien op e puer Detailer kann agoen.

FILIPÉ GUTERRES (TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX): Gudde Moien alléguer. Merci Här Buergermeeschter. Dir hutt schonn op déi meeschte Froe geäntwert, déi hei gestallt goufen. Bon, wéi gesot, et ass deselwechte Propriétaire. D'Fläch fir d'Schoul ass dann 8,69 Ar. Dann ass och eng Fro komm iwwert den Troisième Âge. Also Troisième Âge, dat heescht, dass d'Leit vläicht och net sou gutt mobil si wéi déi jonk Leit. An deem Projet hu mer virgesinn, an de Bifamilialen um Rez-de-Chaussée, och e behënntegerecht Appartement ze maachen. Dat heescht, déi Appartementer kéinten och fir sou Leit geduecht sinn, an déi kënnen et och dann zur Verfügung gestallt kréien. An dann déi Fro zu der WG. Also wann ech u WG denken, dann denken ech ëmmer éischter och u Schüler, wéi et och schonn hei gesot gouf. Et ass éischters eng Kummer, wou se da gemeinsam de Gemeinschaftsraum deelen. A wann ech sou denken, dann denken ech och e bëssen un de Projet Rue du Commerce, wou mer 10 Chambre meubléeën hunn. A wou do och Raim sinn, wou d'Leit kënnen zesummekommen. Dat ass am Fong eng modern Visioun vun enger WG. De ganze Projet gëtt jo dann och vum Ministère du Logement subventionéiert. Et sinn 12 Logementer dran am ganzen. A wéi scho virdru geschwat gouf, de Logement intégré – dat gëtt am Fong d'Méiglechkeet, fir d'Haus ganz ze notzen oder dann, wann de Besoin do ass, d'Haus an zwee ze deelen. Dat heescht op de Rez-de-Chaussée kënn dann de Logement intégré an de Rescht vun der Famill kann dann déi zwee aner Stäck uewendrop benotzen. Et ass net wéi eng Bi-Familiale, wou ganz kloer definéiert ass: ënnen ass e Logement an uewen ass e Logement. Bei enger Intégré kann een entweder d'ganz Haus benotzen oder just een Deel dovunner. Dat Ganzt erlaabt eis e bësse méi Flexibilitéit. An dann, jo, et ass en Haus lo um Terrain drop. Dat gëtt dann ofgerappt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass eng Wiss mat Gaart virgesinn. Et ass hanner eppes virgesinn.

FILIPÉ GUTERRES (TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX): Also de Gaart, deem ass am Fong just accessibel vum Rez-de-chaussée. Hei gesitt Der e Plang vum Rez-de-chaussée. Dat ass engersäits riets fir d'Bi-Familiale, fir dat behënntegerecht Appartement an niewendrun, alles wat blo ass, dat sinn dann déi zwee Logement intégrées, déi dann och hanner eng Terrass an Accès zum Gaart hunn. Also de Projet ass esou, dat sinn zwee Bléck. Dat si 6 Haiser, 2 mol 3. An tëschent den 2 Haiser ass dann eng Ramp wou dann den Accès fir e gemeinsame Keller mat Garage an de Stellplazen, wéi Der hei op deem Plang kënnt gesinn. An hei, am éischte Stack, do si riets nach ëmmer d'Bi-Familialen a lénks d'Logements intégrés. Dat ass schonn d'Partie vum éischte Stack, also d'Partie vum Appartement uewen. An dann uewen um leschte Stack nach eng Kéier den Deel vun de Bi-Familiale an déi zwee Uni-familialen. Wat ee vläicht och nach dozou ka soen: an de Bi-familialen, do ass all Kéiers dat eent Appartement mat enger Schlofkummer an uewendrop ass en Appartement mat véier Schlofkummeren an zwou Buedzëmmeren. A bei de Logement intégrées, do ass dann um Rez-de-chaussée e Logement intégré mat enger Schlofkummer an dann en Appartement uewe mat zwou Schlofkummeren, dat ausgestatt. Hei gesitt Der ganz kloer an der Mëtt, dat ass d'Ramp, déi dann erofgeet fir de Keller. An eng Perspektiv, déi wäert ongeféier sou ausgesinn. Also d'Perspektiv vun de Promoteuren, därer een net eent zu eent ophuelen, well do ka vill nach änneren. Mee d'Iddi sinn zwee Bléck, déi och urbanistescht gutt do an d'Strooss kéinten erapassen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi dote weider Erklärungen. Madame Ahmedova.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG):

Ech wollt dat nach eng Kéier bestätegen. Effektiv, dat mat de Perspektiven, dat verkeeft sech awer ëmmer gutt. Ech wollt e puer Saache soen. Wann ech richtig verstinn, ass et Wiesen a Piront, déi dat wäerte bauen an dann denken ech mer, firwat, wa si en plus kënnen bauen an deem Sënn och Suen do kaséieren, firwat si den Terrain awer trotzdem sou deier verkaaft hunn. Bon, dorunner kann ee jo net vill änneren. Mee ech fanne sou Promoteuren, déi schloen ëmmer de Maximum raus, leider. Dat anert, wat ech wollt vläicht e bësse méi kloerstellen, déi Saach mat de WG-en a Kummeren ze verlounen, dat wäert iwwert dat nächst Bail- a Loyergesetz gereegelt ginn. An dat ass wierklech an der Maach, bannent zwee Méint ass dat a Kraaft getrueden. Par konter, nei Wunnformen, do verstinn ech och éischter participativ Wunnengen. Éischter also wou mer en Terrain brauchen, eventuell vun der Gemeng, deem

zur Verfügung gestallt gëtt a wou d'Leit sech kënnen zesummendoen a selwer e Konzept ausschaffen. An deem Sënn baue si och selwer. Dat heescht, d'Käschte ginn net – ech erlabe mir, dat ze soen, iwwert e Promoteur fir 6 000 Euro de Quadratmeter – herno verkaft, mee d'Leit bezuelen déi reell Käschten, wat et och kascht huet, fir dat Ganzt ze bauen.

An natierlech begrëssen ech och – ech war och am Groupe de travail vum PAG – déi Logements intégrés. Dat ass méi bekannt an Däitschland, an dat ass ganz interessant, zemools hei fir Diddeleng. Well mir sinn net wäit ewech vun der Uni, dat heescht fir Studenten ass et vläicht interessant, fir doraus e Studio kënnen ze maachen. An et ass absolut intergenerationell. Dat heescht, wann eng Famill mat Kanner am Haus wunnt, da kënnen d'Eltere vun der Famill separat wunnen, mee awer trotzdem an der Famill. Dat heescht, ech fanne mir ginn erëm an eng Richtung, wou mer zu e puer Generationen ënnert engem Daach kënnen liewen. Wat ech begrësse bei de Pläng, dat ass wierklech eng Optimisation vum Terrain. Et gesäit ee wierklech, datt mer keng sou risegrouss Haiser hunn. Wat ech och immens schued fannen, datt mer momentan ëmmer soen: Jo, alles kascht sou deier. Jo, mee dat ass oft, well d'Baufensterer vun A-Z ausgenotzt ginn. An anstatt dass een en Haus vun 140 Quadratmeter verkeeft, muss ee bei engem Promoteur oft en Haus vun 250 Quadratmeter kafen, och wann een dat net brauch. An dann ass de Präis natierlech horrend. Dofir fannen ech dat hei eng flott Optimisation vun deem Ganzen. Voilà, dat wollt ech nach dobäi soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Remarken. An ech mengen, Dir hutt lech och d'Äntwert selwer ginn. Wann d'Gemeng hei net aktiv gi wier, fir subventionéierte Wunnengsbau ze maachen, da wësse mer wou d'Rees higaange wär a punkto Privatmarché. Dofir huet d'Madame Ahmedova selwer d'Äntwert gi par rapport zur Situatioun, wann d'Gemeng aktiv gëtt an hei 12 Unitéiten entsteet. A wa se net aktiv gi wier, wäeren hei net sou vill Unitéiten entstanden an et hätt eng ganz aner Iwwerleeung stattfonnt. Dass d'Präisser sou deier sinn, dat ass an deem Kontext eng Realitéit, mee déi kréie mer da jo mat subventionéiert.

Da géif ech proposéieren, dass mer géifen zum Vott iwwergoen. Wien ass mat der Approbation vum Devis estimatif an dem Crédit supplémentaire fir den Terrain fir d'Riesscher Schoul averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci. A wien ass och mam Devis estimatif a mam Crédit supplémentaire fir d'Terraine fir d'Wunnengen an awer och den Devis, fir an der Rue Nic Bodry déi 12 Unitéiten ze bauen averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

6.6. APPROBATION VUM DEVIS ESTI-

MATIF FIR D'INSTALLATIOUN VU MOBILIER UM 1. STACK VUN DER BALTZING-SCHOUL

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da komme mer riwwer op eis Schoulinfrastrukturen. An do komme mer an d'Baltzinger-Schoul an och an Briller Schoul an d'Strutzbieger Schoul, an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, Merci Här Buergermeeschter, deen éischte Punkt, dat ass um éischte Stack Baltzinger Schoul, do gëtt en Equipement gemaach, well Dir wësst, datt mer d'Kanner do an der Maison Relais halen, dat heescht fir d'Kantin, déi kënne do iessen, dat si jo déi ganz Kleng. Dat huet déi immens arrangéiert, dat ass weesentlech manner opwänneg. Dofir equipéiere mer do e Buffet, an dat kascht eeben déi 20 000 Euro. Ginn et Froen?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Keng Froen? Da kënne mer zum Vott iwwergoen. Wien ass domat averstanen? **De ganze Gemengerot.** Villmools Merci. Da gi mer riwwer op de Brill.

6.7. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATIOUN VU ABAU-MIWWELN AN DE KLASSESÄLL VUN DER BRILL-SCHOUL

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Da komme mer riwwer op de Brill. Dir wësst, dass mer d'Klassesäll amenagéieren. Dat doten ass en Devis, deen ass elo héich, mee dat ass iwwer dräi Joer, wou dat leeft. Mir wäerten dëst Joer ufänken am Brill 6 Klassesäll ze maachen. Et ass esou, et ass en Encastré. Mir hunn elo bei de Visitten déi lescht Joren gemierkt, datt jiddwereen säin eegene Schaf dohinner setzt a jiddweree seng eegen Etagère. An da gëtt dat ëmmer hin an hir geréckelt. A lo hu mer sou e Konzept, wéi et och an der Gafelt scho besteet, wou en Encastré gemaach gëtt, wou dann all Klassesäll d'selwecht sinn an et da kee Grond méi gëtt, fir all Joer säi Schaf mat eriwwer ze schleefen an en anere Sall wann déi all d'selwecht sinn. Dat ass fir eis eng gutt Léisung.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da kënne mer formell zum Vott iwwergoen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime,** da soen ech lech villmools Merci.

6.8. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'PLËNNERE VUN DER ZWEE-TER CHAUDIÈRE VUN DE GEBAIER B AN D VUN DER SCHOUL STRUTZBIERG

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da gi mer eriwwer op Strutzbiereg.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Do hutt Der en Devis virleie vu 35 000 Euro. Do geet et ëm déi Chaudière, déi de Moment nach am Gebai ënnen ass, am C-Gebai vun der Spillschoul. Déi ass nach relativ gutt. Déi ass réischt vun 2018. An do geet et dann drëm, fir déi raus ze huelen, well dat Gebai jo ofgerappt gëtt. An ech mengen dat ass e Plus, datt mer probéieren, dat do weider ze verwäerten. An déi kënnt dann eriwwer. Déi éischt Chaudière ass scho geplënnert an hei ass dann elo déi zweet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Och domadder averstanen? Handzeechen. **Och dat ass unanime.** Merci.

6.9. APPROBATIOUN VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'REGULATIOUN AN D'ADAPTATIOUN VUN DE CHAUDIÈRE VUN DE GEBAIER B AN D VUN DER SCHOUL STRUTZBIERG

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): An da bleiwe mer um Strutzbiereg.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): An dat ass dann einfach en Devis vu 25 000 Euro wou mer d'Regulatioun vun deene verschidde Gebaier maachen. Dat ass am Fong just eng Regulatiounssaach vun deenen Chaudiären, dat gehéiert zu där ganzer Saach derzou. Ginn et do Froen?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Och domadder averstanen? Froen? **Unanime.** Merci.

6.10. APPROBATIOUN VUN ENGEM DEVIS REMANIÉ AN ENGEM DEVIS ESTIMATIF FIR D'PARTICIPATIOUN U VERSCHIDDENE CHANTIERE VUN DER POST

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da komme mer vun eise Schoulgebaier bei d'Post an de Stroossebau. Claudia dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Do ass virun allem mol ze soe bei der Antenne collective, do war de Kredit, dee war déi lescht Joren ëmmer budgetiséiert, mee mir hunn ni en Devis remanié gemaach gehat. Den éischten Devis deen datéiert nach vun 2013 a war 200 000 Euro htva. A mir mussen dann, wéi gesot, en Devis remanié stëmme vu 645 000 Euro. Beim Eclairage public ass et net vill anescht. Och do hate mer ëmmer de Kredit budgetiséiert. Mee do war nach keen Devis estimatif gestëmmt ginn. Dofir misste mer lo en Devis vun 250 000 Euro htva stëmmen. An ech mengen, dann hätt ech alles.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci Claudia fir déi dote Prezisiounen. Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da géife mer ofstëmmen. Wien ass mat

deem Devis remanié averstanen? **Dat ass unanime.** An da soe mer och hei dem Gemengerot villmools Merci.

6.11. APPROBATIOUN VUN ENGEM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER SOCIÉTÉ ANONYME „RÉALISATIONS IMMOBILIÈRES DUDELANGE S.A.“

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da géife mer eriwergoen op eng Rei Akten. Deen alleréischten, dee komplizéiertsten an der Ausféierung, dat ass den Acte de cession gratuit mat der Réalisations Immobilières Dudelage S. A. RID mat der Stad Diddeleng, wou mer gratis Terrainen cedéiert kréien, déi de Moment nach a privater Hand waren. Dat ass en Acte de cession vum 20. November 2020 tëschent der Réalisations immobilières Dudelage S.A. hei représentéiert duerch den Här Jean-Marie Konz an der Stad Diddeleng, hei vertrueden duerch de Schäfferot. Do geet et am Fong ëm Terrainen, respektiv Parzellen, déi mer solle kréien. Dat Ganzt reit sech an an de PAP „Am Duerf“, dee jo 2013 och am Gemengerot war an och approuvéiert gouf. Wou d'Aarbechten 2017 ofgeschloss waren. Awer am Fong déi definitiv Réception réischt konnt 2019 gemaach gi vun deem Ganzen, well nach eng Rei Elementer hu missen iwwerpréift ginn tëschent der Gemeng, dem Bauhär, awer och dem Bureau d'Etudes.

Ëm wat geet et hei an dem Acte de cession, wou mer gratis Terraine kréien? Dat ass engersäits de Punkt 1.a. „la pleine propriété“, also Parzellen, déi iwwerierdesch sinn a wou kee Parking drënner ass, an dat ass an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, dat ass d'Baach dat ass d'Plaz, also engersäits den Accès zum Parking, dat ass de Bassin de rétention an dat ass d'Baach. Déi ware bis elo nach duerch dee ganze Virlaf, déi ganz Akten, déi mer jo gemaach hunn an déi jo och am Gemengerot waren, jo nach a privater Hand. An déi kréie mer lo, well d'Integratioun gemaach gëtt an den Domaine public communal. A se ka lo gemaach ginn, nodeems elo déi definitiv Réception gemaach gouf. Dann och „en pleine propriété du sol et du hors-sol“. Dat ass alles wat iwwerierdesch ass, mee wou och ënnerierdesch de Parking drënner ass. Dat ass déi ganz Plaz „Am Duerf“ an och nach Deel vun der Rue Jean Jaurès, wou et bei d'Post higeet, wéi gesot, deen Deel, deen do denominéiert ass. An da kréie mer jo och nach en Co-propriété, well mer do jo schon dra sinn, dat sinn déi „Éléments privés“. Dat ass am Parking public, am -1. Dat ass engersäits déi ëffentlech Toilette, de Sanitär, dee mer kréien, well et jo och en ëffentleche Parking ass am -1. Dat ass „la cave“, dat ass dee Stockage-Raum, dee geholl gëtt fir de Sanitär ze botzen an als Stockage-Raum, wou d'ganz Botzmaterial dran ass. Dat ass natierlech och dat Lokal, dat technesch Lokal, wou de Gardien dra sëtzt. An et ass natierlech och den „Escalier intérieur“. Awer just een, well

alleguerten déi aner Trapenhaiser, déi ginn och duerch déi verschidde Co-Propriétéiten, duerch déi Appartementer. An dat heiten ass am Fong dat eenzegt Trapenhaus, wat vum ëffentleche Parking, vum -1 eropgeet an de Supermarché.

Ech wëll lo hei net verstoppen, dass och de Supermarché interesséiert war, dat ofzekafen. Wou mer gesot hunn: Dat kann net sinn, dat doten Trapenhaus, dat muss an der ëffentlecher Hand bleiwen. Stell der mol fir, muer wär en anere Supermarché do, da wär dee Propriétaire vun den Escaliers, déi vun dem ëffentleche Parking, deen ëffentlech genotzt gëtt, erop ginn an dat doten Areal. Dofir war et fir eis kloer, einfach vum Prinzip hir, dass mer sollte Propriétaire dovunner ginn. An dat Ganzt mécht 5,7 Milliëmen aus, déi mer do kréien. Dat waren am Fong d'Erklärungen zu dësem Akt, deen zimmlech in extenso ass, wou alleguer Numéro cadastral a Parzelle sinn. Mee alles dat huet domat ze dinn, dass duerch déi definitiv Réception lo déi Cession ka gemaach ginn an den ëffentleche Raum. Dat huet laang gedauert, well eng ganz Rei Saachen net geklappt hunn. Well och deen heiten Akt huet misse préparéiert ginn. Eis Servicer waren do aktiv drun, sou dass mer dat hei dann och kënnen „en bonne et due forme“ ofschléissen. Dëst zu den Ausféierungen, déi ech wollt ginn par rapport zu dem Akt, deen Dir hei virleien hutt. An d'Diskussion ass op. D'Madame Kayser an den Här Gangler hu sech lo gläichzäiteg gemellt. Gitt lech eens, wie fir d'éischt wëllt schwätzen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci fir d'Explikatiounen Här Buergermeeschter, well mir hunn eis och gefrot, wéi a wat. An do sinn e puer Saachen, déi Dir eis gesot hutt. Dass déi ëffentlech Toilette lo an eiser Hand sinn an och de Lift an och d'Trapenhaus. A lo ass meng Fro direkt: wéi ass et mat de Fraise vum Lift? Do ass jo och dann ëmmer den Entretien, an dann hues de Kontrakter mat enger Firma. Ass de Lift och do mat dran oder just d'Trapenhaus? Dann, bei der ëffentlecher Toilette, do ass meng Fro: Wie botzt déi dann? Wann ech richteg gesinn, ech gi jo och all Dag an dat Parkhaus do parken, ass dat och scho Personal vun der Gemeng gewiescht, déi dat bis elo gebotzt huet, wann ech do net falsch informéiert sinn. A meng Fro ass dann och: d'technesch Lokal, wou de Gardien dra sëtzt, gehéiert eis och. Verloun mer dat un Indigo oder ass do iergendeng Konventioun mat hinne virgesinn, wann do eppes ass? Och assurancéméissig a sou weider. Wéi leeft dat weider? Et ware lo just dräi kleng Detailfroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen? Ah jo, den Här Gangler. Pardon.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Ech muss soen, d'Madame Kayser an ech, mir funktionéiere sou gutt mateneen, dass dat do bal Telepathie war. Si huet dee gréissten Deel vu menge Froen och elo gefrot. Mee nach eng Fro: déi Trap, déi erop geet an de Supermarché, déi ass jo awer och – egal ob elo de Besëtzer lo wiesselt, nach ëmmer tributaire vun den Öffnungszäite vum Supermarché? Et ass jo selbstverständlech, dass déi net kann ausserhalb vun deenen Öffnungszäiten opgemaach ginn?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Ma da géif ech mat der Fro vum Här Gangler ufänken. Natierlech ass et tributaire vun den Öffnungszäiten, well et direkt dohinner féiert. An awer geet et an den ëffentleche Raum, dat ass den Domaine public communal, en ëffentleche Parking. Dofir mécht et och Sënn, dass mir d'Propriétéit dovunner huelen. Déi ëffentlech Toilette. Do hu mir mol als Gemeng ausgehollef. Normalerweise ass an deem Kontrakt, deen duerch de Gemengerot gaangen ass mat Indigo, do ass et un hinnen, dat ze stellen. An deem Kontrakt ass och gereegelt dass d'Lokal „partie intégrante“ ass. Mir verlounen dat jo net un Indigo, mee dat ass Partie intégrante vum ëffentleche virdrun. Dat heescht, de Propriétaire ännert, mee d'Disposition am Fong net. Mir stellen hinnen dat zur Verfügung, sou wéi mir dat och an deem Contrat de concession, dee mir deemools hei am Gemengerot haten, wou mer jo och de Schlëssel vun de Parkplazen haten. Dat war viru gutt 4 Joer. Dat ass iwwer dee Volet gereegelt. An de Lift, dee vun -1 eropféiert, dat kënn dann natierlech op d'Gemeng, dat ass e Ganzt.

Ass de Gemengerot mat dësem Acte de cession – de gratis stattfënnt – averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

6.12. APPROBATION VU ENGEM ACTE DE VENTE MAT DER SOCIÉTÉ À RESPONSABILITÉ LIMITÉE B4U S.À.R.L.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op deen nächsten Akt eriwuer. Dat ass en Akt mat B4U S.à.r.l., wou mir hinnen en Terrain verkafen. Dat ass an der Rue Lucien Wercollier. Dat ass eng Plaz vun 10 Centi-Ar, déi verkafe mer zum Präis vun 11 000 Euro. Dat ass e Projet, dee mer och schonn an der Bautekommissioun haten. Deene verkafe mer hei den Terrain, fir dass se kënnen Accès hunn op hiren Terrain, wou dee Projet entsteet. A si brauchen och déi heite Parzell, fir den Alignement ze maachen um Niveau vun der Kadasterparzell par rapport zu deem Haus, wat niewendru steet an zu där Parzell, déi niewendru steet. An dofir maache mer och hei déi Vente. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools Merci.

6.13. APPROBATION VU ENGEM TAUSCHAKT MAT DER SOCIÉTÉ À RESPONSABILITÉ LIMITÉE „TRIDENT S.À.R.L.“

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): An dann ass deen nächsten Akt, dat ass mat Trident S.à.r.l.. Dat ass vum 20. November 2020. Do ass et sou, dass mer en Acte d'échange maache mat enger Soultte. Dat ass tëscht der Lëtzebuergerstrooss an der Rue de l'Abattoir, wou fréier eng Crèche war, wou hei och schonn e Projet an der Bautekommissioun war, wou Appartementer entstinn. En Alignement mat den Noperen, wou mir hinnen Terrain fir de Projet ginn, a wou mir awer och vun hinnen Terraine kréien. Wat natierlech de Virdeel ass, dass den Accès vum Terrain fir de CGDIS méi grouss ka gestalt ginn. Mir si scho laang an Diskussioun, souguer scho mat dem viregte Propriétaire, Dir gesitt de Bréif, deen dra läit, dat war schonn 2014, wou mer mat deenen an Diskussioun waren, fir den Terrain ze kréien. Well et ëmmer eng Demande war vum fréieren Interventionszenter, dem haitegen CGDIS, an dat ass nach ëmmer aktuell, fir den Terrain do méi breet kënnen ze maachen. Wa si an en Asaz do musse goe Ween, dat géif hinne verschidde Kurvewendungen méi einfach maachen. An dofir ass dann hei duerch deen Echange an duerch d'Valeur vun den Terrainen eng Soultte vu 6 750 Euro, déi mir dann en contrepart musse bezuelen. Sou dass jiddereen zu sengem ka kommen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

6.14. APPROBATION VUN DER KONVENTION FIR D'BÄIHËLLE VUN DE BAU VUN ENSEMBLEN – RUE DU COMMERCE 37-39

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Eng Konventioun hu mer misse erfuehlen, well do war e Formfeeler, eng Erreur matérielle dran. Dat musse mer mam Logementsministère redresséieren. Et hat mat der Unzuel vun den Unitéiten ze dinn. Et steet 10 dran an et sinn der 12. An dofir wollte mer dat frësch maache loosse. Frësch och vum Logementsminister ënnerschreiwe loosse a vum Schäfferot, éier et nach eng Kéier hei rakënn. Dofir hu mer et erofgehol. Dat zu der Erklärung awer.

6.15. APPROBATION VUN DER KONVENTION FIR D'BÄIHËLLE VUN DE BAU VUN ENSEMBLEN – RUE MILLY STEINMETZ-LUDWIG

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da bleift awer déi Konventioun par Rapport zu deene 5 Maisons unifamiliales, fir déi mer eis jo op Lenkeschléi engagéiert hunn. Mir hate jo kierzlech hei d'Diskussioun an hunn och d'Devise stëmme gelooss. Dat gëtt jo eng Vente am „Etat de

futur achèvement“. Dat ass am Kader vum PAP Lenkeschléi. Mir hu jo schonn Appartementer do kaaft. An hei sinn et déi 5 Maisons unifamiliales, dat sinn am Fong „Locatif“. Hei gesitt Der och d’Form vun der neier Konventioun. Wenn Der lech nach kënnt un déi al Konventiounen erënneren, déi de Logementsministère gemaach huet, wa mer hei Acquisitiounen gemaach hu fir Subsidien, déi ware vill méi aeréiert. Bon, hei ass natierlech vill méi dense formuléiert, wou awer – a wat jo och heiansdo eng Schwieregkeet war, par Rapport zu Konventioun – dat heiten ass awer eng Konventioun, déi gutt opgesat ass. Also 5 Logementer. Mir beweegen eis hei am Kader vum modifizéierte Gesetz vum 25. Februar 1979 iwwer d’Aides au Logement. An natierlech ass et sou, dass déi Subventionementer, déi mir hei kréien iwwer deen nei geschafene Fong, deen 2020 an d’Liewe geruff gouf, de „Fonds spécial au développement e soutien au logement“, dee gëtt iwwer deen dote Wee gespeist. Dat sinn 5 Maisons unifamiliales an der Rue Milly Steinmetz-Ludwig.

Hei gesäit een natierlech raus iwwer d’Konventioun. Et ass jo och en neie Moment, dass mer hei mat der Konventioun 40 Joer gebonne sinn, fir dass se déi Utilité sociale, déi se hunn och behalen. Och dat ass wichteg. Mir selwer kënnen et verlounen. Mir kënnen et awer och weiderginn, eng Mise à Disposition maachen un en Organisme tiers, deen dann natierlech dee selwechte Prinzip well bäibehalen par rapport zu der Locatioun. Mee hei kloer, dass déi 5 Maisons unifamiliales och rëm an der Portefeuille vum Service Logement ginn, sou wéi et och geplangt ass. Mir kommen hei ganz genau op déi 75%. Mir kréien hei 2 718 500 Euro vum Logementsministère. Dat ass jo och ganz positiv. 75 – 25, wou dann och hei spillt. An am Artikel 6 engagéiere mir eis, déi Logementer 40 Joer ze halen. Wa mer eis anescht géifen decidéieren, behält de Staat e Virkafrecht, sou dass et an ëffentlecher Hand bleift. Och dat ass ganz wichteg. An da muss mer eis iwwert de Präis eens ginn. An hei kënnt och nach dobäi, wat jo och wichteg ass, wann iergendeng Violatioun wär vun der Konventioun, da misste mer och als Gemeng déi Subventiounen zrëckbezuelen, déi mer vum Staat kritt hunn. Dëst ass et, wat an dëser Konventioun dran ass. De Projet huet jo och d’Unanimitéit hei am Gemengerot kritt, sou dass ech dovun ausginn, dass déi Subventiounen, déi mer hei vum Staat kréien, och d’Unanimitéit wäerte maachen, well si komme jo da gutt an d’Gemengekeess. D’Diskussioun ass op, wann nach Froe sinn. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt just nach eng Kéier kuerz agoen op 6.14, wou mer gestrach hunn. Meng Fro war nämlech och do, ob mer do net déi zwee Appartementer vergiess haten? Dann ass dat warscheinlech och d’Ursach, firwat mer déi Konventioun

zrëckgezunn hunn. Well mir hate jo dunn 2 Appartementer plus 10 Unitéiten.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Et war dat am Fong. Dat ass d’Erreur matérielle. Et ass 10 + 2. An der Konventioun steet just 10, dat war eng Erreur matérielle vun der Säit vum Logementsminister. Du hu mer gesot, OK, dann huele mer se erof, mir adaptéieren dat an da kënnt dat an ee vun deenen nächste Gemengeréit. D’Subsidé ginn awer net a Fro gestallt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Dat war déi Remark, déi mer och nach wollte maachen, mee mir hunn eis scho geduecht, en cours de route wier rëm iergendeppes geännert ginn um Projet. Da soen ech Merci fir déi Explikatiounen. Jo natierlech si mer frou, wa mer Geld kréien, dat ass ganz kloer. An natierlech si mer och frou, wa mer Wunnraum schafen. Dat hu mer jo och hei scho betout. Wat e bësse schued ass, dat ass, dass an de leschte Joren déi Konventiounen, déi soss ëmmer op 20 Joer gelaf sinn lo op 40 Joer an d’Luucht gesat gi sinn. Dat war déi fréier Logementsministesch, d’Madame Tanson, déi huet gemengt, 40 Joer wär besser. Mir fanne awer, dass dat eng relativ laang Durée ass. Domat hypothekéiere mer am Fong eis Raimlechkeeten, an ech ka mer och virstellen, dass do och vill Zähnknirschen ass bei verschiddene Gemengen, fir op de Wee vun där Konventioun ze goen. Et ass e bëssen Zuckerbrot und Peitsche: Du kriss vill Geld, mee du muss awer 40 Joer dozou stoen. Well ech denken: Wat ass a 40 Joer? A wéi eng Richtung developéiert eng Stad sech? Dat fanne mer lo e bëssen onglécklech, mee dat ass dann eebe sou. Meng Fro ass awer, wat een e bësse vermësst. Dir sot, d’Konventioun ass e bësse méi „tough“ formuléiert. Mee d’„Location à coût modéré“? Wéi setzt déi sech fest? Wéi vill ass dat, vu wéi engem Wäert gi mer aus? Dat ass jo och vu Gemeng zu Gemeng verschidden, dat ass jo ganz kloer. Do ass dann eebe meng Fro och: Hu mer do schonn iergendeppes ugeduecht?

Wat mech e bëssen erstaunt, dat ass zum Beispill, dass an där Konventioun net steet, dass eng gewëssen Unzuel vun Haiser oder Wunnengen och muss e behënnertegerechten Accès hunn. Meng Fro ass, ob dat gewollt ass oder ob dat vergiess ginn ass? Dann hunn ech awer och nach eng aner Fro. Wann do e Surplus de Recettes wär, da kéint een iwwer dee Solde da verfügen? Mee ech denken, dat ass bei eis net ginn, huelen ech un. Ech denken, dat ass éischer geduecht, wann s de mat aneren Organismen eng Konventioun méchs. Mir hate jo och schonn an anere Situatiounen Rieds dovunner. Wat mech awer elo e bëssen erstaunt, dat ass, dass an dëser Konventioun den Artikel 11 anescht ass, wéi an der Konventioun, déi mer virgestallt kritt hate fir d’Haus an der Rue du Commerce. Dat ass bei der Durée. Do steet just: „Une durée de quarante ans commençant à courir le jour de la prise d’effet de la première mise

en location.“ A bei där anerer Konventioun, do stoung dat vill méi konkret, dass do z.B. ab engem Datum 18 Méint, vum 21.6.2022 u géif zielen. Hei ass dat net sou kloer formuléiert. Oder ass dat einfach Zoufall? Voilà, dat waren nach e puer zousätzlech Froen, déi ech hätt. Déi zwou Konventiounen, do si mir selbstverständlech averstane mat dëser Konventioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser. Nach weider Froen, Stellungnamen? Da ginn ech op déi Froen a vun der Madame Kayser. A priori, natierlech kann een driwwer diskutierten ob 40 Joer laang sinn oder net. Dat heite si 5 Maisons unifamiliales en bande. Wann ech kucken, Rue du Commerce, do spille jo och déi 40 Joer. Natierlech wandelt eng Stad sech, mee et sinn awer net onbedéngt, an der Configuratioun, déi dote Gebailechkeeten, déi een ofrappt oder deenen een eng aner Destinatioun gëtt. Si si Partie intégrante vun engem Quartier. An et ass jo lo och net esou, dass de besteeënde Quartier eng komplett aner Configuratioun kritt. E kritt sécherlech sozio-demographesch eng aner Configuratioun, mee vun der Baubsubstanz sécherlech net. Et gi sécherlech mol Renovatiounen gemaach oder Haiser ëmgebaut. Mee et ass ganz seelen, dass e Quartier komplett raséiert gëtt an op eemol do nei gebaut gëtt. Dat ass jo éischer d’Situatioun vu komplett neie Quartieren. An dat weist jo och d’Identitéit vun eise Quartieren, déi mer hei zu Diddeleng hunn, déi awer hir Äme behalen. Dofir mengen ech, sinn déi 40 Joer natierlech laang. An awer huet een d’Garantie, dass se an der ëffentlecher Hand bleiwen. Och dat ass net onwichtig. A fir d’Gemeng hu sou Logementer och keng aner Destinatioun, wéi dass se an ëffentlecher Hand bleiwen. An et ass an demselwechten Esprit, wou och de Staat ass. D’Gestioun gëtt hei vum Service Logement gemaach a mir adaptéieren eis hei um Gesetz vum 1979 wat och sécherlech nach wäert reforméiert ginn a wou och de Critère vum Salaire wäert a Consideratioun geholl gi par Rapport zu der Mise à disposition. Et ass dat, wat hei wäert spillen. Behënnertegerechten Accès, dat gehéiert net hei an d’Konventioun eran. Hei an der Konventioun gëtt einfach gesot, dat sinn déi Parzellen, déi Logementer, déi hunn déi Ausrichtung. Natierlech huet dat lo hei kee Stellwäert, soss misst ee jo och aner Saachen op eemol mat eran huelen. Dat kucke mir da bei der Ausféierung.

Surplus de recettes. An deem Fall si mer net. Är Fro, déi Dir gestallt hutt: Jo, firwat ass hei déi 40 Joer a beim Rue du Commerce den 1.6.? Dat ass, well viraussichtlech den 1.6. d’Aarbechte fäerdeg sinn an der Rue du Commerce. An da lafe jo dann déi 40 Joer. Während an dëser Konventioun normalerweis am Laf vum Joer, am fréien Hierscht réischt d’Aarbechten ufänke fir déi 5 Haiser ze bauen. Sou dass mer hei – Juni – den Terme rap-

proché hunn, wou d'Aarbechte fäerdeg sinn an hei an der Rue Lenkeschleé d'Aarbechte réischt ufänken. An dofir hu mer och an deenen zwou Konventiounen zwou verschidde Formullen. Wa keng weider Froe sinn, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser Konventioun averstanen? **Dat ass unanime.** An da soen ech dem Gemengerot villmools Merci.

6.16 APPROBATION VUN DEN DEKONTEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op eng Rei Dekonten. Dat sinn der 12 Stéck. Ech huelen se duerch: Dat eent ass d'Maisons 100-206 an der Rue de l'Hôpital. Mise en conformité vum Réseau, den Devis approprié? xxx 57 000 Euro, d'Dépenses 56 000 Euro. Da komme mer zum Quartier Gaffelt. Aménagement vum Fussballterrain an d'Alentour vum der Schoul. Den Devis 110 000 Euro, d'Dépense 108 165,26 Euro. Dann am Stadhaus den Ecran d'affichage, de Reider 60 000 Euro, Dépenses effectives 59 879,31 Euro. Dann, Gymnase Ribbeschpont, eng Partie Kabelen, déi dohi komm sinn. 38 000 Euro den Devis, d'Dépense: 30 252,10 Euro. Réservoir vum Eau potable. Et war jo d'Télésurveillance, de System, dee mer do geännert hunn. Den Devis 110 000 Euro, d'Dépenses effectives 108 927 Euro. Dat war 2019 an 2020. Dann, de Paddle-Tennis am CAD. 80 000 Euro den Devis, d'Dépenses effectives 79 965,15 Euro. Dann d'Centrale de détection bei de Logement um Tattebiérg, bei de Chambres meublées. Den Devis 14 000 Euro, d'Dépenses effectives 13 432,02 Euro. D'Acquisitioun vu Billardsdëscher. 16 000 Euro, Dépenses 16 000 Euro. Den Innovation Hub. Do hate mer Containere kaf fir d'Start-uppen. Den Devis 15 000 Euro an d'Dépense 12 942,91 Euro. An dann NeiSchmelz, d'Remise en état de la passerelle. Dat ware 50 000 Euro an d'Dépenses effectives 49 842 Euro. Dann, d'City-App „Report it“. De Logiciel, 20 000 Euro den Devis an d'Dépense 19 714,5 Euro. Dann d'Souffleuse à neige fir eise Sportservice. Den Devis 22 500 Euro, d'Dépense 22 500 Euro.

Dat waren déi Dekonten, déi hei zur Debatt stinn. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

6.17. EXTRAORDINAIRE SUBSIDEN, DÉI ALLOUÉIERT GINN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da komme mer zu de Subsiden. 3 Stéck. Engersäits e Subsid vu 5 000 Euro fir d'Société Avicole, do hutt Der de Courier virleien. Déi wollt mer ënnerstëtzen, well se pedagogesch Aktivitéiten an de Schoule wollt maachen an och an de Maisons Relais. Mir hu gesot, si sollt beim Ministère de l'Agriculture nofroen, ob se och

do kënnen e Subsid kréie fir déi doten Aktivitéiten an Acquisitiounen. Dat war net de Fall. Mir hunn hinnen och recommandéiert, sech un hir national Associatioun ze wenden. Mee mir géife se awer subventionéieren an der Héicht vu 5 000 Euro fir d'Acquisitioun vu Material fir pedagogesch Aktivitéiten an de Schoulen an de Maisons Relais. Et erschéngt ons ganz sënnavoll, si an deem Bestriewen ze ënnerstëtzen. Wann ee sou e Veräin huet, deen an de Schoule wëllt intervenéieren, da fanne mer dat ganz positiv. An dann nach 100 Euro fir de SCAP a 60 Euro fir de Mouvement européen Luxembourg. Ass de Gemengerot mat deene Subsiden averstanen? D'Madame Sylvie Andrich-Duval huet eng Fro. Zu der Société avicole bestëmmt?

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV):

Jo Här Buergermeeschter, do schléit mäi klenkt Déierenhärz elo awer e bësse méi héich. Ech wollt haaptsächlech eng Remark dozou maachen an och Merci soe fir d'Ënnerstëtzung fir déi do pedagogesch Aktivitéiten. Well mir wëssen dass och Klengdéierenziichter an hiren Aktivitéiten ageschränkt sinn. An eng vun deene wichtege Saache war ëmmer, wann déi Déiere kënnen bei Ausstellung gewise ginn oder och wa Schoulklasse kënnen kucke kommen, an och haaptsächlech a Schoulklasse gaang ginn, fir dat alles ze erklären. Wou en Ee hierkënn, wou en Hong hierkënn. Well déi meeschte Kanner hunn haut net méi dee Besuch zu deenen Déieren an och zur Natur. An dofir wollt ech dat ënnersträichen, dass dat eng ganz gutt Initiativ ass, déi op jidde Fall ënnerstëtzenswäert ass, fir d'Kanner rëm zréck zur Natur ze féieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi doten Interventioun. Ech mengen d'Kanner sinn och frou, wa se frësch Eeër kënnen herno iessen. Ass de Gemengerot mat dësen Subsiden averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

6.18. PLAN PLURIANNUEL DE FINANCEMENT VUN DEN HAUSHALTSJOREN 2022 BIS 2014 – PRESENTATION AN DISKUSSION

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt eriwuer. Dat ass de PPF. Do hate mer dëse Méinden eng Finanzkommissioun. Dir hutt och de Rapport ausgedeelt kritt. Bon, et ass jo éischter eng Kommunikatioun, mer maachen och nach d'Presentatioun an d'Diskussioun. Dat ass ënnert der Responsabilitéit vum Schafferot. Dat Ganzt fousst jo op där Circulaire, déi mer hei virleien hu vum Innenministère. Deen huet natierlech seng Chiffere vum Finanzministère. Do gesäit ee beim Impôt commercial, dass do keng gréisser Evolutioun ass fir 2022: + 0%. 2022 : + 4,3; 2024: + 2,7. Well et de PPF ass vun 2022 bis 2024. A beim Fonds de dotation globale des communes. Do gesäit ee fir '22 : + 5,4%, fir '23:

+ 6,3%, a fir '24: + 5,6%, also eng ganz, ganz liicht Hausse, mee net sou héich, wéi all déi Jore virdrun. Ech mengen, dass dëse PPF och opgestallt gouf ënnert der Situatioun vun der Covid-Kris, déi mer hunn an dem Abroch vun de Staatsfinanzen. Also och e bësse an der Kontinuitéit vum Budget '21.

Et muss een och soen, dass mer virun der Kris eng gewësse Sécherheet haten, wat d'Einnaamen ugeet, déi mer vum Staat kritt hunn. Awer och de Staat eng Sécherheet hat par Rapport zu den Einnahmen, déi hie kritt huet. Déi sinn natierlech progressiv ëmmer eropgaangen. Wann een drun denkt, e Joer 2017, 2018, 2019, dat ware wierklech – déi Däitsch géife soen „die fetten Jahre“. An där Situatioun si mer lo net méi. Duerch d'Kris ass alles ënner Virbehalt. Also ganz schwéier, sou wéi virun enger Kris, e PPF ze plangen. Dofir ass och d'Circulaire, déi mer hei hunn eng Foto vum Moment. Et muss een natierlech och kucken, virun der Sommervakanz, wann d'Adaptatioun vum PPF gemaach gëtt, well dann och de staatleche Kont vum Joer 2020 virläit an och de provisoiresche Kont vun der Gemeng. Also d'Chiffere kënnen nach änneren. A bei deenen Echoen, déi ee kritt huet, dass awer d'Ausgangssituatioun duerch d'Covid-Kris net méi sou staark belastscht ass, wéi dat ursprénglech geplangt war. Et muss een also och dat am A behalen, wéi d'Konjunktur 2020 war, a wéi se 2021 weidergeet.

Wat heescht dat fir d'Stad Diddeleng? Dat heescht, dass mer natierlech déi Projeten, déi mer hu weiderféieren. Well déi erstrecke sech ëmmer iwwer 2-3 Budgetsjoren. Et si verschidder, déi '20 ugefaangen hunn, déi weiderginn och '21 an '22. Verschidder, déi '21 ufänken, a sécherlech och '22 an '23 lafen. Dat ass dee Kader an deem mir eis befannen. Dat sinn alleguer Projeten, déi wichteg sinn. Et ass keen, deen „nice to have“ ass. Alles Schoul, Kanner, Sportberäich. Bon, de Shared Space. Logement, wou mer haut ugeschwat hunn. An dann ass et natierlech sou, dass déi Zuelen, déi sech hei an eisem PPF rémspigel, och ënner Virbehalt vun der Situatioun déi sinn, dass mer och Projete weider ëmsetzen an deene Beräicher, déi ech elo skizzéiert hunn.

Fir nach eng Kéier kuerz drop anzegoen: dat ass d'Planung vun eisen neie Gemengenateliere, d'Piscine an de Gymnase um Strutzbiérg. Lenkeschleé, dat awer dëst Joer ofgeschloss gëtt, d'oppe Schwämm, den CAD an den Tennis-Terrain, dee mer nei plangen. Déi Logementer an der Rue Nic Bodry, wou mer virdrun driwwer diskutéiert hunn. Awer och d'Butschebuergerstrooss, de Shared Space, d'Maison Relais Ribeschpont, d'Crèche am Quartier Italien, den neien Hall polyvalent. Awer och d'Renovatioun vun der Fassad vun der Kierch. Déi Conduite do, déi mer och musse budgetiséiere fir NeiSchmelz, wat jo och eng Acquisitioun ass vun der AGE, dass mer dat ëmsetzen. Ech mengen allegueren dat si Projeten, déi wichteg si fir d'Stad Did-

deleng, an un deene mer net kënne spueren. Also de Spillraum ass limitéiert. Dat bréngt also mat sech, dass mer, wat d'Recettes ordinaires ugeet, fir 2022 bei 100,8 Milliounen landen. Fir 2023 bei 106,2 Milliounen a 2024 bei 110,5 Milliounen.

Beim Fonds de dotation globale des communes: bei 2022 leie mer do bei 66,3 Milliounen, 2023 bei 70,5 a 2024 bei 54,5. Den ICC bei 1,722. 2023 leie mer och bei 1,7 an 2024 bei 1,8. An den Impôt foncier, do leie mer ëmmer liicht iwwer 800 000 Euro. Dat gëllt fir '22, '23 an och '24. Mir hunn am PPF net virgesinn, un eis Reserv ze goen, dat hu mer jo '20 gemaach. Bei den Dépenses ordinaires vun 99,8 fir 2022 op 103,6 fir 2023 an op 107,4 fir 2024. Mir schléissen also viraus-siichtlech am Boni of. Dat hänkt jo ëmmer vun den Zuelen of. Liicht iwwer 1 Millioun fir 2022. 2,6 Milliounen 2023 a liicht iwwer 3 Milliounen 2024. Bei de Recettes extraordinaires leie mer 2022 bei liicht iwwer 47 Milliounen. 33,4 fir 2023 an 23,9, also bal 24 Milliounen, fir 2024. Dann hu mer natierlech Dépenses extraordinaires vun 49,3 Milliounen fir 2022, 35,9, also bal 36 Milliounen fir 2023 an effektiv 27,1 fir 2024. A fir dat kënnen ze tätigen hu mer elo mol viraussiichtlech virgesinn - bon, et ass eeben duerch déi ganz Situatioun bedéngt – dass mer 2022 en Emprunt wëlle maache vun 33 Milliounen. 2023 en Emprunt vu 24 Milliounen an 2024 en Emprunt vun 18 Milliounen. Also et ass en décken Emprunt, dee mer hei maache wëllen. Ob mer déi iwwerhaapt musse maachen ass nach eng aner Diskussioun. Mee dat bréngt natierlech och mat sech, dass mer bei 4 000 Euro leien u Pro-Kapp-Verschuldung. An deene ganz gudden Zäiten, „die fetten Jahre“, do ware mer bei 600 Euro. Dat huet och domat ze dinn, dass mer manner staatlech Einnahme kréien. An da gesäit een awer och, dass, och wann een – wéi mir – eng ganz virsiichteg Haushaltspolitik all déi Jore gemaach huet, dass een awer och staark tributaire ass vun de staatleche Subventiounen. Bon, op där anerer Säit ass natierlech den Invest-Volume vun der Stad Diddeleng an de leschte Joren ëmmer weider gewuess. Well wa mer weider wuessen als Stad, da wiest natierlech och den Invest-Volume weider.

Dëst e bëssen d'Vorausschau, déi momentan Foto zur aktueller Situatioun. Dat heescht also och, wann ech iwwer staatlech Recetten an der aktueller Situatioun kucken. Wéi gesot, 2020-2021 hate mer jo 20 Milliounen manner staatlech Recetten. An dat heescht natierlech vun 2022 bis 2024 ronn 25 Milliounen. Also dat ass schonn en décke Pak Sue fir d'Stad Diddeleng. Sou wéi mer de Budget lo opgesat hunn, hu mer dann och all Kéiers e lichten Iwwerschoss téschent 200 000 an 300 000 Euro als Boni définitif. Wéi gesot, et ass eng Foto, eng Momentopnam an den aktuelle Begebenheeten. Do solle mer dann lech hei den aktuelle PPF kommunikéieren a presentéieren. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Ech soen och nach séier Merci dem Här Pull a senger Ekip vum Service Finances fir d'Preparatioun vun den Tableaux. D'lescht Joer, de 14. Februar, op Valentinsdag, hate mer och hei iwwer de PPF geschwat. Zwar net hei, mee an eise mëlleche Sall. Mir waren optimistes, souguer liicht euphoresch, well an de Jore virdrun de Geldkrunch vum Staat nëmme sou gespruddelt huet. D'Schallmauer vun den 100 Milliounen Dotatiounen fir Diddeleng, déi hate mer am Rectifié 2019 gebrach an et gouf vun 103 Milliounen Dotatiounen fir 2020, 112 Milliounen 2021, 113 Milliounen 2022 an 118 Milliounen fir 2023 gedreemt. Mee lo huet eis d'Volatilité vum der Wirtschaft an enger globaliséierter Welt, ervirgeruff duerch e Mini-Virus, deen eng weltwäit Pandemie provozéiert huet, enges Bessere beléiert. De Geldkrunch vum Staat, dee spruddelt net méi, deen dréipst. Bei de Recettes ordinaires hu mer eng Perte, den Här Buergermeeschter huet et gesot, vun 11 Milliounen 2020. Ech hu just eng Nofro. An de Budgetsdiskussioun war Rieds vun 2021 eng Perte vun 8 Milliounen. Lo hu mer hei eng eng Perte vun 10 Milliounen. Do ass mir net ganz kloer, wou do déi Differenz vun 2 Milliounen koum. An den Diskussioun vum Budget 2021 hate mer nach vu minus 8 Milliounen geschwat.

Voilà, eis Previsiounen. Amplaz dass mer 113 Milliounen 2022 kréien, wéi mer eis et nach d'lescht Joer erdreemt hunn, kréie mer just 100 Milliounen. Dat ass eng Perte vun 13 Milliounen. 2023 eng Perte vun 12 Milliounen, wéi gesot 2021 sinn et 10 Milliounen an 2020: 11 Milliounen. Dat sinn insgesamt 45 Milliounen, déi mer manner solle kréien an deenen nächste 4 Jore. A mir hunn eng optimistes Reprise ageschriwwen fir 2024. D'Gesäit also net roseg aus, wann net e Wonner geschitt oder, wann de Staat op en anere Wee geet, a seng Perte net direkt op d'Gemengen ofwäلت. Ech hat et schonn a menger Prise de position zum Budget am Dezember gesot gehat, de Staat deelt 213 Milliounen manner un d'Gemengen aus. A mir fannen dass d'Gemengen do e bëssen am Ree stoe gelooss ginn, well d'Gemeinde solle jo awer antizyklesch haushalten, d'Investier héich halen, fir dass d'Handwerksbetriber Aarbecht hunn, fir dass Aarbechtsplaze sollen assuréiert ginn. Mee do muss een awer nach eng Kéier kucken. Och de Syvicol geet jo an déi Richtung, nach eng Kéier mam Staat genau ze kucken, ob mir wierklech mussen als Gemengen sou e groussen Deel vun de Perten opfänken.

De Virus dee begleet eis sécher dëst ganz Joer Minimum. Virun allem mat deem Schleekentempo, wéi an Europa an och speziell zu Lëtzebuerg d'Impfcampagne ugelaft ass, maachen eis Restaurants – leider – sou bal nach net op. Secteurs wéi den Tourismus, Kultur, Evénementiel, déi kënnen dëst Joer och vergiessen, an dat ass e Fakt. An dat

bedeit nach méi e groussen Abbruch bei dem Impôt commercial, bei de Steieren a bei der TVA a sou weider. Faillitité wäerten un der Dagesuerdung sinn a virun allem eng méi eng grouss Demande fir Aiden. Sief et fir Betriber, sou laang et nach Betriber gëtt, mee virun allem och Privatleit, déi wäerten an eisen Offices sociaux virstelle ginn. An ech denken och dass mer do d'Aide sociale musse weider héich halen.

Wéi solle mer dann elo haushalten? Zu Diddeleng hu mer an deene leschte Jore vill Projete vu Joer zu Joer matgeschleift. Villes gouf ugekënnegt an net realiséiert. Dat war net ëmmer eis Schold, dat ass ganz kloer. Mee dat Verschleefen, dat huet bei all Projete en Präisdeierecht mat sech bruecht. Och goufen d'Projete „en cours de route“ geännert, wat och ëmmer eng Präisdeierecht bedeit. Ech gi lo just nach eng Kéier d'Beispill vum Shared Space. An eise PPF, dee mer 2019 opgesat hunn, hate mer fir d'Phas 2 an 3 e Gesamtbudget vu 7,5 Milliounen ugehall. A wann ech elo hei kucken, fir d'Phas 2 an 3, do sinn 10 Milliounen ugesat ginn. Wann ech da kucken – dat ass och eng konkret Fro – déi nei Ateliers communaux, déi waren d'lescht Joer nach am PPF mat 19,85 Milliounen ugesat ginn an elo hu mer nach kee Projet a keen näischt gesinn. Me elo, an dësem PPF si schonn 22,05 Milliounen virgesinn. Do ass natierlech meng Fro, wou kënnst déi Deierecht hir? An dann en zousätzleche Punkt, dee mer och elo awer guer net kloer ass, wéi et do zu sou enger Deierecht kënnt: Hall CAD, Centre de Tennis, Stade JF Kennedy, do hate mer am leschte PPF 3 + 2,5 Milliounen, dat sinn insgesamt 5,5 Milliounen virgesinn. An elo komme mer hei op eng Zomm vun 10 Milliounen. Vläch kënnt Dir eis do nach Explikatiounen ginn, wat dann do sou eng Deierecht bewierkt huet? Dass dat praktesch dat Duebelt gëtt. Vläch ass den Dialogue compétitif bei den Ausschreibungen e Moya, fir d'Präsexplosioun bei de Bauprojete am Grëff ze behalen. Beim Bildungshaus Lenkeschlei huet dat jo geklappt. Ech weess och net, a wéi eng Richtung de Staat lo wëllt goen. Well ech weess nach, beim éischten Dialogue compétitif, beim Hartman, do hu mer awer béis misse kämpfen, fir dat accordéiert ze kréien. Mir waren och am Ufank skeptesch, dass dat gutt géif klappen. Mee dat huet jo awer plus minus geklappt. A virun allem am Bildungshaus Lenkeschlei war dat vläch e Wee, fir d'Präisser am Grëff ze behalen.

Mir mussen eis op jidde Fall – an den Här Buergermeeschter huet et och scho gesot – bei all Projete froen: néideg oder „nice to have“? A mir mussen de Rimm méi enk zéien. Well all Delai, deen iwwerschratt gëtt, dee bedeit och ëmmer eng Deierecht. An, wat awer och ganz wichteg ass: eng akribesch Kontroll vun de Projete duerch de Schafferot, déi gëtt nach méi wichteg. Éischtens emol wat d'Frais ubelaangt, awer och wat d'Delaien ubelaangt vun de Projete. Well all Delai, deen

iwwerschratt gëtt, dee bedeit och eng Deierecht. Well – a lo kommen ech zu mengem all Joer erëm „erhobenen Zeigefinger“ – well ech hat et lech all Joer scho gesot an och an de fette Joren, dass mer eis Personalfraisen müssen am A behalen, déi wäerten onmoosseg an d’Luucht goen an eis Recetten opfriesen. An och hei gesäit een nees mat Schrecken, dass mir am PPF ëmmer falsch leie bei den Estimatiounen vun de Fraise vum Personal. D’Depassementer vun de Previsiounen, déi sinn nees impressionnant.

Wann ech de PPF vun dësem Joer kucken an dee vergläiche mat deene vun 2019, 2020, 2021... elo huelen ech just den Chiffer vun de Personalfraisen 2021. Déi waren 2019 nach ganz optimisteschesch op 48 Milliounen geschätzt ginn. Am PPF 2020 hu mer gesot Uups! Do kommen awer 54 Milliounen op eis duer. An elo, am PPF 2021, si mer bei 55,1 Milliounen. Bei Dépenses ordinaires vu 95 Milliounen, sinn dat 58% vun eisen Depensen, déi fir d’Personalfraisen ufalen. Déi friessen eise Budget op. A mir hunn awer elo net méi sou deen Optimismus, dass mer dat schonn iergendwéi ausgebügelt kréien, well mer einfach méi Sue vum Staat kréien. Neen. Mir kréien net méi Sue vum Staat. Mir kréie manner. Mee eis Personalfraisen, déi bliewen héich. A wann ech kucke mat de Previsiounen fir 2024, do wäerte mer 62 Milliounen hunn u Personalfraisen. Dat ass en enorme Chiffer.

Eisen Appell nach eng Kéier: Éischtens mol eng Kéier, vläicht mat der Audit-Firma nach e Bilan ze maachen. Mir haten et versprochen kritt am Dezember, dass mer eis vläicht nach eng Kéier mat der Consulting Firma zesummesetzen, wéi dann elo hir Tëschebilanz no engem Joer ass. Well, mir haten déi Firma jo engagéiert fir: „pour améliorer l’efficacité des services et pour pouvoir affronter les défis du futur“. Dat war sécher anescht geduecht an der Prämiss, wéi mer de Kontrakt gemaach hunn. Et war geduecht d’„défis du futur“ fir eng Stad, déi wiisst an d’A ze faassen. Mee ech denken, lo müsse mer awer och kucken, „les défis du futur“ ass och mat manner Geld besser haushalten. Dofir nach eng Kéier eisen Appell, et wär vläicht interessant, nach eng Kéier sou eng Reunioun mat Consulting Firma ze halen. An, vläicht awer trotzdeem eng Kéier ze iwwerleeën, och wann ëmmer verschidde Leit mengen, dat wär eng topesch Iddi vun der CSV, vläicht mol e Moratoire bei der Kreatioun vun neie Posten un den Dag ze leeën. Fir dass mer mol kucken, wou mer stinn. E Stopp ze maachen. Hei si mer, an a wéi eng Richtung gi mer?

Just nach eng Remark zum Impôt commercial fir Diddeleng. Deen ass och staark agebrach, an dee wäert och weiderhi staark abrieche. An ech wëll der grénger Fraktioun hirer Fro vun haut un de Schäfferot net virgräifen. Ech sinn och gespaant op d’Äntwert vum Schäfferot, firwat sech z.B. op Koibestrachen näischt deet a firwat och Zonen Helper net weider

ausgebaut gi fir nei, dynamesch Betriber, interessant Betriber, Firmen an Aarbechtspätzen op Diddeleng ze kréien? Wéi gesot, och eng Positioun, déi mer all Joer erëm widderhuelen. Mir huele 4 Milliounen aus eise Reserven. Et geet net anescht. Mee lo bliewen nach just 8,8 Milliounen. Mir kënne just nach zweemol an eis Reserve gräifen, da sinn déi och fort. Eisen Apel fir den Duuscht, deen ass da giess. Mir müsse Prêten ophuelen. Den Här Buergermeeschter huet gesot, et geet net anescht. Mee wann ech awer kucken, mat wéi enger rasanter Vitess eis Verpflichtungen awer steigen, éischtens emol eis Personalfraisen, mee och eis Engagementer vis-à-vis vun deene Projeten, déi mer scho lancéiert hunn, gëtt et mer ellen. Wéi gesot, ech denken net, dass mer 2021, 2022 oder 2023 iergend e Su méi kréien, wéi deen, dee mer hei an eise PPF ragesat hunn. Well de Virus eis nach fest an der Hand huet. Well et eng wirtschaftlech, globaliséiert Problematik ass, déi nach hir Ausleefer och an deenen nächste Jore wäert hunn. An ech wär immens frou, wann ech d’nächst Joer op dëser Plaz kënnt méi e rosa Brëll undoen, an dass mer eng Ausgangssituatioun an eng besser Zukunftsvisioun hätte wéi dëst Joer. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnahmen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Merci fir d’Wuert. De PPF gouf eis an der Finanzkommissioun presentéiert. Um europäesche Plang gëtt e verlaangt. An dat ass gutt esou, fir eng Planung vun der Finanzéierung ze hu fir déi zukünftige Projeten hei zu Diddeleng. „Erstens kommt es anders und zweitens als man denkt“. Covid huet alle op d’Kopp gehäit an déi sanitär Kris ass nach net op en Enn. Ekonomesch gesinn huet déi Kris e groussen Impakt op d’Staatsfinanzen an domat och op d’Gemegefinanzen. Mir hunn de PPF vum leschte Joer mat dësem verglach. Bei den Emprunte waren d’lescht Joer virgesi fir d’Joren 2021, 2022 an 2023 am ganzen 21 Milliounen. An an dësem Joer sti bei 2021, 2022 an 2023, also bei deene selwechte Joren, en Total vu 77 Milliounen. Dat ass eng grouss Steigerung an d’Pro-Kapp-Verschëldung hu mer lo gesinn am Rapport, dee mer virun der Sëtzung ausgedeelt kruten, déi géif iwwer 4 000 Euro goen. Dat ass wierklech héich an dat mécht eis Suergen. Dat wier zwar de „Worst Case“ huet den Här Pull an der Finanzkommissioun erkläert, dann hoffe mer mol, dass deen net antrëtt. Mee niewent der sanitärer Kris hu mer och nach eng Klimakris, a wie weess, ob déi net och Auswierkungen huet op d’Staatsfinanzen. De PPF brauch net ofgestëmmt ze ginn. Et ass eng Momentopnam an enger Zäit mat ville Fragezeichen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Heinen. Weider Stellungnahmen?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP):

Merci Här Buergermeeschter. Och nach e puer Umierkunge vun eiser Säit. De pluriannuelle Finanzplang, PPF genannt, dee mer hei virleien hunn, stellt eng wichteg Entscheedungshëllef fir d’Gemegepolitik duer. En erméiglecht, iwwert déi kuerzfristeg budgetär Entwécklung eraus, en allgemengen Iwwerbléck iwwer déi mëttelfristeg Entwécklung vun den Einnahmen an den Ausgabe vun der Gemeng ze kréien. Änlech wéi de pluriannuelle Finanzplang vum Staat geet déi Planung vum Joer 2020-2021 bis 2023-2024. Et ass eng Projektioun an d’Zukunft op Schätzungen opgebaut. Datt dat nëmme Schätzungen sinn, dat hu mer lo misse schmärzlech erfueren, well wa mer lo annerhaleft Joer zrëckdenken, dann huet d’Welt wierklech anescht ausgesinn. A sou, wéi mer deemools net konnte wëssen, dass eng Pandemie géif op eis duerkommen an domadder och déi ekonomesch Konsequenzen, déi dat Ganzt mat sech bréngt, sou ass et och haut net méiglech, honnert Prozent sécher ze sinn, wat da lo an deenen nächste Joren op eis zoukënnt. Dëst Joer ass déi Operatioun mat besonnesch vill Inconnuë behaft, well kee genau weess, wéi laang déi aktuell sanitär Kris nach unhält. A besonnesch och een net weess, wat déi genau wirtschaftlech, sozial a finanziell Konsequenze vun där Pandemie wäerte sinn. Dat weess de Staat net genau. Dat kënnen d’Gemengen och net wëssen. Dëse Plang ass op Zuelematerial vum Staat opgebaut. All dës Projektiounen sinn deemno mat grousser Virsiicht ze huelen. Et kann, wat mer all hoffen, besser komme wéi uegell. Mee et kann awer och e méi staarken Abroch bei de Steiereinname kommen. De PPF weist vill Ähnlechkeete mat deem Dokument vun der Regierung op, dat d’Chamber am Dezember guttgeheescht huet. Héich Investissementer an e parallelt Wuesse vun der öffentlecher Schold.

Zu Diddeleng ass nach ni sou vill an öffentlech Infrastrukturen investéiert gi wéi an dëser Period. Rekordinvestissementer fir d’Verbesserung vun den öffentlechen Infrastrukturen an an d’Déngschtleeschunge fir d’Bierger. Ech erwänen hei nëmme e puer vun eise groussen Projeten, wéi de Schoulkomplex Lenkeschléi, déi nei Crèche am Quartier Italien, d’Maison Relais Ribeschpont an deen neie Schoulcampus Strutzbiere. Hei gesäit een, dass mir net kuerzfristeg plangen, mee an eis Zukunft investéieren. Ma och de soziale Wunnengsbau mat deemnächst 29 neie Wunneenheete steet um Programm. D’Kulturjoer 2022 kënnt och op eis duer a mir wäerten do e wichtige Partner sinn. Ëmweltschutz, Déiereschutz, an och net ze vergiessen, den neien Hall Polyvalent an der Beetebuergersstrooss fir eis Veräiner. Am Stadzentrum gëtt déi drëtt Phas vum Shared Space realiséiert. De Parking résidentiel, Flexibus, sinn aner Projeten, fir d’Liewensqualitéit vun den Diddelenger Leit héich ze halen. Mee dës noutwendeg ausseruerdentlech Ausgabe müssen

zu engem groussen Deel iwwer Emprunte finanzéiert ginn. Den ordinären Deel vum Budget weist just nach e bescheidenen Iwwerschoss vun Einnahmen aus. Nodeems bis elo an der Mandatsperiod keng zousätzlech Schold opgehooll ginn ass, jo d'Schold souguer erofgaangen ass, wäert sech dat ab '20-21 änneren. Insgesamt weist de Plang Emprunte vu 24 Milliounen d'Joer aus. Dat ass vill. Dat bestreide mir och net. Mir mengen awer, datt et vertrietbar ass, och wann de Rhythmus do laangfristeg sécherlech net ka bäibehale ginn a mer dat och net wëllen, well soss och d'Gläichgewicht vum ordinäre Budget mol kéint wackelen.

Dem Staat geet et ablécklech och net vill besser. 2020 louch d'Staatsschold bei 15,4 Milliarden Euro. 2024 soll se op 23,5 Milliarden Euro klammen. Mir mengen, dass et wichteg ass an de Krisejoren 2020 an 2021 kee Projet ze sträichen. Eis Betriber brauchen déi Optrag. Well all Optrag, dee mir ginn, all Projet, dee mir realiséieren, do hänkt e Rateschwanz drun. A mir wëllen déi Leit, déi dovunner liewen och net a Gefor bréngen. An ausserdeem mécht et och kee Sënn, ugefaange Projeten ze stoppen oder ze strecken. Well, wéi mer dat all scho gewuer gi sinn a wéi et hei banne lo och scho kuerz gesot ginn ass, mécht dat just alles nach méi deier. No der realer Entwécklung kënnen natierlech déi eng oder aner kleng Upassungen net ausgeschloss ginn. Et heescht, d'Finanzplanung weider am A ze behalen. Eppes wat dës Majoritéit souwisou ëmmer iwwer all déi Joren ëmmer gemaach huet. D'Finanzsituatioun vun der Diddelenger Gemeng war an der Vergaangenheet zolidd, a wäert och an Zukunft gesond bleiwen. Zum Schluss och nach vun eiser Säit en häerzleche Merci un de Pascal Pull a seng ganz Ekip. Well d'Zuelematerial gouf eis an der Finanzkommissioun elo kuerz virgestallt an explizitt erkläert. An dat ass ëmmer eng ganz wäertvoll Virbereedung fir als Gemengerot dorobber ze reagéieren. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kohn. Den Här Thill.

JOS THILL (DEI LENK):

Merci Här Buergermeeschter. Och e Merci un den Här Poull a seng Ekip. Wat de PPF ubelaangt, kann ech mech wierklech ganz

kuerz halen. Et ass e Planungsinstrument fir d'Gemeng. Wat eis genéiert, dat ass, datt vu Logements sociaux an deem PPF, dee mer virleien hunn, bei Gesamtinvestissementer vun 195 Milliounen, nëmmen 10,5 Milliounen fir Logements sociaux stinn. Mir géife genau dee selwechte Constat maache wéi den Här Zuang beim Punkt 6.5., wéi mer iwwert d'Logements sociaux an der Rue Nic Bodry geschwat hunn. Also d'Situatioun ass uerg, an dee Posten am PPF geet eis einfach net duer. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géing ech och just ganz kuerz Stellung huelen. Ech si ganz bei der Madame Heinen an der Madame Kohn fir ze soen, dass dat heiten näischt anescht ass wéi eng Momentopnam. Sief dat, wat d'staatlech Einnahmen ugeet, sief dat awer och, wat eis Depensen ugeet, well et op Estimatiounen faasst, op Schätzungen. Well soss wär et jo kee PPF, soss wär et e klassesch Budget, wou ee méi no bei den Zuelen ass. Et ass och esou ze gesinn. A mir gesinn et hei net anescht, wéi de Staat et gesäit, wann e sai Plan pluriannuel de financement mécht. Et ass am Fong hei déi selwecht Logik. Mir sinn awer bei jidderengem, deen hei d'Wuert ergraff huet, dass mer müssen eis Finanzsituatioun am A behalen. Dat ass kloer. Sief dat um Niveau vun den Dépenses ordinaires, sief dat um Niveau vun den Dépenses extraordinaires. Wa mer deen Invest-Volumen hei stäipen an och méi op en Emprunt zréckgräifen, wann et och net dee Montant ass, deen hei am PPF ass, mee awer vläicht net méi wéi soss, wéi all déi Jore virdrun, duerch d'Situatioun déi ass, wéi se ass, si mer awer och mat deem Maximum vu 4 000 Euro ëmmer nach largement ënnert deenen 10% vun den Annuitéiten iwwert Recettes ordinaires, wat finanztechnesch wichteg ass. Mir ware bei 1,3. A wa mer dann op 3,5 kommen, da leie mer nach méi wéi am grénge Beräich. Dat heescht, déi alarmant Approche, déi d'Madame Heinen hei huet, déi hunn ech net. Well mer awer an eiser virsichteger Haushaltspolitik bei deem dote Montant leien, deen net dramatesch ass. Et gi Gemengen, déi actuellement – actuellement! – do sinn, respektiv méi wäit sinn. Mir si wäit dovunner ewech.

Zu der Madame Kayser: Ech hunn zu kengem Moment gesot, dass eng Variatioun stattfonnt hätt, par Rapport zu den Recettë vum Staat. 2020 waren et 8 Milliounen manner, 2021 sinn et 12 Milliounen manner. Dat heescht, summa summarum sinn et 20 Milliounen manner, déi mer vum Staat kréien. Dat ass dat selwecht, wéi an der Budgetsdebatt. Dat heescht, dee Chiffer ass gesat. E kann natierlech nach variéieren, deemno wéi de Kont 2020 ass. Do ass ee jo tributaire dovunner. Natierlech, dat hunn ech och an der Finanzkommissioun gesot, mir sinn un eis Reserve gaangen. Dat si fir 2020 4 Milliounen. Mir hunn der nach bal 9 Milliounen. Mir hunn natierlech net déi Aus-

gankssituatioun, dass mer Reserven hu vun 800 Milliounen Euro, wéi déi gréisst Gemeng hei am Land. Dee Luxus hu mer net. Dat huet awer och mat der classescher Situatioun vun den Industriestandard-Gemengen ze dinn. An dat gesäit ee jo och an eise Impôt commercial, an eise ICC. Déi classesch Industrie schëtt net souvill Gewënn aus wéi d'Services financiers. Dat ass eng classesch Realitéit, déi muss een sech ëmmer erëm virun Aen halen an och wann een nei Servicer usidelt. Do si sécher Servicer, déi en innovative Charakter hunn. Déi Servicer bréngen eng gewëssen Attraktivitéit, mee et sinn och net déi Servicer, déi masseweis ICC, also den Impôt commercial ausschëdden, déi op eemol ausmaachen, dass eis Keesen masseg gefällt ginn. Komm mir maachen eis do keng Illusiounen!

Mir kënnen duerch verschidde Moossnamen sécher un Attraktivitéit gewannen, mir kënnen doduercher och sécherlech eise ICC e bëssen opbesseren, mee déi classesch Services financieren, déi wäert d'Stad Diddeleng net an deem Mooss kënnen empfangen, sief dat op Koibestrachen, sief dat op Helper, well et do éischer a Richtung vun Handwerksbetriber geet oder vu Betriber, déi an der Innovatioun tätég sinn. Fir dat an Aussiicht ze setzen. An den Developpement vun deenen Arealer hänkt jo natierlech och vun der Aart a Weis of, wéi d'Propriétaire matschaffen, mat wëllen op dee Wee goen, respektiv net mat op dee Wee wëlle goen, wa mir do eng Zon an eng Richtung entwéckelen. Ech soen dat ëmmer erëm hei, well et schéngt säitens der Opposition ëmmer vergiess ze ginn, dass een net an engem Handumdrehen eng Zon dohinner setzt. Et muss ee mat de Propriétaires zesummeschaffen an deene schmackhaft maachen, wéi interessant et ka sinn, eng Zon do ze hunn, wou si dann natierlech och als Propriétaire eppes dovun hunn.

Dat ass déi knallhaart Realitéit a zemools an enger Situatioun, wou ee net mat engem Propriétaire ze dinn huet. Ech menge mir hu schonn a méi wéi engem Gemengerot gesinn, wéi schwéier et ass, en Terrain ze kréien, wann een nëmmen ee Propriétaire huet. Wann een hei iwwert eng Dose Propriétaires huet, da mécht dat d'Saach net vill méi einfach, well déi iwwer 12 verschidde Propriétaires och 12 verschidden Interéiten hunn an och 12 verschidde Virstellungen. Dat also par rapport zu deene verschidden Ausféierungen. Dat heite brauch net gestëmmt ze ginn. Ech hoffen och, dass d'Aussiicht vum PPF scho virun der Sommervakanz e bëssen aneschter ka sinn, wéi déi, déi mer lo hei presentéieren. An ech sinn och ganz hei beim Gemengerot, dass mer an engem Joer sécherlech aner Chiffere virleien hunn, déi eng aner Ausrichtung ginn, wat de PPF ugeet. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo Merci Här Buergermeeschter. Ech hat lech nach zwou konkret Froen gestallt vun den Ate-

liers communaux. Do war am leschte PPF 19,85 Milliounen ageschriwwen, elo 22 Milliounen. A virun allem Hall CAD a Centre de tennis, do hate mer d'lescht Joer 3 Milliounen plus 2,5 Milliounen, da komme mer op 5 Milliounen. Hei sti mer op 10 Milliounen. Et wär vläicht interessant ze wëssen, wou do déi Deierecht hierkënn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Jo, et ass gutt, dass Dir mech drun erënnert. Et sinn Estimatiounen. Dat heescht, mir setze jo hei d'Chifferen an unhand vun der Evoloutioun vum Dossier. An deem evoluéiert jo och en cours de route, an der Diskussioun, déi een - z.B. beim Tennis CAD- mat de Veräiner huet, fir de Projet ëmzesetzen. An deem dréit een hei an der Estimatioun och deemtspriechend Rechnung. Bei den Industriebetriber, do ass natierlech och gekuckt gi mat de Projektiounen vum Neischmelz, vun der Ausrichtung vum Terrain, déi mer kréien, déi mer net kënnen kréien. An effektiv sinn d'Estimatiounen do och no uewen ugepasst ginn. Dat ass awer och net der Weisheit letzter Schluss. Dat kann och nach eng Kéier no ënne revidéiert ginn. Mee vu Joer zu Joer evoluéiere jo d'Diskussiounen. Sou wéi mer haut Diskussiounen hu mat verschiddenen Acteuren, da kann de Projet jo och weider evoluéieren. Et komme weider Demanden derbäi, et kommen aner Demanden, déi ewechgeholl ginn. Also och dat huet eng gewëssen Dynamik. Dofir bleiwen dat heite jo Estimatiounen. Da kënnen mer hei d'Diskussiounen ronderëm de PPF ofschléissen a géifen op deem nächste Punkt weidergoen.

7. APPROBATION VUN DER KAPITALERHÉIJUNG VUN DER SOCIÉTÉ NATIONALE DES HABITATIONS À BON MARCHÉ (SNHBM)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Dat ass d'Approbatoun vun der Augmentatioun vum Capital bei der SNHBM. Do hutt Der och d'Statuten hei virleien. D'SNHBM, wat jo eng S.A. ass, wou mir als Stad Diddeleng dee klengsten Aktionär sinn. Dat ass jo de Lëtzeburger Staat, deem do Aktionär ass, de Fonds de compensation, d'Spuerkees, d'Stad Lëtzebuerg, d'Stad Esch, d'Stad Déifferdeng an d'Stad Diddeleng. Mir si jo dee klengsten Aktionär. D'SNHBM huet sech hei nei Statutte wëlle ginn, fir sech méi breet kënnen opstellen a fir sech och kënnen ze moderniséieren. Dir hutt och an deem Bréiwer, déi nieft de Statutte bäilouchen och kënnen rausliesen, dass d'SNHBM hei wollt d'Méiglechkeet ginn, dass Assemblée généralen och mat Visiokonferenz kënnen gehale ginn. Dass et natierlech och drëms geet, dass se hir Palett un Aktivitéiten e bësse kënnen ausbreiden, wa se Wunnungsbauproje-

te maachen. Notamment och am Domaine vun der Photovoltaik. Well dat awer ëmmer méi rekurrent ass. Dass se awer och méi moderniséieren, andeems se op e klassesche Réviseur d'entreprise zréckgräifen an net méi déi méi eeler Approche vun engem Commissaire aux comptes. Dass een deem net méi brauch, mee dass een e klassesche Réviseur d'entreprise huet.

Wat awer och wichteg ass, a wat der SNHBM och eng méi breet Basis gëtt, dat ass d'Augmentation du capital, virun allem duerch d'Incorporatioun vun de Reserven. Also eng klassesch Approche. Déi am Fong vu 66 Milliounen op 93 Milliounen gesat gëtt. Ech wollt awer hei nach präziséieren, dass dat awer keng zousätzlech finanziell Contributioun vun den Aktionäre mat sech bréngt. Well viru Joren hate mer dat jo, wou mer als Aktionär jo och méi raginn hunn. Dat ass effektiv an deem Fall net néideg. Beim Artikel 4 soe se jo nach eng Kéier, wat hiren Objet ass: d'Conceptioun, d'Promotioun vun der Gestiou vum Immeubles destinés fir de Logement social abordable an à coût modéré. Dat ass de Core business vun SNHBM. De Volet vun der Photovoltaik, do sinn ech drop agaangen, dass se sech och do méi breet wëlle opstellen. Dass se all aner Missioun, déi am Kader vun der Politique de logement néideg ass, dass se déi unhuelen. An och nach en anert Element, dat erakënn, dat ass, dass de Verwaltungsrot och Personalvertrieeder kann ophuelen.

Dat war bis dato net de Fall. Dat ass en neie Moment, wat d'Statutte vun der SNHBM ugeet. Ech ka just soen, dass allegueren d'Aktionäre dat guttgeheescht hunn an d'Stad Esch an d'Stad Diddeleng lo nach déi zwee eenzeg sinn, déi dat heiten an hire Gemengrot huelen. Ech weess awer och vun de Kolleege vun Esch, dass si dat heite mat wäerte stëmmen. Dëst gesot, sinn ech mengen ech op déi verschidden Elementer agaangen, déi zu dëser Statutenännerung gefouert hunn an och féieren. Si Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da géife mer iwwer d'Statuten ofstëmmen. **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

8. OFFICE SOCIAL – APPROBATION VUM BILAN A COMPTE DES PROFITS ET PERTES VUM HAUSHALTSJOER 2018

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da gi mer iwwer op den Office social. D'Approbatoun du Bilan et comptes des profits et pertes vum Joer 2018. An da gi mer do d'Wuert weider un d' Carole Wagner.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Moien. Also wéi gesot, de Kont vun 2018



ass kontrolléiert gi vum Contrôle. Mir hunn doropshin zwou Remarque kritt an hirem Rapport. Eng Kéier eng Remark par rapport zum Resultat vum Exercice. Do hat ech effektiv e Feeler gemaach, andeems ech d'Resultat vun 2017 amplaz en an de Résultats reportés bäisesetzen, hunn ech an dann d'Resultats de l'exercice bäigesat. Dat ass awer elo alles regulariséiert gi beim Kont 2019. An dann hu mer eng zweet Remark gemaach kritt am Bilan, par Rapport zu deene 500 000 Euro, wou den Office social ginn huet un d'Gemeng fir de Projet 39, Rue du Commerce. Do hunn ech en Artikel kritt deemools, fir den Transfert ze maachen un d'Gemeng. Well déi Suen am Extraordinär stoungen. An de Problem ass, am Bilan sinn déi an d'Immobilisations corporelles gefall. An och nach op eng onglécklech Positioun: Position véhicules. Dass also do u sech e Feeler ass.

De Problem ass, u sech dierft et guer net an der Immobilisatioun stoen, do misst u sech en anere Kont affektéiert ginn, wou awer och net am GESCOM disponibel war, fir e Remboursement en capital ze maachen. Op där anerer Säit hätten déi 500 000 Euro och aus dem Compte des résultats misste rausgezu ginn. Dat hu mer lo fir 2020 alles regulariséiert. De Kont fir 2020 ass OK. Fir 2019 wäerte mer leider Gottes de Fall och nach eng Kéier kréie fir déi 200 000 Euro, wou mer och den Transfert gemaach hunn. Well de Problem ass, de Contrôle ass réischt am September komm, wéi d'Clôture fir 2019 scho gemaach war. A ech réischt doropshi mam Contrôle gekuckt hunn, wéi mer dat Ganzt kënnen regulariséieren, sou dass dat eeben 2020 réischt regulariséiert gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Merci dem Carole Wagner fir déi doten Erläuterungen, wat d'Remark vum Intérieur ugeet. Ass de Gemengrot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci. Och dem Carole Wagner Merci fir seng Presenz hei.



9. PERSONAL

9.1 KONVERSIOUN VUN ENGEM GEMENGEFONCTIONNAIRESPOSTEN, TRAITEMENTSGRUPP B1, SOUS-GROUPE TECHNIQUE AN E POSTE VUN ENGEM EMPLOYÉ COMMUNAL AN DÄRSELWECHTER KARRIÄR

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op dräi Punkte beim Personal iwwer, déi an der ëffentlecher Sitzung sinn. D'Konversioun vun engem Poste vum Fonctionnaire communal, Traitement B1 am Groupe technique. Dat ass am Fong den Techniker, dee mer wollten astelle fir de Service Logement. Deen hu mer zweemol ausgeschriwwen, eng Kéier am Juni an eng Kéier am November. Mee vu dass keng valabel Kandidatur do war, probéiere mer hei, mam Avis favorable vun der Beamtena Fonctionnairesdelegatioun, dass mer de Poste ëmwandele vum Fonctionnaire communal an den Employé communal, an der Hoffnung, dass do méi Leit sech drop mellen, wéi dat de Moment de Fall ass. Ass de Gemengerot mat där Konversioun averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

9.2. KONVERSIOUN VUN 2 POSTE VU GEMENGEEMPLOYÉEN AUS DER KARRIÄR C1 A POSTE VU GEMENGEBEAMTE VUN DER KARRIÄR B1 (ÉDUCATIF A PSYCHOSOCIAL)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op de Volet riwwer vun eisen Employés communaux an eise Maisons Relais. Do ginn ech de Josiane d'Wuert, do geet et ëm d'Qualifikatioun.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Villmools Merci. Dir wësst, dass mer laut Règlement grand-ducal mussen e gewëssene Pourcentage bei eise Personal anhalen. Bei Qualifié, den Auxiliaires de vie an och den Non-Qualifiés. An duerch d'Kreatioun, déi mer d'lescht Joer gemaach hunn, well mer jo och e bëssen a Bedrängnis komm si während där ganzer Kris a Personal hu missten astellen, ass deen Taux net méi am Equilibre. An dofir géife mer hei proposéieren, zwee Poste vum Grupp C an de B ëmzewandelen. Dat kann ee maachen, wann e Personal huet, dat eng gewësse Qualifikatioun huet. Da schéckt een dat an de Ministère eran. Dat geet duerch eng Kommissioun

am MENJE, an déi accordéieren dann a soen: Voilà, dat Personal do, dat huet eng Première am Art, oder deemno, wat een do nach ka rabréngen. An da kritt een den Accord an da kann een déi zwee Poste konvertéieren, an da wäre mer och erëm am Equilibre wat de Pourcentage ubelaangt. Méi ass et net.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Josiane, fir déi Erklärungen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo Merci. Ech hu just eng prinzipiell Fro: Éischtens emol, wéi konnt dat passéieren? Well mer wësse jo ganz genau, wéi mer d'Prozenter mussen opdeelen. A meng aner Fro ass: Hu mer da scho Leit op deene Posten, mat där Qualifikatioun, wou mer de Poste am Ufank ausgeschriwwen haten? A wat maache mer lo mat deenen? Well déi si jo dann net méi konform mat där Formatioun, déi se mussen hunn op deem Poste.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Also ech erklären et lech elo, ech ka lo keng Nimm nennen, mee mir hunn där Fäll schon zwee. Et ass esou, wenn een eng Première huet, a mir stellen en als Aide-Educateur an, a mir gesinn dann, datt de Pourcentage net richtig ass. Dat rechent ee jo dann aus. Da kann een eng Demande maachen am Ministère, am MENJE. An do geet dann déi Persoun duerch eng Kommissioun. Déi seet, ech hunn eng Première am Art, ech war op enger A-Klass, déi kritt de Qualifié unerkannt. Dat ass da qualifizéiert Personal. A fir datt mir am Taux bleiwe falen déi dann ënnert de Pourcentage „Qualifié“ an net méi ënnert den Educateur als Non-Qualifié. Méi ass et net.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Mee d'Fraisen? Eis kaschten déi jo dann och méi?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, mee vu que datt mer 75% kréien. Déi kommen an eng aner Salairesgrupp, well se de Qualifié hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Haten déi d'Demande gemaach, oder? Well mir hunn der Fäll jo nach. Leit, déi eng Première hunn, an einfach als Non-Qualifié sinn. Stellen déi Leit da konkret eng Demande, oder kucke mir dat ëmmer erëm duerch a mir proposéiere rëm iergendeen dann, fir méi eng héich Evaluatioun ze kréien?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Also, déi zwee, déi de Qualifié do unerkannt kritt hunn, déi haten eng Demande gemaach. Lo ass et awer sou, well mir et awer gemierkt hunn, OK, do ass de Pourcentage net richtig, do hëllef mir natierlech, déi Demande do maachen. Awer do wäerte mir och an Zukunft, well mer jo do nach Leit am C hunn, fir dass dat doten ëmmer am Equilibre bleift, wäerte mer kucken, wat fir eng Leit

iwwerhaapt a Fro kommen. An et ass net bei eis d'Decisioun, ob déi Leit Qualifié ginn oder net, dat mécht de Ministère scho selwer. Mir hëllef de Leit lo, d'Demande maachen. Fir datt och en Aide-Educateur, deen awer eng Première huet, wat jo awer net näischt ass, eventuell de Qualifié unerkannt kritt. Mir hunn déi Leit um Terrain, mir wëssen, si se gutt, ass er derwäert, déi Demande ze maachen, an dann hëllef mir hinnen, fir dat an de Ministère eranzerechen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Ass de Gemengerot domadder averstanen, dass mer eis hei konforméieren? **Dat ass unanime.** Merci.

9.3. SCHAFUNG VUN ENGEM POSTEN AN DER KARRIÄR VUM AGENT POLYVALENT (KARRIÄR A3) AM STATUT VUM SALARIÉ (LAANGZÄITCHÔMEUR)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann, dee leschte Volet vum Personal an der ëffentlecher Sitzung. Dat ass d'Kreatioun vun engem Poste, vun engem Agent polyvalent an der Karriär A3 am Service Espaces verts. Bon, dat maache mer am Fong well mer e Courrier krute viru kuerzer Zäit vun der Familljen- an Integrationsministesch mat enger Demande – de Courrier ass un all Gemenge gaangen, déi Leit bei sech schaffen hunn, déi am REVIS sinn. An do war den Appell un d'Gemengen, déi Leit am REVIS hunn an och ëffentlech Aarbecht am Intérêt général maachen, am Ermiesse vun der Gemeng ze kucken, ob ee verschidde Leit, wa se verschidde Konditiounen erfëllen – ech mengen dat ass 5 Joer, dass se am REVIS sinn – eng Perspektiv ze ginn, dass se fest ugestallt ginn. A mir hunn eis geduecht, da schafe mer hei e Poste fir eng Persoun, wou mer dann och ausschreiwen. Mer brauchen och e Poste am Espaces verts, am Jardinage. Well d'Gemeng weider wiesst, déi ganz Aarbechten am Jardinage si weider wichteg. An dass mer op deem dote Wee een neie Poste schaffen. Een drop setzen, deen am REVIS ass, an där Persoun eng Perspektiv ginn. Da kann ee sech natierlech och virstellen, dass een dat dote méi rekurrent mécht, wann natierlech och d'Leit deen néidege Profil hunn. A wa mer dat doten och maachen, da musse mer och kucken, fir déi Leit, déi am REVIS sinn, wa se sech mellen, dass mer e Bilan kréie vun de Sozialaarbechter, wéi déi Leit generell evoluéieren, well ee jo och hire Profil a Consideratioun hält, fir hinnen eng Perspektiv ze gi fir en CDI ze kréien. Dat ass e bëssen de Kader, an deem mir eis befannen, fir dese Poste ze schaffen. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo Merci. Dir hutt elo d'Explikatioun ginn, dass mer engem Mënsch, deen am REVIS schafft eng Perspektiv wëlle ginn. Dat ass jo absolut luewenswäert. Mee muss dat dann net explizitt hei an där Création de poste hei definéiert ginn? Net, dass dann deen anere

seet, ma hei, ech hunn déi selwecht Qualifikatioun... Musse mer dee Posten dann net ausschreiwen, wa mir lo dee Poste besetzen? Huele mir do een aus eisem Pool vun de Leit, déi REVIS-méissig bei eis aktiv sinn?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Mir fueren iwwer Chômeurs longue durée. Am REVIS si se jo och als Chômeur ugesinn. Si si bei der Adem ageschriwwen, mee fueren iwwer dee dote Wee.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):
An da kréie mer dat och bezuelt vum...?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Dat hänkt natierlech och ëmmer dovun of, wéi al déi Persoun ass. Iwwer 50 kriss de 100%, ënner 50 ass et jo degressiv. Dat hänkt vun der Persoun, déi sech da mell.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):
Mee dat muss de net klarifizéieren an der Deskriptioun?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Souvill ech weess, net. Dat hei leeft iwwer eise Personalbüro, deen eis hei geschriwwen huet. Ech mengen net. Dat zu den Erklärungen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

10. APPROBATIOUN VUN DE CHANGEMENTER AN DER ZESUMMESETZUNG VUN DEENEN EENZELE GEMENG-KOMMISSIOUNEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Da komme mer op d'konsultativ Kommissiounen. Do ass e Wiessel bei deene Gréngen. Do ass d'Madame Monique Heinen, déi wäert d'Madame Romaine Goergen an der Schoulkommissioun ersetzen. An an de Pool vun de Remplaçante kënn den Här David Marques Marinho an den Här Sandro Farneti. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

11. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGER-MEESCHTER): Dann, éier mer an de Huis clos eriwerginn ass nach eng Fro vun der Madame Heinen un de Schäfferot wou se freet, dass se matkritt huet, dass den Ausbau vum Secteur vun de Gesondheetstechnologien, dass an der Zone d'activités zu Éilereng, respektiv ronderëm de Belval, dass déi do implantéiert sinn, dass do en Ausbau stattfënnt. Dass mer an eisem neie PAG nieft dem LNS

eng national-kommunal Aktivitéitszon geplangt hunn, Technologies de la Santé et de l'Information et des Communications. A se freet am Fong no, wéi den Interessi vu Säite vum Wirtschaftsministère wier, oder säitens vun de Betriber. Ginn et do schonn Nofroen oder Demanden? Ginn Efforte gemaach, fir Koibestrachen als Standuert fir Zukunftstechnologien ze promouvieren? A goufen et scho konkret Ufroen? A bei enger konkreter Ufro vun enger Firma, wéi séier kann dann de Statutt vun der Zone d'aménagement différé opgehewe ginn?

Richtig ass, dass mer am PAG déi doten Ausrichtung geholl hunn. Mee wat jo uewendriwwer steet, dat ass de Plan sectoriel – Zone d'activités économiques, deen déi dote Zon sou définiert an net aneschtens. Deen trëtt jo lo geschwënn definitiv a Kraaft. Alleguerten d'Plan sectoriellen. Sou dass dat doten an der Ausrichtung am PAP an och am PAG eng national Zon sollt ginn. An der Ausrichtung vun där nationaler Zon, wat se de Moment nach net ass, mee um Wee ass, fir dat ze ginn, ass souwuel de Staat Proprietär vun Terrainen, d'Gemeng Proprietär vun Terrainen an et sinn natierlech och vill a méi Privatleit Proprietär vun Terrainen, wann een déi doten Zon sou wëllt entwéckelen. Et ass och richtig, dass an der Ausrichtung vun där doten Zon natierlech eng national Zon an och „à cheval“, dat hu mer am PAG sou ausgewisen, och eng kommunal Zon, déi „à cheval“ ka sinn tëschent der nationaler Zon.

Am Fong misste mer och soen, dass mer op Initiativ vum Wirtschaftsministère an och vun der Gemeng mer kierzlech zesumme souzen, fir grad dat doten unzeschwätzen. Eeben en Vue vun der nationaler Zon, déi et gëtt, fir dann eeben sech och ofzestëmmen, wéi eng Demarchen dass een hält, fir dann z.B. och déi Terrainen ze kafe vu Privatleit. Mécht de Staat dat iwwert säi Comité d'Acquisition, deen en huet? En ass jo dofir uteliert. Mécht en dat mat der Gemeng zesummen, well d'Gemeng d'Propriétaire besser kennt? Maahe mer do eng gemeinsam Demarche? An der Reunioun, déi mer mam Wirtschaftsminister haten a mat senge Servicer hu mer dat probéiert ofzestëmmen. Et soll natierlech a Richtung Zukunftstechnologie goen, et soll a Richtung Betriber goen, déi an der Recherche an am Recherche et Développement tätig sinn an och an der Recherche appliquée. Dat ass Marschroute, déi mer eis ginn hunn. Nach muss ee jo och kucken, wann een déi doten Zuel entwéckelt: Wat muss mer vu Kompensatiounsmesuren huelen? Do schwätzt dann den Ëmweltministère mat, wéi bei allen anere Projete vun Entwécklung vun där doter Zon.

Dat ass déi Approche, déi mer hei hunn. An, awer de Virdeel, de mer hei hunn - ech weess net ob et souwäit kënn - dass, wann de Plan sectoriel bis a Kraaft trëtt, dann huet och de Staat notammet, mee awer och d'Gemen-



gen, wann et zu enger Vente vun den Terrainen géif kommen natierlech och Virkafsrecht. Do spillt dann och den Droit de préemption.

Par rapport zu där Zon, déi do entsteet, hu mer d'Méiglechkeet, kommunal an och national Synergien ze huelen. Sou wéi mer et och am PAG ausgezeechent hunn. Natierlech ënner deene Viraussetzunge muss natierlech do och konkret, wann een Terrainen huet, e Remembrement gemaach ginn. Do muss e PAP kloer drop kommen. Dat heescht, actuellement, wann iergendee Betrib sech do wëll usidelen, dann ass dat alt net méiglech, well eng ganz Rei Parametere feelen, wat d'Entwécklung ugeet. An ech hunn lech elo skizzéiert, wat déi Elementer sinn, déi néideg sinn, fir dat doten ze entwéckelen. Also et kann net einfach sou e Betrib kommen a sech do entwéckelen. Ech muss och soen, dass an de leschte Jore keen ugefrot huet. Lo wou mer Kloerheet hunn, dass et eng national Zon gëtt, kann een och hei ganz kloer Demarche maachen, well de Wirtschaftsministère do um längeren Hiewel ass, mee mat der Gemeng zesummen. Well mer dat heiten zesumme wëllen ëmsetzen, fir Betriber do unzesidelen, déi der Denominatioun vum Standuert och kënnen gerecht ginn.

Da wäre mer zum Schluss ukomm vun der Séance publique.

Dans les magasins, les transports publics ou ailleurs :

NE DONNEZ AUCUNE CHANCE AUX VOLEURS À LA RUSE !



Nous conseillons :

- Gardez votre sac à main toujours fermé et ne le perdez pas de vue ;
- Utilisez les pochettes intérieures pour les objets de valeur et non pas les poches arrières de votre pantalon ;
- Ne vous laissez pas toucher ou serrer dans les bras par des inconnus ;
- Ne notez jamais vos codes PIN sur les cartes bancaires et ne gardez pas les codes secrets dans votre portefeuille ;
- Protégez-vous des regards indiscrets lorsque vous payez ou lorsque vous retirez de l'argent au distributeur de billets.

En général : Soyez vigilant lorsque des inconnus vous approchent. Les voleurs à la ruse et à la tire essaient de détourner votre attention pour pouvoir voler vos objets de valeur !

